*«Il est évident que la possibilité pour un opérateur d'accéder à un réseau de câble ou à une plate-forme satellite conditionne la possibilité du libre exercice du pluralisme des opérateurs. On ajoute à cela le développement de l'Internet, on voit qu'aujourd'hui la dimension technologique conditionne d'une façon essentielle le fonctionnement du secteur audiovisuel.» (...) C'est quelque chose que le régulateur doit à la fois comprendre et essayer de gérer. C'est pour cela que j'ai employé le terme de conflit de droit. La logique d'autorégulation cependant risque de faire trop de confiance au secteur; en revanche, le secteur le moins organisé, les spectateurs, risquent d'avoir très peu de cartes à jouer. A la limite, je dirais alors, autorégulation, si possible, corégulation si nécessaire, mais il faut qu'il y ait du recul. L'autorité de corégulation ne peut pas être limitée à gérer les accords auxquels elle est arrivée. Il faut qu'il y ait une autonomie pour pouvoir défendre les intérêts non organisés (à savoir le public) qui sont, je crois, les intérêts essentiels. »*

L'évolution technologique est ou devra être l'affaire des politiciens; ils ne se sont pas rendu compte jusqu'à présent, déplore le secrétaire général de l'UER, Jean Stock. Selon lui, la notion de contrôle va évoluer parce que tous les spectateurs se retrouveraient dans la fonction de directeur des programmes:

*«Pour organiser demain la consommation, il faudra des guides électroniques. Aujourd'hui, le guide n'est pratiquement pas présent, sauf sur quelques réseaux câblés, et sur quelques récepteurs satellites sophistiqués. Mais demain, ce sera la porte d'entrée. On a regroupé les chaînes par thème, celles qui ne seront pas dans le guide n'ont aucune chance d'être consommées régulièrement. Cela veut dire: on va devoir passer de la réglementation a posteriori à une approche a priori. Est-ce qu'il faut qu'il y ait une autorité de régulation pour décider ce qui va aller dans ce qu'on appelle le «programme guide électronique»?*

*C'est un vrai problème politique et personne ne s'est encore penché sur cette question fondamentale pour la consommation de demain. En plus, quand il y a une image télé sur Internet, est-ce que c'est de la télé ou de l'Internet? Les gens de la télé disent: c'est de l'image, c'est moi! Les gens de l'Internet disent: pas du tout, c'est un flux électronique! Ce qui veut dire: des lois et des règles différentes du devoir d'auteur au contrôle; le débat n'est pas tranché, mais il va se poser partout.»*

«On rame tous», a conclu Evelyne Lentzen à Mondorf. En effet, aucun des pays voisins semble avoir résolu le problème bien que et au moins la discussion soit en cours, comme en témoignent les propos de Monsieur Wolfgang Hahn-Cremer, «Vorsitzender der Rundfunkkommission in NRW»:

*„Wir sind zuständig allein für Radio und TV – und folgendes vermute ich mal –, nicht für Internet. Das Problem kann man an einem Beispiel deutlich machen: die berühmte-berühmte Sendung, die nie einer gesehen hat: Big Brother war eine vehemente Diskussion auch der LMA, de facto haben wir über etwas diskutiert, das bei RTL2 eine Stunde dauerte, im Internet aber 24 Stunden mit ungefähr 36 Kameras, d.h. eine permanente Beobachtung. Aber dafür waren wir nicht zuständig! Im Internet fand das, was wir diskutiert haben, in viel schlimmerem Ausmaße statt als in der Stunde, über die wir geredet haben. Das hat zu einer Diskussion geführt, zumal im Sinne des Jugendmedienschutzes, und wir sind nun dabei, einen Jugendmedienschutzstaatsvertrag zu verabschieden. Hier sollen zum ersten Mal alle Instanzen, die wir im Jugendschutz haben, zu einer Instanz zusammengefasst werden. Die LMA, die eine Führungsrolle in diesem Gremium haben werden, kriegen also auch eine Zuständigkeit fürs Internet. Das halte ich für richtig. Big Brother macht deutlich, dass es sonst zu sehr unterschiedlichen Fragen kommt.“*

En parlant de compétences, on ne saura passer sous silence un phénomène assez extraordinaire du Portugal. Dans un pays qui n'est enraciné que depuis peu dans les structures de l'Union européenne, l'autorité de régulation est compétente pour les médias audiovisuels aussi bien que pour la presse écrite. Quelles sont les raisons pour ne pas le faire au Grand-Duché et dans les pays avoisinants? Les structures sont-elles tellement figées qu'un changement équivaldrait à une petite révolution?

Force est de constater que presse écrite et médias audiovisuels ont de nombreux points en commun. Les règles générales concernant le contenu (ou bien même la publicité) s'appliquent à tous les médias: la protection des mineurs, le respect pour le droit des citoyens, la protection des œuvres européennes y font partie.

La notion de contrôle ne va cependant pas être rayée de l'ordre du jour; il doit y avoir aussi une activité liée au contrôle. Et qui dit contrôle dit aussi sanctions. La plupart des pays avoisinants disposent de catalogues comprenant différentes mesures. Voici l'exemple de la Rhénanie-du-Nord-Westphalie:

*„Der Sanktionsmechanismus ist sehr groß, wobei man allerdings sagen muss, dass er bis zum Entzug der Lizenz gehen kann, das ist eine tolle Sanktion, die hat in der BRD aber noch nie einer angewandt. Stellen Sie sich vor, wir würden RTL oder SAT1 für einen Monat schwarz blenden – und das könnten wir –, es gäbe eine unheimlich interessante Diskussion gerade bei einem Fußballsender wie SAT1 mit Millionen Zuschauern. Da wo die Sanktionen greifen, ist von der einfachen Rüge bis hin zur Ordnungswidrigkeit, wo wir Ordnungsgelder verhängen können. Bestimmte Bereiche von Programm- oder Werbeverstößen können wir mit Ordnungsgeldern belegen. Das ist, wenn es in die Millionenbeträge geht, natürlich hochinteressant. Das führt dazu, dass der Veranstalter meistens vor ein deutsches Verwaltungsgericht zieht, aber in der letzten Zeit haben wir vor Verwaltungsgerichten auch recht bekommen.“*



*Die Größenordnungen sind manchmal exorbitant: wir haben den größten Fall gehabt mit RTL in Niedersachsen: da wurde ein Ordnungsgeld von 16 Millionen DM verhängt. Das Verwaltungsgericht hat es auf 10 Millionen beschränkt. Eine Rüge steckt man weg, deshalb haben wir mittlerweile auch das Recht, dass wir die Rüge auch via Presse verkünden und wir können dem jeweiligen Sender auch auferlegen, dass er diese Rüge verkünden muss. Das haben wir auch schon bei einigen Radiosendern gemacht: dann muss er in der Primetime mitteilen, dass die LMA gegen ihn eine Rüge verhängt hat. Auch das ist ein Mittel, mit dem man arbeiten kann."*

Quelles conclusions faut-il en tirer pour le Grand-Duché?

On devra peaufiner les notions d'«accompagnement» et d'«a priori» et pour cela, les travaux sur le chantier de la nouvelle loi sur les médias semblent être le terrain adéquat.

Un accompagnement pourra se présenter sous différentes formes: p.ex. par le biais de la participation à la rédaction du cahier des charges, de codes de conduite, de guides de programme électroniques, par le biais de la promotion aussi de certains projets, p.ex. dans le domaine de l'éducation aux médias (cf. conclusions table ronde nationale 3). Une adaptation des moyens financiers s'impose dès lors.

Les nouvelles technologies telles que l'Internet sont plus que jamais à la Une de l'actualité audiovisuelle. A l'exemple de leurs collègues allemands, les membres du CNP sont convaincus qu'ils devront s'y consacrer à l'avenir. Big Brother a fourni l'exemple le plus frappant d'une interactivité croissante entre les différents médias. Le problème se pose à l'heure actuelle au Grand-Duché avec la vague de SMS submergeant les émissions télévisées pour jeunes.

Une intégration du CNP dans des structures internationales telles que l'EPRA semble plus que jamais de mise. Comme dans d'autres matières, le contexte européen revêt une importance de plus en plus fondamentale. On ne saurait le contourner à l'avenir!

## Verbatim Table ronde nationale 1, Jean Geisbusch

### « La libéralisation depuis 1991 »

#### **Jean Geisbusch :**

Et freet ons, dass Ären Intérêt fir dëse Forum grouss as, sou dass mer och dëse Sujet eng Kéier kënnen mat engem grouse Public diskutéieren. De But vun dëser Table ronde, grad wéi vun deenen déi elo parallel laafen, as fir der Politik Idee mat op de Wee ze ginn. Dir wësst, dass de Moment an der Mediekommissioun vun der Chamber d'Diskussioun am gang as, fir d'Mediegesetz ze reforméieren, unzepassen un déi nei technologesch Données awer och anere Verännerungen an der audiovisueller Landschaft Rechnung ze droen. Wéi Dir wësst, hate mer wëlles den Débat ronderem drei verschidden Axen ze féieren.

- 1) e klenge Bilan ze machen vum Gesetz vun 91
- 2) den Ist-Zoustand vun haut ze beliichten an
- 3) ausgange vun deër Situatioun, ze beliichten, dass e reforméiert Mediegesetz sech misst bewegen.

Dorunner hängt natiirlech d'Fro vun der Publicitéit, vum Accès un d'Publicitéit a parallel dozou eng Fro, déi hei zu Lëtzebuerg ganz stark diskutéiert get, déi vun der „Aide à la presse“, wou och eventuell sech munches an Zukunft ka bewegen.

Ech wëllt Iech ganz kurz ons Invités virstellen:

- D'Madame Danièle Fonck, Directrice adjointe vun Editpress
- Den Här Fernand Weides, Direkter vum soziokulturelle Radio, fréiere President vum Conseil de Presse
- Den Här Jean-Claude Bintz vun Everyday Media
- Den Här Robert Garcia, Deputéierten vun « Déi Gréng », Member vun der Mediekommissioun
- Den Här Laurent Mosar, President vun der Mediekommissioun vun der Chamber
- Et fehlt: den Här Fernand Guelf vu Kueb TV
- Den Här Lou Scheider, Direkter vun IP
- Den Här Alain Berwick, Programmdirekter vun RTL Radio an Télé Lëtzebuerg
- Den Här Claude Nesser, Co-Associé vu Binsfeld Communication

Dir wonnert Iech vleit, dass de Groupe Saint-Paul net hei vertrueden as, dat as net onse Fehler. Den Här Zimmer war invitéiert, huet awer ofgesot op eng relativ barsch Art a Weis, déi ech Iech net wëllt virethalen. Hien huet gemengt, de Groupe Saint-Paul géif souwiesou kee Fernseh machen. Ech hunn him gesot, et géif net dorëms goen, mee mir wëllten mat him diskutéieren, vu que dass hien nach emmer als Papp vun deem Gesetz vun 91 considéiert get. Hien huet awer gemengt, mir sollen ons Kiirmes mat Juncker a Christiansen aleng machen. Doropshin hunn ech gefrot, op hien net kënnt den Här Morbach delegéieren; do huet hie gesot, hien hätt him et ugebueden an den Här Morbach wier och rosen, dass mir hien net gefrot hätten, vu que dass hie jo schon zanter 20 Joer déi eenzeg lëtzebuerger Fernsehzeitung am gang as opzebauen. Ech mengen, ech war Iech des Explicatioune schëlleg, wëll mer am Conseil National des Programmes versicht hunn, e gewëssen Equiliber ze garantéieren an den Tables rondes an deen as elo e bëssen an der

Schieflag, mee wéi een sou schéi seet, déi, déi net do sinn, sinn zumindest zum Deel selwer dofir verantwortlech. Dat soll eis awer net drun hënneren, direkt zum eischte Punkt ze kommen:

1) Wat huet d'Gesetz vun 91 bruecht?

Ech resuméiere ganz kurz wéi eng Haptchangementer an der Medielandschaft passéiert sinn. Engerseits huet RTL sei Monopol zwar verluer, d'Positioun vun RTL as awer durch e Konzessiounsvertrag an e Cahier des charges consolidéiert ginn. De facto hu mir e bëssen eng speziell Situatioun hei zu Lëtzebuerg. Nämlech déi, dass eng privat Chaîne d'Missiounne vun engem Service public huet.

2) En ëffentlech-rechtliche soziokulturelle Radio as agefouert ginn.

3) 4 regional Frequenzen, Radioën hunn eng Autorisatioun kritt, eng Reih vu lokal Radioë goufe genehmegt.

Fir Lëtzebuerg war dat eng Revolutioun. Elo misste mir kucken, wouzou dat Gesetz gefouert huet a wou mer haut stinn. Wann den Här Zimmer hei gewiecht wier, hätt ech him déi eischt Fro gestallt, vu que dass hie jo als Papp vum Gesetz consideréiert get. Ech hätt hie gefrot, op hien haut 10 Joer dono mat sengem Kand zefridde wier. Duerfir stellen ech elo dem Här Mosar d'Fro. Ofgesinn vum finanziellen Aspekt, sidd Dir der Meenung, dass dat Gesetz de Pluralismus hei zu Lëtzebuerg verbessert huet?

### **Laurent Mosar:**

Ech géif ganz kloer soen, och wann et net mei Kand as, et as awer e Kand wat entretemps grouss ginn as a wat eng gutt Evolutioun matgemach huet. Déi Haptobjektiver, déi d'Gesetz sollt ereeche, sinn ereecht ginn. Sëcherlech huet dat Gesetz och eng Reih vun Defizienzen, déi awer hauptsächlech mat der Evolutioun vun der ganzer Problematik ze dinn hunn, opzeweisen; mee, nach mengen ech, dass déi grouss Avantagen predominant sinn.

Ech géif vleit zwee, drei Punkten erausstreichen. Een as ugeschwat ginn, de Mediepluralismus as garantéiert ginn suwuel um Niveau vun de Radioën wéi och den Televisiounen. Ech mengen och, dass déi verschidde Radioën, déi do Konzessiounen kritt hunn, a sech réusséiert sinn, och wa vleit déi eng oder aner méi Problemer domadden haten. Wann een awer eis Radiolandschaft am Moment kuckt, as et eng déi net sou schlecht as. Jiddfer Radio huet op seng Maneier e gewëssene Succès kritt, sou dass ech dat a sech géif global positiv duerstellen. Wat d'Teléslandschaft ubetrëfft, sou mengen ech och, dass iwwe de Wee vum Konzessiounsvertrag, deen d'lëtzebuenger Regierung mat der CLT-Ufa ofgeschloss huet, domadden och e Service public garantéiert ginn as. Sëcherlech kann een elo lang Diskussiounen féieren iwwe d'Qualitéit vun deem Service public, nach mengen ech, an dat as net fir engem Blummen ze streën, as dee Service public net sou schlecht, d'autant plus wann een déi Moyens kuckt, déi do zur Verfügung stinn. A wann een dat mat ähnlechen Televisiounen, déi e Service public am Ausland assuréiere, vergleicht, fannen ech, dass dat a sech eng relativ positiv Saach as. De Spectateur an den Auditeur kritt a sech en Service garantéiert, deen ech net schlecht fannen.

Ech wëll och nach e Wuert verléieren iwwe de soziokulturelle Radio, wat och eng wichteg Institution as am Mediesecteur, wëll e garanteiert, dass do och eng Nischepolitik gemach get. Do ginn eng Reih vu Sendunge gemach, déi wahrscheinlech op engem kommerzielle Sender keng Plaz géife fannen an ech mengen och, dass do sech d'Qualitéit, besonnech an de leschte Méint a Joeren, susbtantiell verbessert huet; global géif ech also soen, dass dat Mediegesetz réusséiert huet. Nach mengen ech awer, dass et elo dépasséiert as an dass et urgent as, dass mer eis Gedanken iwwe e neit Gesetz machen. Eent wat och déi nei Technologien mat a Betruecht hëllt.

### **Jean Geisbusch:**

Här Weides, Dir sidd ugeschwat, den Här Mosar seet, Dir géift an enger Nische setzen. Füllt Dir Iech do éischer als Grashüter vun engem soziokulturelle Radio oder kënnt Dir dem Här Mosar seng Meenung deelen, dass d'Landschaft beliewt ginn as?

### **Fernand Weides:**

Wéi elo bedauert ginn as, dass den Här Zimmer als Papp vum Gesetz net dobei as, sou wëll ech soen, dass ech méi wéi eng Kaap ophunn an dass ech scho lang dobei sinn. An ech hunn deemols lang mam Här Zimmer an mat villen anere Leit zesummegeess, fir un deem Gesetz ze schaffen. An dat op e puer Seiten. Ech hunn déi Zeit d'Editeurs vun der geschriwwener Press vertrat an mir hate vill a gutt Diskussiounen, an et as dat Gesetz dobei erauskomm wat elo do as; an dat as et och opgrond vun enger Orientéierungsdebat an der Chamber an entspreichende Motiounen. Ech wëll soen, wann ech e Bléck zëreckgeheien op dat Gesetz, stellen ech mir am Fong geholl d'Fro: Wat hu mer dann un deem Gesetz ze änneren? Et as jo gutt ! Komm mir fueren esou virun. Et war deemols un d'Gegebenheeten ugepasst, et war eng Demande do op e puer Pläng an deër Demande as een och nokomm. D'Gesetz war net schëlleg un der Grënnung vun dësem oder deem Radio, d'Gesetz huet de Kader geschaaf, mat Ausnahm vum soziokulturelle Radio an RTL, déi hier dominant Positioun per Gesetz ratifizéiert kruten, mee déi aner Radioë sinn entstan opgrond vun enger Décisioun vun der Commission Indépendante de la Radiodiffusion. Mir hätten och deemols kënne 4 aner Réseaux kréien, wéi déi, déi mer elo kritt hunn; et waren 8, 9 Kandidaturen do, sou dass et och eigentlech hätt kënne anescht ausgoen. Ech mengen och, wat den Här Mosar gesot huet, dass déi Radioën, - an ech war selwer Grënner vun engem vun deene Radioën -, hier Fonktiounen sou oder sou erfëllt hunn, déi eng méi, déi aner manner.

Wat de soziokulturelle Radio ubelant, wann een zëreckkuckt op dat Gesetz, dann hat et drei grouss Volets. Dat éischt war den Zant vum der Zeit: de Monopol vun RTL as durch dat Gesetz opgehewe ginn. Dat zweet: et si verschidden Institutionen an d'Plaz gesat ginn, notamment de CNP, mee och nach anerer, déi dono oeuvréiert hunn, wat och en Novum fir Lëtzebuerg war, wëll bis dohi war den audiovisuelle Secteur exclusiv fir d'Regierung reservéiert, déi mat enger Konzessioun operéiert huet vis-à-vis vun RTL. An dat drëtt war, dass mer zwar zanter 1931 eng Privatgesellschaft haten mat enger „Mission de Service public“, mee dass e Secteur public am Audiovisuelle créeiert gouf a Form vun engem ganz bescheidenen „Etablissement de radiodiffusion socioculturel“ an déi Nominatioun „socioculturel“ schränkt an engems e bëssen d'Portée vun deem Radio an. Déi aner Seit as, wann de soziokulturelle Radio Nischepolitik bedriwt - do kann een zum Deel domad d'accord sinn- sou as et awer och, dass e vun Ufank un net déi richteg Bewegungsmoyens krut, fir kënne voll ze operéieren. En as fir d'éischt emol niddergelooss ginn an de Localitéite vun RTL, wat vleit praktesch war, mee doru gekoppelt war eng fatal Sach, dass de Radio nëmmen huet dierfe mettes senden zu deenen allgemeng unerkannt schlechtesten Zeiten, déi et fir e Radio get. An en huet dat misse maachen bis den 30. Juni 1997, wou en dann endlech konnt e 24-Stonne Programm maachen. Vu que dass ech net am Ufank bei deem Radio dobei war, kann ech och net iwuer déi eischt Schwierigkeete schwetzen, mee ech weess jhust, dass dat e ganz wesentlechen Handikap woar, engerseits wëll et en halwe Programm, anererseits wëll et keng gutt Zeite woren a wëll et gemëscht war op enger Frequenz mat engem anere Programm kommerzieller Art, wou eng zousätzlech Confusioun geschaaf woar, déi mer dunn erreicht endülteg 1997 opgehewen hunn, wéi de soziokulturelle Radio sei 24 Stonne-Programm gemach huet. A vun do un konnt en sech eigentlech erreicht voll entwëckelen. Ech ënnerstreich nach emol, vu 97 bis elo as keng sou

eng laang Zeit an en (100,7) as, wéi den Här Mosar gesot huet, an der Entwëcklung, an ech géif soen, an der gudder Entwëcklung no uewen.

### **Jean Geisbusch:**

Merci Här Weides, ech mengen, en as mettlerweil jo och vun der Politik unerkannt, d'Gesetzpropositioun fir Iech de Krunn zouzedréinen as mettlerweil zreckgezunn, sou dass d'Politik no enger relativ schwiereger Ulafzeit unerkennt, dass dee soziokulturelle Radio seng Existenzberechtigung haut huet.

Madame Fonck, Dir kuckt déi Entwëcklung vun de leschten 10 Joer wahrscheinlech méi aus der Distanz, Dir hut zwar och eng Reih vun Entwëcklungen an de leschte Joere matgemach, déi sech awer hauptsächlech am Bereich vun de Printmedien ofgespillt hunn. Wéi jugéiert Dir méi aus der Distanz, an e bësse vun der Pressehällef gesteipt (dat soen ech elo net polemesch!), wéi gesidd Dir d'Entwëcklung am qualitative Bereich vun deene neie Radioën dorun ugehang déi Teléen, déi déi leschte Méint entstan sinn?

### **Danièle Fonck:**

Här President, aus der Distanz schon, et as wouer, dass ech aus der Welt vun der geschriwwener Press kommen, net awer sou ganz weit ewech, mee un der Diskussioun iwwert dat Gesetz hunn d'Editeurs ganz stark matgeschafft. Doriwwer eraus as d'Diskussioun jo och déi, ze kucken, wéi eng Pressehäiser mësche mat am Radiosgeschäft a mir woren eent vun deenen Häiser (Editpress), dat versicht huet, e Radio op d'Been ze setzen. A wann den Här Weides sot, dass hien ee vun de Grënner wor vu sou engem Radio, da war dat an der Qualitéit als Matarbechter vum Groupe Editpress, an zwar war dat d'Grënnung vun der Gesellschaft „Luxradio“, déi den Eldorado nach haut erausget a wann ech op dësem Dësch setzen, kann ech vleit nach eng Kaap mat undoen, grad wéi den Här Berwick, dee vun der CLT a vun RTL hei setzt, mee dee co-gérant oder administrateur vu „Luxradio“ as, ech och. Dat as also eng gemeinsam Arbecht déi mir maachen. D.h. mir hu schon mat Radiosgeschäft ze dinn.

Ganz am Ufank hut Dir gesot, den Här Zimmer as net hei, hien as Papp vun deem Gesetz; nee, ech mengen, e Gesetz as dat vun enger Regierung an d'Fonctionnaire schaffe Gesetzer aus, dofir gi se bezuelt. Ech fannen dohir net, dass Fonctionnaire Päpp si vu Gesetzer (dat emol allgemeng!). Et mussen doriwwer eraus e ganze Koup Leit hieren Input brengen, an dat waren d'Journalisten, et woren d'Editeurs. A wann dat Gesetz sou ausgeseit wéi et ausgeseit, e.a. wann Dir den Artikel 34 huelt, dat as en Artikel wou d'Editeurs ganz staark drop gepocht hunn an deen Artikel as och esou an dat Gesetz erakomm...

### **Jean Geisbusch:**

...Dir kënt de Leit deen Artikel vleit kurz resuméieren, wëll e ganz interessant as...

### **Danièle Fonck:**

...en as ganz kurz, dofir kann ech e vleit liesen: « Ressources publicitaires de la presse écrite: ...une commission composée de délégués du gouvernement, de représentants des éditeurs d'organes de presse bénéficiant du régime de promotion de la presse écrite et d'experts choisis d'un commun accord et chargés de surveiller et d'évaluer les conséquences que l'introduction de nouveaux programmes de radios sonores et de télévisions aura sur les ressources publicitaires des organes de presse bénéficiant du régime de promotion de la presse écrite (...) » An op dee Punkt wëll ech pochen : dat Gesetz wat mer hunn as net eng « aide à la presse », mee eng « promotion à la presse », dat as wichteg, dat as en

Ënnerscheed an et get et an all den europäesche Länner. « ...et de proposer, le cas échéant, une compensation à charge du budget de l'Etat ». Dat as e ganz wichtige Punkt, wëll wat as mat deem Gesetz geschitt? Dat Gesetz huet d'Possibilitäten opgemaach fir Radioën an Televisiounen an die och parfaitement funktionéieren. Speider as de soziokulturelle Radio dobeikomm, deen e qualitativen Apport war an ech hätt och léiwer dat als Terme wie en „Nischeradio“. Et war och do de Wëllen vum Législateur, e qualitativt Argument eranzubringen. Mat Gesetz muss ee jo ëmmer kucken, wat wëll een? Wëll en an eng bestëmmte Richtung goen, da ginn et technesch Problemer ze léisen, da ginn et finanziell Problemer ze léisen. Mee da get et doriwwer eraus nach ëmmer deen anere Geescht vun engem Gesetz: wéi eng Gesellschaft wëll een? Dofir as schon d'Schaafe vum soziokulturelle Radio e wichtige Punkt. Et soll een dat och an Zukunft esou gesinn.

Fir d'geschriwwene Presse huet sech dunn d'Fro gestallt – RTL hu mer kannt, mir wousste wat Radio Lëtzebuerg wier, och um Publicitéitsmoart, d'Televisioun war lang Zeit op e Sonndesprogramm begrenzt, dee praktesch durch de Jean Octave représentéiert gouf an op eng Kéier as se all Dag komm, et sinn Nouvelle komm – an dunn huet sech d'Fro vun der Publicitéit gestallt. Elo as et jo esou, dass Télé Lëtzebuerg kann um Moart Publicitéit huelen, allerdengs dierf een net vergiessen, dass d'CLT och un e Plafong gebonne gouf. An dat ka vleit an engem speidere Punkt mei developpéiert ginn. Mee d'Presseorganer hu sech da bien entendu d'Fro gestallt: „Wat geschitt mat ons, wann elo méi Radioën do sinn, déi wëlle vun der Publicitéit liewen, wann eng Televisioun all Dag do as a wëll vun der Publicitéit liewen? Wiisst dann de Kuch vun der Publicitéit? D.h. kann nach jiddereen dat nämlecht kreien oder suggerer méi oder bleiwt de Kuch deen nämlechten an d'Stécker gi ganz einfach méi kleng, d.h. kënne mer nach liewen?

70% vun de Revenus vun den Zeitungen kommen aus der Publicitéit an nëmmen 30%, grosso modo, kommen aus der Vente vun der Zeitung; eng knapp 5% kommen vun der „Promotion à la presse écrite“. Dat as eigentlech ganz wéineg a wat d'Betreiber mei grouss sinn, wat déi Zuel jo mei relativ as, wann een dat am Gesamtpak kuckt vun de Coûts, déi een an enger Zeitung huet.

Wien kontrolléiert dat? Wie kuckt op dat Gesetz à terme schiedlech as oder net? Deen Observatoire, dee geschaaf gouf, funktionéiert: dat as also eng Kommissioun vun der „Pige publicitaire“, déi regelméisseg zesummekënnt, déi och vu Fonctionnairen vum Ministère d'Etat presidéiert gëtt. D'ILRES as mat der „Pige“ beoptragt an déi schaffen en Dokument aus, wat „Publinvest“ heescht. Dat hält fest, wat vu Publicitéit an der geschriwwener an der geschwate Presse as. Et get ee Radio, dee seng Chiffren net matdeelt, et schengt also eng « Lex Saint-Paul » ze ginn hei am Land, dat as den DNR a Radio Latina, dee ganz kleng as an och vu Saint-Paul kontrolléiert get. Den DNR as wichtig, wëll et jo e relativ „grousse, kleng“ Radio as. Firwat deelt hien séng Zuele net mat? Ech hunn elo nach die lescht Rapports gelies vun enger Kommissioun, die die kompetent Fonctionnairen ageruff hat an do as d'Explicatioun folgend: „ Den DNR ka seng Chiffren net matdeelen pour des raisons informatiques“. Et schengt wie wann dee gréisste Pressebetrieb hei am Land en informatesche System hätt, deen net à même wier, korrekt Zuelen z'erfaassen. Ech loossen dat dohgestallt, mee normal sinn déi Saachen net.

Ech kommen nach eng Kéier drop zereck, wat mer an de leschten 10 Joer durch déi Publinvest gesinn hunn. An de leschten 10 Joer sinn d'Revenus vun der Publicitéit gewues, d.h., trotzdem dass d'Televisioun all Dag kënnt, trotzdem dass et mei Radioë get, huet déi geschriwwene Presse net u Publicitéit agebéisst. Allerdengs, sinn se proportionnell manner staark gewues. Mee dat wat an de leschten 10 Joer war, dat muss net haut sinn, dat muss net muer sinn ënner neie Bedingungen. An duerfir géif ech et och vireileg fannen, wann ee

géif soen: "Wëll jo an de leschten 10 Joer neischt geschitt as, da kënne mer jo eigentlech sou weiderfueren wéi et as. Neen, et weess een net, wat geschitt. De Marché vun der Publicitéit as ee konjunkturellen. A mir si momentan an enger Situatioun wou d'Publicitéit ganz staark Abrech huet. Déi Gréisstenuerdungen si bei -40% an der Belsch, bei -25% an der Presse parisienne, sie si bei -20-25% an der Presse régionale française, sie si bei -25% an Däitschland an sie dréinen och zanter kurzem an deene Gréisstenuerdungen hei zu Lëtzebuerg. Et huet ee Moment geschéngt, Enn vum leschte Joer, wéi wa Lëtzebuerg geif verschount ginn, mee, dee berühmten Abroch nom 11. September as de Moment och voll a ganz zu Lëtzebuerg. Déi aner Leit, déi hei um Dësch sinn a mat Publicitéit ze dinn hunn, wëssen dat ganz genau. Dat sinn einfach Realitéiten, mat deenen ee muss liewen. D'Presse écrite as eppes Fragiles, mee d'Presse écrite as nach ëmmer de Fundament vun all Pluralismus a vun der Demokratie a sie as och nach ëmmer dat wat de Fong, d'Qualitéit mecht, ganz einfach wëll se et ka maachen, wat audiovisuell Medien, durch d'Zeit un déi se gebonne sinn, net kënne maachen. An dofir as et extrem wichteg, dat am Aen ze behalen.

### **Jean Geisbusch:**

Mir wäerten an der Diskussioun nach op déi Fro zeréckkommen. Ech wollt virdrun awer dee qualitative Bilan vleit nach e bësse méi breed faassen. Ech mengen, déi Fro iwwe den Artikel 34 wäert eng ganz wesentlech ginn, wëll deen Artikel jo och vun enger Reih Leit a Fro gestallt get an och d'Entwécklung vum Publicitéitskuch, wou den Här Scheider eis herno interessant Detailler wäert liwweren, do komme mer herno drop zereck.

Här Garcia, ech stellen Iech direkt eng duebel Fro. Déi eischt betrefft déi regional Radioën. Dir hut bis elo héieren, vun deene Leit, déi hier Meenung gesot hunn, dass déi Evaluatioun éischer positiv ausgeseit. Wéi schätzt Dir d'Ist-Situatioun fir déi regional Radioën an? An dann hänken ech eng Fro hannendrun, déi mei explosiv as. Dir hut an engem Artikel, den 22. Februar, geschriwwen, d'Mediekommissioun vun der Chamber wier sech unanimement eens, dass, ouni dass Dir d'Sendungen genannt hut, „des débilites audiovisuelles“ géifen diffuséiert ginn. Kënnt Dir ons dat vleit erklären?

### **Robert Garcia:**

Bei der eischer Fro si mer nach bei der Radiosarcheologie an do as et ëmmer witzeg ze gesinn, wéivill Kaapen, Zylinderen an Helmen d'Leit hei ronderem den Dësch unhaten an ech hat deemols jo och aner Kaapen un. Ech wëll vleit en inhaltleche Bilan machen vun der Liberaliséierung, wëll déi Partei, wou ech dra sinn, an och déi Medien, déi mer deemols nostungen, ware méi interesséiert um Inhalt wéi elo vleit un der Distributioun vu Sendungen oder Publicitéitsakommes.

Am Virfeld as immens vill gebaggert gi fir dat Gesetz. Do huet d'Madame Fonck scho recht, et as net d'Gesetz vum Här Zimmer, obwuel deen natirlech do entscheidend war, wëll d'Marque vun de Beamten an eisem Land jo relativ heij as. Mee, et as immens vill gebaggert ginn, an déi eng hate méi breed Baggeren, déi aner mei schmueler. Am Endeffekt waren inhaltlech déi meescht Leit zefridde wat de Radiobereich betrëfft an zwar hauptsächlech dowéinst wëll durch déi Commission indépendante de Pluralismus net interpretéiert gouf dodurch, dass all Zeitung elo sei Radio kritt, mee et eigentlech à la source interpretéiert ginn as, dass à la source quasi all interessant Zielgrupp eigentlech sei Radio krut. Jugendlech Emigranten, déi alternativ Szene, Robert Krieps-Héritage-Verwalter „socioculturelle“, et war jiddereen zefridden. Mee ech hunn nach eng Kéier nogelies, deemols hu mir schon an der Chamber gesot, dat as zwar ganz interessant, mee kommerziell as dat net fiabel. A wann een elo seet, dat as inhaltlech plus ou moins e Succès, da muss ee soen, dass sech dat

erfüllt huet, wat mir schon deemols gesot hunn. Wann ech liesen, dass deen eenzege Radio, dee schwarz Zuele vun de Réseauxradioë schreiw, dat as den Eldorado, deen huet nach mengen ech 40 Milliounen Perten. A vun all deene Radioë sinn der drei, die eigentlech verquickt mat aner groussen Imperie sinn, sief et RTL oder sief et d'Wort. An den Ara as eigentlech deen, deen total onofhängeg as an deen dementspreechend bei 3 Milliounen Flux vegetéiert an och dementspreechend Schwiergekeeten huet. Sou dass ee kann soen, dass kommerziell gesinn dat Gesetz e Flop as. Mir haten deemols och scho monéiert, dass dat durch dee Carton vun deenen s.à.r.l. virprogramméiert woar.

Et huet mech och guer net gewonnert- mir haten an der Mediekommissioun déi Klagemauer, wou all d'Leit gepilgert koumen- an witzegerweis ausser dem Ara huet op eemol all Mënsch vu Pressehëllef geschwat. T'ass jo scho symptomatesch, do mierkt ee jo, dass do eppes net gelaf as. Egal wéi een elo den Artikel 34 ännert oder beibehält oder faale léisst, dat as einfach e Problem, dee sech mat der Spezificitéit vun eisem Marché ëmmer wärt stellen.

Kurz zu der zweeter Fro. Do hut Dir mech falsch zitéiert, wëll ech hu net gesot, dass Unanimitéit bei der Kommissioun gewiecht wier, mee eng Majoritéit vun de Membren hätten a Gespréicher festgestallt, dass et en Hang géif ginn zu qualitativem Erfolge vum den Programmen an dat war am Kontext ze gesinn mat der Iddi, die iwwregens de Conseil National des Programmes an d'Landschaft gesat hat...

### **Alain Berwick:**

... kënt Dir eis vleit soen, wat Qualitéit as, da kënne mer vleit matschwetzen?

### **Robert Garcia:**

Ech kann elo net déi Diskussioun vum der Kommissioun hei eremginn. Dat waren einfach sou Gespréicher ronderëm. Mee et huet ee gespuert, dass een nierwt deenen aktuellen Mainstreamprogrammer vun RTL z.B., vun Norichten dei sech un e Grand public riichten, dass à l'instar vum soziokulturelle Sender, et och interessant wier, Sendungen ze machen, déi op Lëtzebuerg bezu wieren op dem Niveau vun engem Arte. An do war d'Gespréich gewiecht, fir eventuell en 100,7 TV ze maachen an do war eng Unanimitéit an der Kommissioun, fir net an die Richtung ze goen.

### **Alain Berwick:**

Ech mengen, mir mëschen hei ganz vill Saache mateneen.

### **Jean Geisbusch:**

Här Berwick, ech ginn Iech direkt d'Wuert, ech wollt Iech et souwiesou ginn, ech mengen, den Här Garcia huet elo net ganz prezis op den zweeten Deel vu menger Fro geäntwert. Dir hut den Artikel mat Sëcherheet gelies. Ech ginn dovun aus, wann ech e richteg interpretéiert hunn, dass do zwou Sendungen viséiert sinn, déi Dir ausstrahlt (RTL) an eng vun Tango TV. Wéi gesidd Dir do deen Equiliber, wou Dir ëmmer musst hantéieren zwëschen dem „culturel“, dem Service public, an anererseits dem „commercial, marketing?“

### **Alain Berwick:**

Ech wëll jhust eng Kéier kurz hannerzech goen. Dee Bilan, deen den Här Garcia gezun huet, as och dee fir eis, hauptsächlech am Radiobereich, wou op der enger Seit de Public seng



Satisfioun wahrscheinlech mat de Contents huet; mee op der aner Seit as keen, deen an de Radioë Sue verdängt, och net RTL, och net den DNR, de soziokulturellen huet keng Revenus, Eldoradio leit bei „break-even“, eng Kéier driwwer, eng Kéier drënner, mee et as keen dee Sue verdängt. Also as et berechtigt, dass déi Radioën och „aide à la presse“ froen, awer no Critèren, déi vleit anerer sinn wéi an der Presse, wou mer mengen, dass vleit net onbedengt dee gréissten am meeschte Sue muss kréien, mee dass am Fong vleit no Critèren definéiert géif, wou vleit e Museksender wéi den Eldoradio, no deene Critèren, wou een deemols seng Lizenz oder sei Cahier de charges krut, wann en dat erfëllt, en och dementspreechend Aides kréich.

Den zweete Punkt dann, dee vun der Qualitéit. Do si mir erstaunt iwwer d'Diskussioun, ob dat an enger Chamberkommissioun as, ob dat - gëschter owend koum dat och gutt zum Virschéin - wat as Qualitéit? D'Qualitéit get oft verglach mat soziokulturelle Contents. Déi wore bis elo nie d'Missioun vun RTL. Weder um Radio, nach op der Télé. Mir sinn e Generalisteradio op RTL Radio Lëtzebuerg, mir sinn eng Generalistechaîne op Télé Lëtzebuerg, mir hunn e Budget 95 bei Télé Lëtzebuerg kritt, deen 10% manner héij wor wie RTL Hei Elei. D.h., et as e Kader geschaaf ginn, dass mer net zevill solle réusséieren. Et as e Kader geschaf ginn, wou mer Moyens haten – ech mengen, den Här Mosar huet dat richteg gesot- die kleng sinn, a mat deene Moyens get probéiert, dat Besch, wat dat och heescht, ze machen. Besch vleit an Termes d'audience, Besch an Termes vu Satisfioun vum grand public, Besch an Termes awer och vun engem Respekt vun engem Cahier des charges. Op deen elo contraignant genuch as oder net, doriwwer as gëschter owend och geschwat ginn an do komme mer och gär drop zéreck, wëll mir jo och vleit an der Hinsicht Demanden hunn. Op der aner Seit as et eng total falsch Debatte, die oft gefouert get an och vu Leit, die sëcher net d'Kompetenz hu fir se ze féieren, wéi de Conseil National des Programmes dat och an de leschte Joeren bewisen huet iwwer Qualitéit bei RTL Radio an Télé Lëtzebuerg. Do misst ee fir d'eischt Critèren definéieren, kucken, ob déi Critèren respektéiert ginn, mee Qualitéit get permanent mat soziokulturelle Contents verglach.

Den zweete Punkt as, dass wann RTL e Media as, deen e Grand public wëll ereeche an och déi Missioun huet (et steet am Cahier des charges: „...toucher un public le plus large possible...“). Mir halen eis extrem un e Cahier des charges, mir hunn eis gewiert mat der Arrivée vun den neie Radioën, mee mir hu kee Punkt Audienz verluer, mir hu suguer nach beigeluecht. D'Joer 2001 as gefeiert ginn bei RTL, wëll Radio Lëtzebuerg méi Audienz hat wie virdrun. Méi Audienz wëll sëcher net soen, méi Qualitéit. Do sinn ech och ganz d'accord mat deem, wat gëschter owend gesot gouf: wa 5 Milliounen Leit d'Bild-Zeitung liesen, as duerfir Bild-Zeitung Qualitéit? Et entsprécht awer sëcher emol engem Wonsch vun enger gewësser Cible a vun engem Publikum. Trotzdem geet RTL awer och Weër wou e sei Public fret, ob en zefridden as, ob RTL impartial, neutral, prezis a fiabel as. RTL fret de Public, ob en e positiven Image refléiert, ob en utile Informatiounen iwwer Lëtzebuerg get. Dat maache mer regelméisseg. Do sinn iwwer d'Ilres 3500 Leit gefrot an do gesi mer dat den Degré de satisfaction tëscht 60 a 90% léit. Mir hunn RTL awer och quantitativ a qualitativ gemooss mat iwwer 30 Critèren par rapport zu der Dagespresse zu Lëtzebuerg. Do kënnt RTL ëmmer besser ewech. Dat heescht, dass de Grand public seet, RTL huet méi Qualitéit. Duerfir sinn ech ëmmer erstaunt, dass a kleng Gruppen iwwer RTL a seng Qualitéit geschwat get oder e CNP, deen absolut keng Kompetenzen doranner huet; en huet emol keng Base légale, fir Blâmen auszeschwetzen, fir Pressecommuniqués ze machen; do attribuieren Leit sech Kompetenzen, déi se net hunn an engem Fond de commerce schuede wëllen. Sie schueden em zwar net, et get eppes anescht domad ereecht, wëll de Grand public seet, RTL kritt gären e Maulkuerw ugedoen, also musse mer dei lauschteren a kucken. Ech mëschen hei och e puer Saache mateneen, mee ech wëll awer jhust soen, dat bei RTL trotzdem anescht geschafft get, dass d'Leit hier Meenung gefrot ginn, mee net wie

emmer geduecht gett, jhust quantitativ, mee och qualitativ. Mir sinn souweit gang, dass mer gefrot hunn: "Hätt Dir gär, dass en aneren Opérateur wie RTL, Radio oder Télé mecht?". Do soen 64% vun de Leit, si hätte gär, dass RTL, Radio an Télé mecht, 14% wëssen et net, 20% eng aner Source an 2% hunn divergent Meenungen.

En drette Punkt as deen, dass mer e Cahier des charges hunn, dat as eng hallew Stonn News op der Télé, Sport a Kultur. RTL as och Demandeur fir méi ze maachen, muss awer och d'Moyens kréien, fir méi ze maachen. RTL huet och informell gefrot gehat un d'Regierung, huet dat och an der Chamberkommissioun gesot, wärt dat och an de nächste Woche schreiwen, dass RTL Télé no 20 Auer wéilt Contents machen, déi dem Service public méi entsprechen, Service public, dat soziokulturell Contents sinn, genre Arte, genre M6, Emissioun wéi "Zone interdite". Mee RTL muss och d'Moyens hunn; et geet net duer ze jeitzen, RTL kann dat net, mecht dat net. Mee et gouf e Kader gesat, wou RTL dat net ka maachen; et wollt jo s'cher keen hunn, dass RTL ze staark géif ginn als Télé (RTL Télé hat an der Zeit ëm déi 20% Audienz an huet haut eng Part d'audience vun an der 70%). Och vum Chiffre d'affaires hier, dierfe mir jo net zevill Suen um Marché ëwech huelen, wat ech och verstinn. Et as e kleng Kuch, déi aner mussen och liewen, also muss een aner Kompromësser eventuell fannen. Déi Weër si mir jo och am gang zesummen ze fannen. Mee et as awer net, dass bei RTL d'Suen sou leien, a mir jhust soen: „Mir maachen Emissiounen, déi keng Qualitéit sinn, mir maachen News a mir wëlle keng soziokulturell Contents maachen“. Dat as net wouer. Mir hunn eng Etude doriwuer, mir wësse wat mer wëlle maachen. Mir wëllen de Grand public matabezéien, mir hätten och gären aner Gremië matabezun, mir wëllen déi Contents och net all selwer maachen. Mir géife gär mat lëtzebuerger Producteurs zesummeschaffen. Mir soë jhust, dass d'Politik, de Public kënnen dovun profiteieren, wann een ë Stand vun Audienz huet, wie mir se haut hunn an et grefféiert een dorop soziokulturell Contents, da get een deem eng Plattform, wou vill Leit die Contents kënnen kucken.

Et as ëmmer gesot ginn, soziokulturell Contents wier e Marché vun 3-4%. Da soen ech jhust: Wéi bringt RTL et färdeg, an enger Kulturemissioun an der Télé 20% z'ereechen? Mir géifen och mengen, dass mir owes mat soziokulturell Contents, déi gutt formatéiert sinn, déi den europäeschen Direktiven entsprechen – déi schreiwe jo och net an hieren Texter, dass eng Kontradiktioun Audienz mat Service public misst existéieren. D'Sabine Christiansen as och eng Privatboîte, déi, déi Contents un d'ARD verkeeft. Sou dass mir am Fong mengen, dass mir déi Qualitéit kéinte bréngen.

De leschte Punkt : mir hu begréisst, wéi d'Liberaliséierung an der Télé gefrot ginn as. RTL wor net e „frein“. Wéi elo gefrot gouf, Accès op Pub, du sot RTL, dass jidderee soll dat hunn, jidderee soll kënnen Télé machen zu Lëtzebuerg, zu gleiche Conditionen. Jidderee soll Accès op d'Pub kréien, mir gleewen dorun. Mir hunn awer och gesinn, dass RTL Radio mat Konkurrenz sech dru ginn huet a sei Radio qualitativ developéiert huet, dodurch as d'Audienz eropgang. An der Télé as d'Audienz och e gutt Stéck eropgang a mir gesinn haut dass RTL och zu 79% meenungsbildend as zu Lëtzebuerg. Also huet dat ganz eis och gehollef, eis ze debroulléieren op deem kleng Marché fir méi aus RTL ze maachen a mir géifen och gär nach méi aus RTL maachen. Mir wärten och 2010 an no 2010 dobei sinn mat Contents och wa ganz vill Leit hoffen, dass RTL ausernee gepléckt géif ginn. Mee ech mengen net dass dat geschitt.

### **Jean Geisbusch:**

Madame Fonck, eng Remarque.

### **Danièle Fonck :**

Ech wollt jhust soen, meenungsbildend sinn an der Tëschenzeit d'Televisiounen an Europa an an der ganzer Welt. Ech weess net, ob dat onbedengt e Fortschrett as, dat as net onbedengt typesch fir RTL, dat as eng Realiteit. Mee et soll een net onbedingt versichen a Saache Qualitéit déi audiovisuell Medien an d'Presse écrite z'opposéieren. Ech menge ganz einfach, dee Message, dee schon an d'Käpp vun de Schoulkanner muss goen, as deen, dass d'Medië komplementär sinn, dass net jiddereen einfach durch déi Manéier, déi Moyens an déi Supports mat deenen e schafft, dat nämlecht ka machen. Radio mecht een op eng aner Manéier wéi Televisioun, dat ee mat Kamera mecht a vill méi schwierig as. Ech mengen, dat muss ee wëssen. Et kann een net an enger halwer Stonn "Journal télévisé" dat bidden, wat ee kann op 40, 60 Seiten Pabeier bidden. D'Kanner missten och beibruecht kréien, dass ee sech net soll begnügen mat engem Medium. Wou kënt déi Idee hier, et huet een eng Zeitung? Et soll een souvill wie méiglech Zeitung liesen.

Virdrun huet den Alain Berwick dat Wuert „neutre“ gebraucht. Ech fannen et scho grotesk, wann ee wëll Journalisten zomudden, sie missten neutral sinn. De Mënsch as jo net neutral oder as hei een an deem Saal, deen dee nämlechte Bléck huet wie en aneren? D'Genetik huet ons all esou gemach, dass mer anescht gesinn, dat mer anescht héieren, schwetzen, ausgesinn. De Mënsch as net wertneutral an e Journalist kann dach a sengen Appreciatiounen, a senger Arbecht net wertneutral sinn. Déi Iddi, dass een engem Media ënnerstellt, et misst objektiv an neutral sinn, dat as net méiglech. Et as also eng Debatt, déi komplett falsch as. Et wier eischter eng Fro vun Dignitéit, fir opzehalen z'analyséieren, wéi e Journalist um Radio geschwat huet an op wéi eng Maneier e wat gesot huet.

### **Alain Berwick:**

D'Komplementaritéit vun de Medien as sëcher richtig. Et as dat, wou mir ganz oft Schwierigkeeten hunn, de Politiker z'erklären. Sie soen, eis gidd Dir nëmmen 30, 60 Sekonnen Zeit. Mee et as sëcher, dass an enger Zeitung ee kann de ganzen Historique, d'«à côtés», eng Steierreform komplett erläuteren. An engem Téléjournal get ee jhust kurz d'Informatioun vum Dag. Trotzdem wiere mir och frou, den Detail op aner Plaze kënnen ze ginn. Wat de Rôle vum Contrôle ubelant, menge mir och, dass d'Contrôles wichteg sinn, dass déi sollen efficace sinn. Saache wie Relioun, Rassismus, Kriminalitéit, déi iergendwéi op engem Sender kéinten encouragéiert ginn, dat si Sachen, déi solle surveilleiert ginn vun engem Gremium, mee et kann een net ee Wuert aus engem Kontext huelen an 20 Leit, déi sech net déi Kompetenz kënnen attribuieren, kënnen net engem Fond de commerce wëlle schueden. Dat gehéiert wahrscheinlech och zu engem Passé, déi Art fir virzegoen.

### **Jean Geisbusch:**

Madame Fonck, Här Berwick, Dir octroiéiert mir hei en Debat, deen eigentlech nierwendru gefouert get: d'Aktivitéiten an d'Kompetenze vum CNP. Duerfir loossen ech mech och net aus dem Haus lackelen. Ech wëll jhust ee Satz soen. De CNP „begleed“ RTL an den 100,7 an deem Sënn, dass gekuckt get, ob en de Cahier des charges anhällt. Ech hunn d'Impressioun, wéi wann Dir eng gewësse Paranoia vis-à-vis vum CNP hätt. Mir hunn ganz wéineg Kloen an negativ Remarques iwver d'Ausféierung vum Service public, vun Ärem Cahier des charges. Do ware mir nie aktiv a mir hunn nie un Iech den Usproch gestallt, Är Qualitéit misst enger Radio oder Télé socioculturelle entsprechen.

Ech wëll awer nach op ee Punkt agräifen. Dir sot, Dir géift d'«Promotion à la presse écrite» an un aner Medien ënnerstetzen. Dir hut gesot, mir si bereed, de Service public

auszeweiden, och soziokulturell Produktiounen ze maachen, mee mir hätten dat awer gär honoréiert. Do ginn et jo dann verschidde Méiglechkeeten. Eng dovun wärt ab September jo gi sinn: Äre Plafong get opgehuewen an et as domad ze rechnen, dass Är Einnahmen iwwer Publicitéit, schätzen ech emol, an d'Luucht ginn, dass Transferts do stattfannen. Elo as et awer sou, dass Dir sot, z.b. Planet RTL as Service public. Frot Dir dann och eng Promotioun fir Planet?

### **Lou Scheider:**

Kréien se jo scho vun engem Staatsbetrieb: LuxGSM.

### **Alain Berwick:**

Wéi get Planet finanzéiert? Planet get net iwwer den traditionelle Budget finanzéiert, deen eis iwwer d'Konzessioun zougesprach as. Planet get finanzéiert durch eng Rallonge, déi eis Actionnairen eis ginn hunn, fir eis e bëssen op dësem Marché méi attraktiv ze verkafen an dat och en vue vun der Arrivée vu Konkurrenten.

Mir hunn natiirlech e gudde Sponsor fonnt, mat deem mir och ganz frou sinn, deen och am Domaine vun der Telephonie mobile aktiv as. Mir wollte mat deem Sponsor natiirlech Viirreider an neien Technologie sinn. Mir konnte net waarden, dass en neien Telefonsoperateur eis géif devancéieren. Dat as och eise Sport, mir wëllen eben Nummer 1 an allem sinn a mir sinn och stolz dat ze bleiwen.

Mee, wat as e „service-public-contenu“? Wa mir de Planet kucken mat eisem Alter, mat eisen Aen, eisen Erwardungen, eise Wënsch, entspricht dat vleit net deem, wat mir individuell op dësem Dësch wëllen. Dat sinn awer déi Jonk, déi Contents fir déi Jonk maachen, mat Demanden vun de Jonken a fir do d'office ze soen, dass dat neischt as, keng Qualitéit as, net gutt as, guer kee Service public as, wier net richtig, wëll déi Jonk hunn och e Recht op hier Szen, iwwer hier Musek informéiert ze sinn. Ouni zevill an den Detail eranzegoen, dat sinn „low-cost“ Emissiounen, dat as evident. Et sinn Emissiounen, déi wahrscheinlech och an der Qualitéit wärten zouhuelen. Zu Lëtzebuerg get et kee Reservoir vu Leit, déi Télé mache kënnen. Et huet een Techniker, do kann een egal wéi eng Nationalitéit huelen, mee fir Leit, déi op den Antenne schwetzen, musst Dir Lëtzebuerger sinn. A wann ee bis gutt Leit huet, gi se vum Staat engagéiert, als Pressesprecher oder soss an enger Funktioun. Sou dass mer e Manktum u qualifiziertem Personal hunn, also muss mer eis d'Leit vu jonkem un opbauen. Opbauen heescht, dass mir awer och an e puer Joer wärte qualitativ eng grouss Zuel u Personal hunn an duerfir wënsche mir eis jo och déi aner Contents; ech soen elo soziokultureller Natur fir eeler Leit an deene Beruffer. Wann Dir 50, 60 Joer hut an Dir sidd op Antennen, as keng Plaz fir Iech, fir do matzehalen. Déi Leit, déi hunn awer en know-how, deen extrem heij as an déi kéinte qualitativ recherchéiert Emissiounen gutt maachen an dat wiere mir deene schëlleg an de Public hätt och gär déi Emissiounen. Also muss een eis d'Chance ginn, e Reservoir vu Leit opzebauen an dass e Jonken vun 18 Joer net perfekt as, deen doranner keng Qualifikatioun hat, as normal. Mee déi Leit léiren hiere Beruf an dat as Tango an RTL am gang ze maachen.

### **Jean Geisbusch:**

Do ginn d'Meenungen auserneen. Ech wollt och dem Här Bintz d'Wuert ginn. De mueren as vum Verrieder vum deitsche Kontrollorgan gesot ginn, dass och privat Chaînen eng öffentlech Aufgab hunn a sech u gewëssen Ufuerderunge mussen halen. Dir sot awer relativ knallhaard, wann ech dat emol sou soen dierf, dass Dir kee Cahier des charges hut, keng

Missioun de Service public an Dir sot dann – dat as Äre Slogan: „ Mir maache freestyle, freeworld“. Dir sot, mir sinn en Téléopérateur, mir rechnen domad mettelfristeg en eegene Réseau ze hunn, wat technesch net ze contesteiren as. Déi Fro, déi sech da stellt:“ Filtert Dir da neischt méi, wat iwwer Freeworld geet?”

### **Jean-Claude Bintz:**

Déi Fro krut ech geschter scho gestallt. Mir filteren d’SMS selbstverständlech. Déi SMS, déi erakommen, gi gefiltert an dann den Dag drop op d’Antenne. Am Ufank as et virkomm, dat emol e komeschen erausgang as, jo.

### **Jean Geisbusch:**

Et as dem CNP zougedroë ginn, dass e Mettwoch den owend eng SMS durchgoung, wou e pedophile Paschtouer sollt un d’Meedercher gange sinn an do geif neischt geschéihen. Mir wärten elo dee Programmdeel froen. Sidd Dir dann net der Meenung, dass mir do schon am Bereich vum „pénal“ sinn an dass do awer „urgence en la matière“ as?

### **Jean-Claude Bintz:**

Do as eppes un Iech erugedroe ginn, wat net u mech erugedroe gouf. Et si Leit, déi schwetze vu Qualitéit an hei steht wirklech d’Wuert “Débilitéit” fir Planet RTL a fir Tango. Ech ka mir net virstellen, dass Planet oder Tango sech un d’Membren vun der Kommissioun adresséiert, dat si Leit ënner 30 Joer. Gëschter as eppes gesot ginn, de Marc Conrad as ëremgeholl ginn, wëll hie Consommateur amplaz Bierger gesot huet. Ech soen och Consommateur, wëll mir hunn eng kommerziell Ausriichtung, mir hu keng Pressehëllef, mir hu keng Emissiounen, déi vum Staat gesponsert ginn, mir hunn och neischt, wat vu LuxGSM gesponsert get, mir hunn eis eege Mettel. D’Iddi as och, fir mat kommerzielle Mettel dee ganze Buttik do ze finanzéieren. Mir sinn net sou op Publicitéit aus, tant mieux wa mir et elo kreien, ech soen net nee. Mir sinn op d’Interaktivitéit aus.

Et as iwwerrall eng Plaz do, fir Leit déi eppes produzéieren, wat aner wëlle consomméieren. An do huet ee seng Nischen, seng Segementer.

Ech hunn elo dat Wuert Meenungsbildung héieren, Informatioun, gëschter as nëmmen doriwwer geschwat ginn. Et sinn och Senderen, déi Divertissement maachen a guer net dorop aus sinn, fir News ze maachen an och net drop aus sinn fir meenungsbildend ze sinn. Ech weess och – an iwwregens, mir hunn och e Cahier des charges, wou Saachen dra stinn – mir wëllen awer op kee Fall meenungsbildend sinn. Mir wëllen einfach, dass, wat den Alain schon ugedeit huet, dass Medien an Telekommunikatioun emmer méi no zesummewuessen, a mir wëllen do einfach sinn, wann et kënnt a mir hunn eis do einfach selwer de Partner ginn. Dat wärt eis Haptaufgab sinn. Wa mir elo Sendunge weisen, déi verschidde Leit debil fannen, et si vleit Jugendlecher, déi dat flott fannen an dann adresséiere mer eis och un déi. Wann déi Jugendlech dat och debil fannen, da kucken së et net. A wann së et net kucken, da schécken së keng SMS a wann së keng SMS schécken, dann hu mir keng Suen an dann hale mir op. Dat as eng kommerziell Approche a soss guer neischt. Wann de Businessplang net opgeet, dann hunn ech mech geiirt an dann as dee Produit neischt an da get net consomméiert. Woumadder mir ërem beim Consommateur wieren an dat as gëschter jhust vum Marc Conrad ugeschwat ginn, mee et geet awer dorëm. Big Brother as vill kritiséiert ginn; et dierf een awer och net déi Milliounen Leit vergiessen, déi dat gekuckt hunn. De Premier huet gesot, vill vun deenen déi heemkommen, wëlle vleit keen Debat kucken, mee „Big Brother“ oder “Der Alte“. Et soll een de Consommateur ganz liberal wile loosse wat e

wëll kucken oder lauschten. An da kënt dat eraus wou herno de kommerziellen Erfolleg do as.

### **Jean Geisbusch:**

Dat wat Dir hei preconiséiert as déi sougenannt „Zappingdemokratie“. Et sinn awer eng Reih Leit, - de mueren den Här Stock dee gesot huet -, et muss een a priori eng Begleitung maachen. Muss een dat ganz da nëmmen op de kommerzielle Punkt reduzéieren, de muere si Begrëffer gefall wéi „Medieführerschein“ z.B.?

### **Jean-Claude Bintz:**

Ech si stolz drop ze soen, dass mir eng kommerziell Ausriichtung hunn. Medieführerschein: mir hu jo och elo eng Lizenz kritt, wëll mir déi finanziell Critèren erfëllt hunn. Elo kann ee soen, eis kommerziell Ausriichtung as debil, „Tutti frutti“ war och debil, et as awer gekuckt ginn. Ech soen et an ech stinn och dozou. Déi Problemer, déi kënne vu Bréissel z.B. kommen, jo. Déi SMS-Geschicht, dovou weess ech elo nach neischt. Mee, mir hunn eis bis elo nach neischt zu Schued komme gelooss an deem enge Mount a 6 Deeg. Et as scho méi iwwer eis geschwat ginn, wéi et vleit dowärt wier, mee mir hunn eis neischt zu Schued komme gelooss, wat zu Bréissel ee kéint stéieren.

### **Danièle Fonck:**

Jhust eng Fro, ech weess net wee kann äntwerten. Also, dass mër all musse Geld verdëngen, wëll mir Leit musse bezuelen, wëll mir Matière première musse bezuelen, dat as evident.

Mee trotzdem, nëmmen de kommerzielle Gedanken... Wann ech dovun ausginn, dat de „Journal télévisé“ vun TF1 haut 200 Wierder Vocabulaire huet, wou ugesi get am Frankreich haut, dat de Basisvocabulaire vun engem Mënsch 400 Wierder sinn, d.h. de Journal vun TF1 huet d’Halschecht vun deem Basisvocabulaire. Dann as meng Fro déi: Kann dann nëmmen d’kommerziell Denken eis all guidéieren, geet et domad duer an hu mer dann eis Pflicht gemach, als Entreprises, als responsabel Entreprises an als Individuen tout court? Wëll mir droe jo dozou bei, dass eng Gesellschaft sech verännert, evoluéiert. Den Alain Berwick huet vu Meenungsbildung geschwat. Ech bezéien dat nämlecht op d’geschriwwen Press. Haut huet een d’Tendenz, de Journalisten ze soen: „Macht vill Absätz an Är Artikelen, schreiw Zwëschentiteln a schreiw dach keng sou komplizéiert Wierder, wëll d’Leit verstie se net. Komme mer dann net op ee Punkt, wou mir sou simplifiéiert schreiw, dass mir dozou beidroen, dass déi Leit, déi elo schon déi e bësse méi komplizéiert Wierder net méi verstinn, herno déi einfach net mei verstinn?“

### **Jean-Claude Bintz:**

Ech verstie wat Dir sot, mee Dir sot, musse mir dann nëmme kommerziell? Mir soen, mir maachen nëmme kommerziell. Wann Dir wëllt Soziokulturelles machen, et as eng Plaz do fir jiddereen. Dir kënt awer net verlangen, wann een elo Tango TV heescht an och kommerziell am Numm as, dass dee muss Noriichte maachen a meenungsbildend as. Jidderee muss seint hunn. Mir haten och Sendungen wou d’Roud Kreiz oder Greenpeace z.B. do waren; dat sinn awer Saachen wou mir och informéieren. Waan ee seet, wéi een e Gummi sollt benotzen, as dat och edukativ. Fir jiddereen as eng Plaz do, wéi dat neit Gesetz koum, do war ech bei der IP. RTL huet séi Kuch behal, do as eng Offer an eng Demande. Wann do e Radio as, dee kee lauschtert, hat en och Pech bei der Publicitéit an dann huet en och vleit

keng Daseinsberechtigung. A bei Zeitungen a bei der Télé as et dat nämlecht. Mir sinn elo eréicht e Mount drop, ech kann elo net zevill Bilan zéien. Mir wärten probéieren, eis qualitativ och ze verbessern. All die Leit, die bei eis presentéieren, do sinn der zwee, déi Journalismus studéiert hunn, awer sie komme vun der Schoul. Do huet keen eng praktesch Erfahrung, mir probéieren se ze trainéieren. Dat as och eng vun eise Missiounen, fir aus dem Tango TV eppes ze machen, wat a 6 oder 8 Méint e ganz anert Gesiicht huet wéi elo, awer trotzdem ouni meenungsbildend Offer, ouni Informatioun.

### **Laurent Mosar:**

Et sinn elo an der ganzer Diskussioun och der Mediekommissioun Wieder an de Mond geluecht ginn, déi net ganz richtig sinn. Et muss een zwou Saachen ënnerscheeden. Mir hunn op der enger Seit kommerziell Radioën an Téléën. Do as e Gesetz wat virgeseit, dass wann een dat wëll maachen, muss een en Agrément vun der Regierung kréien. Ech huelen un, dass do am neie Gesetz verschidde Modificatioune wärte kommen. Ech mengen, do mecht jiddereen, dat wat e wëll. Bien entendu, muss een sech un d'Gesetzer halen an ech gesinn och elo net déi Schwierigkeet, wann op enger Chaîne eppes passéiert, iwwe de Wee vun SMS, dann hu mer eis Gesetzer iwwe Pédophilie an da muss de Parquet intervenéieren. Ech gesinn also net elo d'Schwierigkeet; dat sinn d'Televisiounsstatiounen, déi sech reng kommerziell finanzéieren. Op mir deër elo 1,2, oder 6 hunn, dat as einfach e Fakt, d'Jugend freet dat haut. Dat mecht elo net vill Sënn doriwwer ze philosophéieren.

Déi fundamental Fro an et as och déi, déi mir an der Mediekommissioun en long et en large diskutéiert hunn as déi: "Wéivill Service public wëlle mir an Zukunft dësem Land, de Consommateurs ubidden?" As déi Enveloppe vum Moment genuch, musse mer se vleit ausbauen?

Déi aner Fro, déi wichteg as: "Weivill Service public kënnen eis Radios-an Télésprogrammer verdauen?" Et geet jo elo net duer, dass mir elo d'Enveloppe budgétaire erhéijen a mir fanne ganz einfach net déi Televisiounsprogrammer, déi outilléiert sinn fir dat ze machen. Dat selwecht gëllt fir d'Radioprogrammer. Et as virdrun ugeklungen, wann ee wëll e gudden oder anstännege Programm machen, brauch een kompetent Leit, mir hunn also net sou schrecklech vill Leit, duerfir muss een och emol eng Kéier déi Fro stellen, eier ee jeitzt, dass méi misst gemach ginn.

Eng aner wesentlech Fro: Mir sinn eis zimlech eens an der Mediekommissioun. Mir mussen den Televisiounen an de Radioën, déi sozioedukativ Programmer machen, eng Ënnerstetzung zoukomme loossen. Ech hunn net gär dat Wuert Pressehällef, wëll ech fannen, dass de Prinzip, wéi en den Ament fonktionéiert, nämlech nom Giesskannenprinzip, kee ganz gudden as an och net onbedéngt dat Ziel ereecht, wat e soll ereeche. Do kreien nämlech déi, déi vill hunn, nach méi, déi, déi net souvill hunn, kréien dann e bëssen a finalement ereeche mir do net vill Positives. Duerfir misst een die ganz Pressehällef an d'Diskussioun bréngen. Mee wat mir wichteg ze si schéngt, dass een eventuell op de Wee géif goe fir Produktioun z'encouragéieren amplaz dass mir elo nëmmen direkt engem Kanal oder enger Radiostatioun souvill zoukomme loossen an da mengen ech awer och, da musse mir verschidde Programmer ënnerstetzen, awer laut engem Cahier des charges dee muss opgestallt ginn. Dee muss och kontrolléiert ginn, ob dat elo durch de Conseil National des Programmes oder durch en anert Organ an Zukunft as, sief dohigestallt. Mee, mir kommen net dolaascht, wa mir wëllen op de Wee goen, méi a bessere Service public z'offréieren, och aner Formulen vu Subventionnement ze fannen.

### **Robert Garcia:**

Dat kann ech nëmmen ënnerschreiwën. Ech wëll awer op die Debitéitsgeschicht zëreckkommen. Als Grufti vun 46 Joer fannen ech déi Programmer debil a wann ech heemkommen a meng Duechtere kucken dat, da soen ech hinnen, dat wier debil, mee ech géif hinnen awer net verbidden, dat ze kucken, nach dem Här Bintz soen, hie soll déi Programmer net maachen. Mir hu jo am Moment och eng Pénurie vu Programmer an ech géif et och net gutt fannen, wa mer dem Här Bintz elo géifen imposéieren, eng langweilig Sendung ze machen. An déi Richtung as d'Diskussioun an der Mediekommissioun och net gefouert ginn, mee an déi Richtung wéi och de Laurent Mosar sot. Mir hu keng Pénurie vun Offer, mee mir musse kucken, fir am Kontext vun deem Medieführerschein ze kucken, dass och qualitativ Programmer fir e gewëssent Segment ugebuede ginn an da muss de Staat eben an de Portemonnaie greifen. An dat zweet wat ech wichteg fannen: Wéi kréien ech als Jugendlechen e Medieführerschein, fir dass ech kann als Jugendlechen en connaissance de cause mei libre choix kucken oder lauschteren? An ech sinn der Meenung, dass een deen hauptsächlech "learning by doing" ka machen an dofir wollt ech dat och nach emol an der Mediekommissioun thematiséieren, Uelzechtkanal, asw., dat fannen ech en extrem wichtigegen Aspekt. Wëll wa mer gären hätten, dass die Jugendlech solle kritesch Konsumente ginn, wéi mir mengen, mir wieren der, da musse mer hinnen op manst d'Offer machen, eng Kéier mat deem Outil ze schaffen. A wann se sech dann eng Kéier herno bei den Här Bintz oder den Här Berwick mellen fir do Moderator ze ginn, tant mieux fir sie. Mee, déi aner, déi da vleit mierken, dat do fanne mir net gutt, da kënnen se dat en connaissance de cause machen. Duerfir as dat e faux-débat, dee mer elo vleit e bëssen entaméiert hunn.

### **Fernand Weides:**

Den Alain Berwick huet dat elo a schéi Wieder gekleedt a vu Formatioun geschwat, déi RTL deene jonke Leit get. Dat Gesetz vun 91 huet déi Meiglechkeete geschaaf, dass lokal Radioë konnte legaliséiert ginn, deer sinn der eng ganz Partie dono gegrënnt ginn. Dass et e Radio get wie Eldorado, wou déi Leit, déi deemols ugefang hunn, haut net méi do sinn, vleit nach een oder deen aneren. Mee déi sinn entretemps evoluéiert, bei RTL oder soss enzwouch ënnerkomm. Sou geet et och mat deene Jugendsendungen. Déi, déi haut Planet RTL maachen, sinn an zwee Joer schon ze al, da gi se durch anerer ersat. Dat as eng normal Saach; ech kritiséieren duerfir och net de Fait, dass een do jonk Leit hëllt, déi keng Erfahrung hunn. Ech mengen awer d'Basis wou jonk Leit erugebildt ginn, as net bei RTL an och net bei Tango entstan, mee déi as entstan an de lokale Radioën, wou se hier eischt Gallons verdängt hunn.

Ech hat mer eigentlech virgeholl, net iwver deenen anere Leit hier Programmer ze schwetzen. Mee wéi Tango eng Lizenz krut, hunn ech dem Här Bintz d'Fro gestallt: "Wat maacht Dir dann do?" Ech hunn dee Programm nach net gekuckt, ech ka mech also net driwwer äusseren. Déi Fro, déi ech mer awer gestallt hunn: wéi d'Gesetz vun 91 koum, do waren am Fong lauter Leit en cause, déi wollte Medien maachen: déi wollten Informatioun maachen, déi wollte Kultur maachen, déi wollten Unterhaltung maachen oder der Meenungsbildung beidroen. Déi waren also interesséiert, fir op dem elektronische Wee, dat wat scho lang geschitt as, weider ze entwëckelen an op eng aner Art a Weis z'entwëckelen. Haut awer stelle mer fest, dat as net méi d'Diskussioun. Haut géif ech soen, Tango as kee Medium, mee dat neitste Spill, grad wie Planet. Et as eng ganz aner Kultur déi dohannertstecht a mir Erwuessener mussen eis domad offannen, dass dat esou as. Mee, wa mir iwver Mediepolitik an d'Zukunft diskutéieren, solle mir eis net zevill dovu beaflosse loosse, dass et Leit ginn, déi mat ganz aneren Absichten op de Marché kommen an eigentlech dat Spill durchernee brengen. Dat as net Lëtzebuergesch bedängt, dat as och



international. Ech mengen, ech kennen dei Politik gutt genuch, fir ze soen, dass wann ech moar aner Viséen hunn am Bereich vun der Telekommunikatioun an ech muss mir elo Contents schaafe, dann testen ech fir d'éischt e Radio oder och eng Télé a wann ech emol eng Lizenz dofir kréien, tant mieux. Et muss een awer kloer trennen, wat dat eent a wat dat anert mecht. A mat RTL, wou eis vleit villes trennt awer och munches verbënnt, as et kloer, do bewege mir eis op manst um Terrain vun de Medien, op manst an deem Sënn wéi mir se definéiert hunn. Mee bei Tango hunn ech d'Impressioun, wéi wann dat eng aner Schinn as, a mir sollen et och dofir anescht gesinn.

### **Jean Geisbusch:**

Här Scheider, e puer Stechwierder vleit. De Plafong fir RTL get opgehewen, déi nei kommerziell Téléën därfe Pub maachen, et changéiert och munches bei de regionalen a lokale Sendere. Den Här Bintz huet an engem Interview gesot, bei deër Geschicht wäert keen eppes verléieren. As dat Är Meenung? As de Kuch grouss genuch? As mat Transferts ze rechnen?

### **Lou Scheider:**

Ech hunn elo net vill Chiffre matbruecht, mee wann ee vleit de Kader vun der Publicitéit definéiert, dee get zanter 5 Joer méi genau iwuer déi Pubinvest-enquête gemooss. Mir missten awer effektiv jiddereen, deen an deem Marché aktiv as, dozou kréien, matzemaachen. D'Zuele kommunizéieren, aus Eierlechkeet vis-à-vis vun deem ganzen Débat, dee mir hei féieren an well et en Outil as, dee professionnell Leit brauchen. Publicitéit as eppes, dat ëmmer méi professionnell gemach get.

De Kuch as an de leschte Joeren effektiv méi grouss ginn; ech géif soen, dass mir an de leschte Joeren ee positivt Umfeld haben, mee et get keng Garantie, dass dat esou bleiwt. Mir sinn den Ament an enger Phase, wou dat e bësse mei roueg as.

E puer Zuele jhust fir de Kader ze beschreiwen vun deem Kuch deen ausgi get, deen elo brutto bechiffert get an de Medien op 3,5 Mia., et as dat, wat et offiziell kascht; do ginn et grouss Differenzen, mat deem wat et reel kascht. Et as awer e Barometer. An der Publicitéit, dat sinn d'Medien. Do get et awer nach en zweete Volet vun allen anere Formes publicitaires: Dat as déi direkt Post, déi Dir heemgeschéckt kritt, wann Dir de Futtballsclub sponsert. Do get et e ganz dëcke Pak, deen net gemooss get, deen och an d'Publicitéit fällt. An eise Nopeschlänner get ofgeschat, dass dat wat an d'Medie geet, tëscht 40-45% leit. Dorausser kéint ee schléissen, dass hei zu Lëtzebuerg brutto 7 Mia. ausgi ginn fir Publicitéit ze machen.

Wann ee kuckt, wéi eis Medielandschaft elo do steet, da gi vun deër Pub der 79% an d'Presse écrite, ronn 15% an de Radio, gutt 10% an d'Télé, 2% an den Affichage, an 1,5% an de Kino. Am Ausland as dat anescht: an der Belsch z.b. ginn 38% an d'Presse écrite, 40% an d'Télé, 10% an de Radio, Affichage a Kino sinn ongéfeier um nämlechte Niveau. Dat beweist, dass, dat wa mer elo historiesch kucken, dass enorm vill hei am Land an d'Medie geet; dat as historiesch durch d'Lëtzebuurger Mediegeschicht.

D'Decisionen, wou déi Suen higinn, respektiv net higinn, ginn am Ausland geholl. Wa mir eis also Regelë wëlle ginn, da musse mir eis der och ginn, fir op der europäescher Landkaart kënnen ze bestoen. Wëll wa mir hei eis Chiffren net declaréieren oder d'Medien net wëlle moosse lossen, da bréngt dat jhust mat sech, dass international grouss Kommunikatiounsunternehmen net mat Lëtzebuerg wärte schaffen. Dann huet keen eppes dovun.

Wann ech elo de Bilan zéien, wou d'Suen an de leschten 10 Joer higange sinn, da geseit een, dass dat net schrecklech geännert huet. Dass et net sou as, dass d'Presse dramatesch verluer hätt, dass d'Presse rieseg gewonnen hätt. Dat as dodurch, dass d'Telé staark reglementéiert as. Wann de Plafong ewechfällt, as dat sëcherlech gutt. Mee, et as esou, dat eng gewësse Verschiebung kënnt, awer keng Revolutioun. Wëll déi Leit, déi Publicitéit maachen, déi kafen en Emfeld a Ciblen, dat funktionéiert scho professionnell. D'Leit ginn hier Publicitéit dohi wou se mengen, sie wier gutt investéiert. Déi Zeit, wou dat mam Griffel gangen as, déi hëllt emmer méi of. Eng Normalisatioun – dat heescht mat Critère schaffen, wéi se och an eise Nopeschlänner geholl ginn – wier begréissenswert. Dat wäert eng gewësse Verschiebung mat sech brengen awer keng Revolutioun.

### **Jean Geisbusch:**

Wéi interpretéiert Dir dann déi Tatsaach, dass d'Madame Fonck den Artikel 34 invoquéiert? Dat deit jo awer op eng gewëssen Angscht bei der geschriwwener Presse hin? An dass se iwwer deen Artikel wëll eng Kompensatioun beim Staat froen?

### **Lou Scheider:**

Elo kann ee soen, dass hei d'Presse écrite méi huet an d'Telé manner. Et muss een natiirlech och d'Landschaft huelen. Wa mir vum Ausland schwätzen, do huet een 50 Mio. Awunner, eng grouss Zuel vu Chaînen. Hei soen ech emmer, mir hu jo och net nëmmen eng Télé hei, mir hunn 42 Teléen, die d'Leit kënne kucken. Dat Emfeld as also net mam Ausland ze vergleichen. Et as sëcherlech net esou, dass wa mir muer 5 Teléen hei hunn, dass mir déi kënne finanzéieren. Mir sinn zu 500.000 hei, dat as eng Realitéit. A fir gewësse Saachen uerdentlech ze maachen, brauch een eng „masse critique“ vun enger Zuel vu Leit.

Op der enger Seit vleit as déi Iwwerleeung vun der Presse écrite vun enger Verschiebung net aus der Loft gegräff, mee fir awer ze soen, muer as d'Situatioun wéi am Ausland, as total irrealistesch durch d'Gréisst an d'Emfeld.

### **Danièle Fonck:**

Ech mengen net, dass d'geschriwwene Presse seet, muer as et wéi am Ausland. Et sinn e puer Saachen, die wichteg sinn. Et sinn net méi d'lokal Teléen zu Lëtzebuerg, déi onbedéngt de Publicitéitsmarché verännere. Mee wat ëmmer ërem vergiess get, as dass e ganze Koup Budgets iwwerhaupt net op Lëtzebuerg kommen. A firwat? Dat huet de Lou Scheider gesot. Ma well een d'auslännesch Chaînes ka kucken a grouss Marquen, déi ereeche Lëtzebuerg mat iwwer dee Wee an dat si Budgets, déi net op Lëtzebuerg kommen. Duerfir soe mir, mir hätte gären deen Artikel och am neie Gesetz ageschriwwen, wëll mir wëssen, dass Publicitéit eppes fragiles as, dass d'Presse eppes fragiles as. 2001 war hei am Land e Wuesstum an der Publicitéit vun 9%. Dovun kruten d'Dageszeitungen 3%, d'Hebdomadairen krute 25%, d'Radioën 18%, d'Telé 12%. Wann een déi Chiffren also kuckt, weess ee wou d'Gefore leien a wat mir soen as, dass mir wëllen, dass deen Observatoire bestoe bleiwt, sans plus. Keen neien. Dass Publinvest weider gemach get an, dass wann eppes géif geschéihen, dass dat och am Staatsbudget virgesinn as.

Mir froe jo nach eppes anescht als Zeitungen. Mir soen, mir wëllen Transparenz mat deenen neie Gesellschaften. Kee Problem, dass muer Téléë kommen, mee et muss een och wëssen, wee mecht déi? Uelzechtkanal oder Nordlicht, et pourquoi pas? Mee et komme grousser aus dem Ausland, wou een net weess, ween en termes capitalistiques dohanner stecht. An déi verännere d'Situatioun. Duerfir soe mir, wann nei Gesellschafte gegrënnt ginn, hätte mir gär, dass se de Statut vun enger s.à.r.l. oder vun enger s.a. kréien. Dass ee ka kucken, wee sinn déi Leit, wat mache se, dat d'Bilans verëffentlecht ginn, färdeg!

### **Alain Berwick:**

Mir hunn hei en atypesche Marché. Geschter owend huet z.B. een Island mat Letzbuerg vum Territoire hier verglach. Dat as schéin wann ee Prozenter, Parts de marché vun engem Land op dat anert vergleicht, ouni dass een d'Spezifizitéit vun deem engen oder anere Marché kennt. Lëtzebuerg as emsou méi atypesch, dat gesi mer och bei eis am Grupp.

Wa mir mussen engem neie Patron, engem neien Actionnaire am Ausland erklären, wéi Lëtzebuerg fonktioneiert, brauche mer oft e puer Stonnen, wou déi aner Länner all zesummen hieren Echange vun Données a 5 Minutte gemach hunn. Et as ganz einfach: den englesche Marché kuckt englesch Télé, de franséische Marché kuckt franséich Téléën, asw. d.h. d'Konsommation vun de classesche Medien as déi nämlecht a ka verglach ginn. Ech huele jhust e puer Chiffren. Europaweit huelen d'Radioën an engem Land normalerweis 6% vun den Mediainvestissementer aus dem Marché eraus, vun de 5 classesche Medien. D.h. wann 100 Frang investéiert ginn, dann as de Radio bei 6% dobei, all d'Radioën zesummen. Lëtzebuerg as mat 12% dobei, an all Radioë sinn, wann een den DNR doberechent, bei 16% dobei. Firwat? Wéll Radio Lëtzebuerg durch seng Monopolstellung fréier trotzdem e Surinvestissement hat par rapport zum Ausland. D'Télé war schwach, wéll dat wor keng Télé, eng wöchentlech Télé hëllt net de gesamte Revenu publicitaire ëwech, dat as atypesch. D'Wort huet eng Stellung, déi och erem atypesch wor an dat verschwënnt net sou schnell. Dat huet ee gesi, mat Konkurrenz bleiwen Audienzen. De Marc Conrad huet dat geschter owend och relativ gutt gesot. Trotzdem ginn d'Leit gär guidéiert a kafen awer all Dag d'Wort oder Tageblatt, lauschteren RTL.

### **Fernand Weides:**

Ech soen dem Alain Berwick awer Merci, dass en elo gesot huet, firwat esou vill Leit RTL lauschteren.

### **Alain Berwick:**

Ma nee, dat kann een esou interpretéieren, mee ech ginn dorop net an. Den zweete Punkt as dass de Marché durch seng Klengheet atypesch as. De Lou huet dat richteg gesot: deen „overlapping“ deen hu mer an der Presse, Magazine och. De Lëtzebuenger liest „Auto-Moto-Sport“, do leid déi lëtzebuenger Press doudsëcher drënner. De Lëtzebuenger kuckt hauptsächlech deitsch Chaînen, no der lëtzebuenger Chaîne, an dann déi franséich. Gott sei Dank get TVI bal net gekuckt, da kommen d'Budgets nach aus der Belsch, déi jo zu engem Drëttel op Lëtzebuerg kommen. Mee trotzdem as et atypesch. An dat klengt vum Marché bremsst eis och par rapport zum Plafong an den Investissementer. Normal as eng Relatioun 1 zu 10, dat heescht wat een an eng Produktioun stecht, stecht een 10 Mol an den Espace publicitaire op enger Télé. Wann Dir elo eng Produktioun vun 2 Milliounen hut – dat as schon eng extrem heij Zomme fir e klenge Marché, da géife – fir déi anstänneg z'amortiséieren - 20 Milliounen investéiert ginn. 20 Milliounen, dann huet ee jo all Spectateur dei Publiciteit x-mol gewisen, also mecht en Annonceur dat net esou liicht. Also greift en ërem zëreck op Produktiounen déi scho bestinn. Déi lescht Joeren huet IP och drop erausgeschafft, dass se haut Produktiounen maachen, déi gutt sinn fir 100.000 Frang. Dat dauert awer bis d'Annonceurs sech dru gewinnt hunn. Firwat dauert dat? Wéll déi meescht Publicitéitsagencen zu Lëtzebuerg fréier Ateliers graphiques woren, aus dem Printbereich kommen. Et ginn net vill Agencen, déi den know-how an den audiovisuelle Medien haten. Also denken déi fir d'éischt hier Pub op print ze machen, net an den audiovisuel. Dat wärt och änneren. Eng drëtt Donnée, déi och wärt änneren as déi, dass sech herno net méi d'Fro wärt stellen, den Tango, RTL oder Editpress... Een deen herno wéll Contents offrëieren, kritt Supports, wou en se ganz bëlleg kann offrëieren an et as schon haut a muer sëcher wouer.

D'Masse wärt nach ëmmer hier fixe Marque consomméieren, mee d'Fro as wou? Mir hätte gär, dass RTL op engem Agenda, PC oder Telefon och consomméiert get. Do mache mir ons haut scho Gedanken driwwer. Dat alles beweist, dass et en atypesche Marché as. Ech sinn zwar frou, dass de Plafong ogehewe get, dat mecht lues awer sêcher sei Wee; an et as kloer, dass de Kuch lues a lues méi grouss get, och mat der Arrivée vu méi Teléen. Wa muer een eng Produktioun mecht, mecht en se fir RTL, Tango,... also lount et sech déi Produktioun ze maachen. Mee et as net esou, dass do den Deckel drop as, an dee flitt op a muer as kee Su méi do fir d'Presse an dann hu mer de Rapport wéi a Frankréich oder an der Belsch. Nee, dat geet lues, Gott sei Dank. Kloer as et, dass mat der Arrivée vun neien Teléen dee Kuch méi grouss gi wärt. Dat wat de Freddy Thyges geschter sot, as ganz wichteg: iwwer nei Formen, déi mir hei net kontrolléieren. Muer mecht ee gär ee Contenu a setzt en op e Véhicule, da muss e jhust dee Vehicule bekannt kënne maachen. A wann en dann engem sêng Marke drop kritt, dann get dat consomméiert, an dann as et net méi kucken, mee consomméieren.

### **Jean Geisbusch:**

Här Nesser, Dir sidd ugeschwat gi virdrun, Dir kommt aus engem klengen Haus vun engem klengen Marché. Wéi gesidd Dir d'Evolution, déi den Här Berwick elo ugedeit huet a wéi positionéiert en Haus wéi Ärt sech och an deem Bereich vum Numérique an der Interaktivitéit vun alle méiglechen elektronische Supports?

### **Claude Nesser:**

Eier ech dorop äntwerten, wëll ech nach op eppes anescht agoen. Et as de metteg vill iwwert d'Qualitéit diskutéiert ginn vun Tango TV a Planet RTL. Ech hunn dat am leschte Mount e puer Mol matgemach, dass esou Diskussiounen geféiert gi sinn an dat war meeschtens eng Constellatioun wéi dës. Um Dësch as keen ënner 40 an am Sall kann ech och keen erblécken, deen an déi Zielgrupp passt. Mee, mir huelen eis awer emol all eraus, dass mir iwwer déi Qualitéit diskutéieren. Den Alain Berwick huet virdrun och scho gesot, dass dat Wuert Qualitéit fir d'éischt misst ëmmiss ginn. Et as jo och esou, dass déi, déi dat kucken, net mussen mat Ketten virun d'Telé ugestreckt ginn, déi sinn och mature an déi décidéieren op se dat kucken oder net. A wann sie der Meenung sinn, dass dat hinne net gefällt, da kucke se dat net méi. Mee, et get awer vun ons vill diskutéiert. Da wëll ech awer och emol hei erfirstreichen, dass rezent Etudes beweisen, dass d'Bild-Zeitung entretemps hei zu Lëtzebuerg déi drëtt Zeitung as an déi get bekanntlech vun Erwuessenen gelies.

Wat elo d'Fro ubetrëfft: Eng Agence de publicité as a priori emol driwwer erfreet, wann d'Mediellandschaft méi grouss get. Aus deem ganz einfache Grond, wëll se dann, wa se onofhängeg as, ka besser schaffen an d'Medien gebrauchen spezifesch op hier Zielgruppen ofgestëmmt. Dat as sêcherlech e groussen Atout, wann een dat ka machen, wëll dodurch kann een dem Client sei Budget méi effizient gebrauchen. Op der aner Seit as et awer och esou, wann d'Mediellandschaft sech nach ëmmer weider vervielfältegt, de Kuch deen à disposition as, dee wiest zwar, wëll nei Acteurs zum Deel op de Maart kommen. D'lescht Joer awer si jo zwou franséichsproocheg Dageszeitungen op de Maart komm an ech ka mech net erënneren, dass ee vun onse Clients mech ugeruff hätt a gesot hätt, dass e sei Budget 10% méi heij géif machen, wëll zwee nei Supports beikomm sinn. Sou funktionéiert dat net. An anere Wieder as eng Agence gefuerdert, mat deem Budget, dee se huet, fir de Client dat maximalt Resultat erauszehuelen. Do muss ee ganz gutt oppassen, dass ee net virgeet, wéi wann ee mat enger Zockerdous iwwert d'Taart geet, schéi fein iwwerrall e bëssen. Wann een esou mat engem Mediebudget ëmgeet, da kënnt neischt dobei eraus. Dann huet ee keen Impakt. Et muss ee ganz einfach wëssen, wann d'Leit dobausse moies opstinn, gehéiert d'Publicitéit net zu hieren eischte Préoccupatiounen. Entretemps ginn d'Leit

mat ongeféier 1200 Werbebotschaften den Dag beschoss, do muss een sech ganz kloer d'Fro stellen: "Wéi brengen ech et elo färdeg, dass meng Pub do ukënnt, wou se soll ukommen?" Dat get souwiesou den Défi vun der Kommunikatioun an nächster Zeit: "Wéi brengen ech et färdeg, beim Här X 10-15 Sekonne vu senger Zeit z'ergatteren, fir dee Message eriwwerzebringen, deen ech wëll eriwwerzebringen?" Dat as déi Fro, déi all déi Leit, déi am Secteur vun der Kommunikatioun täteg sinn, sech an Zukunft musse stellen.

### **Jean Geisbusch:**

Et as scho relativ spéid, mir hunn en ausféierleche Bilan gemach, mir deed et net leed, dass mer och um Niveau Contenu insistéiert hunn, Qualitéit, och wann et relativ schwéier as, fir dat kloer ze définéieren an och wa Gruftien wahrscheinlech eng aner Approche hunn wéi jonk Jongen a Meedercher. Ech proposéieren awer, fir dass dee leschte Punkt net ënner den Dësch fällt, nach en Tour de table zu 3 ganz präzise Punkten ze maachen. Eischte Punkt as d'Interaktivitéit, Crossmedia asw. Den Här Bintz war de moien hei, huet also héieren dass hien wahrscheinlech zu deene gehéiert, déi schon eng Direktive am viraus sinn, wat jo op manst am kommerzielle Bereich net oninteressant as. Dat mir ons also d'Fro stellen, wéi muss en zukünftegt Gesetz ausgesinn, wat déi Situatioun respektéiert a wat och vu Bréissel gefuerdert get fir d'Réseaux vun de Contents an de Servicer ze trennen, och um Niveau vun de Concessiounen. Zweete Punkt as déi berühmte Diskussioun iwwer d'Télé publique. Wee soll hei zu Lëtzebuerg de Service public assuréieren? Den Här Berwick huet de Fanger virdu schon ausgestreckt. Soll dat weider RTL sinn, aner Opérateurs oder eventuell en Organisme public? Drëtten Punkt as dee vun der „aide à la promotion audiovisuelle“, jo, nee. D'Regierung huet an hierer Erklärung 99 relativ deitlech gesot, dass sie net wëll an eng Logik vu Subventionéierung vun der audiovisueller Presse goen an et sinn och eng Reih vu verantwortleche Leit, net nëmmen an der Politik, déi soen, déi Promotioun wier op engem Plafong ukomm an och den Här Weides mat sengem 100,7 get oft schief bekuckt vu Leit, wa se héieren, dass hien fir 2002 110 Milliounen krut. Den Här Garcia seet, dat as 35 Mol de Budget vu Radio Ara. Ech géif Iech bieten, Iech op déi drei Punkten ze konzentréieren. Ech fänken nach emol beim Här Mosar un; hien as beschtens placéiert, fir nach emol de Kader vun deenen drei Aspekter ze setzen.

### **Laurent Mosar:**

Ech gi ganz gär op déi verschidden Aspekter an; ech fannen jhust, dass all einzelnen Aspekt lang Developpementer suscitéiert. Et as schrecklech vill doriwwer ze soen, besonnech wann Dir och wëllt héieren, wat d'Iwwerleeungen vun der Mediekommissioun bis elo zu all deene Punkte sinn.

Eischte Punkt, do wëll ech mech ganz kurz faassen, wat d'Interaktivitéit an d'Trennung vu Réseaux an Contents ubetrëfft. Ech wëll do op ee Punkt agoen, deen och eppes mat deer do Problematik ze dinn huet an deen och d'Base vu villen Diskussiounen muss ginn, wa mir iwwert d'Reform vum Mediengesetz schwetzen. Dat as déi, dass mer besonnech am Televisiounssecteur keng Ressourcen rares méi wärten an Zukunft hunn. D'Resources rares si jo nach d'Base gewiecht vum Konzessionsvertrag tëscht der CLT-Ufa an dem lëtzebuurger Staat. An Zukunft ginn et keng Ressourcen rares méi oder ganz limitéiert. Elo as et jo esou, dass jiddereen, deen an Zukunft hei zu Lëtzebuerg Télé wëll maachen, dat och ka maachen an net méi onbedengt op Frequenzen ugewisen as, wéi dat nach an der Vergangenheit de Fall war. Da stellt sech natiirlech déi Fro, wien an Zukunft kann e Medium exploitéieren, op dat eng Télé, e Radio oder e Presseorgan as. Do wëll ech jhust emol eppes feststellen, fir z'évitéieren, dat mer vleit mat 2 poids, 2 mesures virginn. Et as jo am Moment nach esou, dass jiddereen u sech kann eng Zeitung erausginn, deen dat wëll. Do gi keng weider Konditiounen gestallt; déi gi jhust gestallt, wat d'Pressehëllef ubetrëfft. Duerfir

mengen ech och, dass et schwéier get, fir elo z.B. muer engem Televisiouns-oder Radioprogramm Oplagen ze maachen. Och do ka jiddereen dat maachen a soll dat maachen. Ënner wéi enger Form, cela reste à voir, mee ech gesinn eigentlech schlecht wéi mir do kënnte Begrenzungen aféieren, wou mir z.B. géife soen, en Téléprogramm, dee muss gewësse finanziell oder soss Oplage respektéieren. Ech mengen, dass do de Spillraum ganz kleng as an dat eenzegt, wat mir do als Contrainte eng Kéier kënne kréien, as iwwer de Service public, Pressehëllef bei der geschriwwener Presse a Service public och bei Télé a Radioprogrammer. Wat d'Trennung vu Réseau a Contenu ubetrëfft, sinn ech och do der Meenung, dass een do scho muss eng gewëssen Trennung machen. Ech gesinn awer schlecht, wéi dat an der Praxis kann praktizéiert ginn a wéi een dat gesetzlech ka verankeren. Dat as ee Punkt, dee mir och nach mussen an der Mediekommissioun eng Kéier diskutéieren.

De Punkt vum Service public as e wesentleche Punkt. Ech mengen, ech hunn do scho virdrun a mengen Developpementer gesot, wéi ech de Service public gesinn. Ech mengen, dat kann op kee Fall eng "100,7 Télé" ginn. Do as och eng Unanimitéit an der Mediekommissioun fir net op dee Wee ze goen. Op der aner Seit as et awer grad sou evident, dass mir e Service public mussen hunn. Perséinlech sinn ech och der Meenung, dass déi Enveloppe, déi mer RTL den Ament fir déi Mission de Service public zur Verfügung stellen, dass déi net méi duergeet an dass mir do mussen driwwer nodenken, fir déi Enveloppe an d'Luucht ze setzen. Ech weess och net, ob mir dee Service public bei der Télé resp. de Radioën nëmmen op een Bedreiwler limitéieren sollen. Do kann ee sech aner Formulen virstellen: Subventionnement vu Produktioun, Subventionnement vu gewësse Programmen, déi dann laut engem Cahier des charges missten festgeluecht ginn.

Drette Punkt: "aide à la promotion audiovisuelle". Do wëll ech eppes soen, fir dat richtigestellen, wëll mir do eng Confusioun hei um Dësch schéngt ze sinn. Dat as deen ominösen Publicitéitsplafong bei den Téléën. Ech mengen net, dass envisagéiert as, dee Plafong ofzeschaafen, op manst as et mir net bekannt an och den zoustännegen Minister, dee bei eis an der Kommissioun war, huet eis neischt dovun gesot. Wat soll ofgeschaaf ginn as den Televisiounsmonopol vun der CLT-Ufa an all déi aner Téléprogrammer sollen zu deenen nämlechte Konditiounen Accès zu der Publicitéit hunn wéi RTL am Moment. Dat as och richtig, dat imposéiert sech reng aus rechtlechen Erwägungen, wëll ech hunn ëmmer behapt, wann een, deen de Publicitéitsmonopol virum europäesche Geriichtshaff contesteiert hätt, deen hätt mat ganz grousser Wahrscheinlechkeet do recht kritt, sou dass ech och mengen, dass dat eng Mesure as, déi evident as. Duerfir kann ech déi och nëmme begreissen. Nach mengen ech awer, dass dat neischt mam Plafong ze dinn huet.

Wat soss Hëllef ubetrëfft – och wann ech do vleit eng aner Positioun verrieden wéi e Regirungsverrieder oder aner Leit – gesinn ech allerdengs schlecht, wéi mir an Zukunft kënnen de ganzen audiovisuelle Bereich eraushuelen vun enger staatlecher Hëllef. Dat emsou méi, wa mir wëllen e gewësse Service public assuréieren, nach verbessern oder an de soziokulturelle Bereich eragoen, och um Niveau vun zousätzleche Programmer, déi géife gemach ginn, - gesinn ech also schlecht wéi mir dat kënne machen ouni eng Hëllef. Nach eng Kéier, ech fannen, dee System vun der Pressehëllef, sou wéi en den Ament der geschriwwener Presse zegutt kënnt, net onbedengt en optimale System, plädéieren also net dofir, dass een esou ee System tel quel géif op den audiovisuelle Secteur ausdehnen. Nach muss ee sech Gedanken maachen, wéi een dat mecht, mee ouni iergendwelch Hëllef kann ech mer net virstellen, dss mir kënne virufunktionéieren. A wann een awer net wëll, dass mir muer nach jhust kommerziell Programmer hunn, da mengen ech, muss de Staat seng Responsabilitéit iwwerhuelen.

**Jean Geisbusch:**

Merci, Här Mosar. Ech hu jhust eng ganz kurz Prezisioun zum Plafong. D'Regierungserklärung geseit fir, dass de Plafong opgehewe get, sur demande vun RTL. Déi Decisioun as effektiv nach net geholl, ech hat mech do e bëssen ze weit aus der Fenster geluecht.

**Danièle Fonck:**

Jhust zu deem Punkt kann ech soen, dass an der leschter Réunioun mat de Professionnellen a mam Här Biltgen, hien confirméiert huet, e géif net opgehewe ginn.

**Jean Geisbusch:**

Da loosse mir dee Punkt mat Fragezeichen stoen. Här Bintz weg.

**Jean-Claude Bintz:**

Ech verstinn, dass Lëtzebuerg sech wëll eng Pluralitéit an der Medielandschaft ginn an do och verschidde Suen zur Verfügung stellt fir e soziokulturelle Radio grad wéi eng « aide à la presse et à la promotion de l'audiovisuel ». Ech verstinn, wann een dat kann an déi Qualitéit erabringen, déi dann do erwaard get. Wat ech vun eis elo ka soen, as dass mir net Kandidat sinn fir déi Aide do ze kréien; mir hunn dat nie verlangt. Mir soen einfach, mir hunn eben déi kommerziell Oder do dran an dass mir dann awer op déi aner Manéier net verpflichtet ginn, fir keng Debilitéiten méi ze...ech kucken Iech erem. Mee, ech verstinn dat awer vollkommen. Op der aner Seit muss een awer och soen, wann déi Fragmentatioun vun de Medien kënnt a wat der méi kommen, wat der méi d'Hand ophalen. Dat heescht, déi zwee grouss Presseheiser, déi jo elo franséichsproocheg Zeitungen erausginn, déi wärten dann jo awer och fir d'Aide à la presse eng Kéier ërem d'Hand ophalen. An sou kann een ëmmer ërem weiderfueren. Wann deen een eppes mecht, mecht och deen aner eppes asw. Dass dat herno awer och an e Betrag geet, dee Lëtzebuerg fir seng Medien ausget, wou herno d'Consommation vun deene ganze Medien dat vleit ee Moment net méi ka garantéieren. Duerfir soen ech ërem eng Kéier, wat d'Qualitéit ubetrëfft, wann ech géif e Radio machen, dee kee wëll lauschteren, da loosse ech et léiwer sinn. Oder wann ech eng Zeitung schreiwen, déi kee liest, da kann ech net nëmmen durch d'Aide à la presse iwuerliewen. Ech muss och iwuerliewe kënnen durch meng Qualitéit.

Wat d'Interaktivitéit ubetrëfft, den Alain huet et virdu gesot, seng Marque och enzwouch anescht gesinn, et as dat wat an eisem Hannerkapp as. Grad wéi eng grouss Marque dat op Weltniveau mecht, eben einfach an déi nei Medien erakommen, an dat as eben net nëmme méi Radio an Télé, mee och Handy an Organizer an alles wat dozou gehéiert. Och d'Télé get herno net méi am Salon consomméiert, do wou se am Eck steht; Televisioun kënnt och op eis duer grad wie den Internet och. Ech mengen, dee Contenu, dee jiddereen huet, op aner Manéieren herno consomméiert get, an do d'Telecomopérateurs, déi déi Daten hin an hier schieben, do natiirlech Kandidat sinn fir déi Contents opzehuelen a weiderzeginn. An dat as eng vun eise wichtegen Aufgaben, déi eise Grupp wëll maachen.

**Jean Geisbusch:**

Här Weides?

### **Fernand Weides:**

Ech wollt jhust zum Thema Interaktivitéit folgendes soen. Wat den 100,7 ubelangt, wann deen eng Emfro bei sengen Nolauschterer mecht, kritt en en Degré de satisfaction, deen, ech wëll net soen 100%, mee bal 100% as. Ech soe jhust, dass mir och wëllen iwwer deen traditionnelle Vecteur erausgoen, deen do heescht eng terrestresch Frequenz, déi a Klammeren net d'ganz Land couvréiert, mir sinn deen eenzege Radio deen nëmmen eng Frequenz huet. Et get suguer een, deen huet der 3 an mir sinn ofgewise ginn. Ech sinn och der Meenung dass dat net richtig as an dofir maache mer eist Beschit fir an de Kabel ze kommen an och déi nei Technologien ze notzen. Mir hunn Tester gemach fir am WAP-Bereich eise Programm unzebidden an och iwwer aner Kanäl. Mir sinn och op der Startbasis wann et drëm geet, moar den DAB anzeféieren, also den digitale Radio zu Lëtzebuerg. Do get et eng Associatioun vu deene 6 Radioën a mir sinn der Meenung, dass wann dat agefouert get, soll de Contenu priméieren.

### **Jean Geisbusch:**

Eng Zwëschefro, Här Weides, Dir gedenkt also net, déi Offer vum Här Berwick unzehuelen, fir d'Redaktiounen zesammenzeleen?

### **Fernand Weides:**

Dat huet jo eigentlech mat deem Thema hei neischt direkt ze dinn. Mir hunn op enger Plaz, wou mir gefrot gi sinn fir dat ze machen, do hu mir gesot, mir wieren net Demandeur an mir hunn och gesot, mir géifen d'Vergangenheet net vergiessen. Mir hunn nämlech festgestallt, dass wa mir an enger neier Etappe waren, da krute mir erem vun RTL Bengelen an d'WEE geluecht an dofir si mir ganz méfiant wann sou eng Offer kënnt. Mir sinn och der Meenung, dass dat souwiesou nëmmen eng Bananeschuel as, déi eis soll e substantiellen Deel vun eise Programm entzéien. Do get et an der Wirtschaftswelt de schrecklechen Ausdrock vun enger OPA, vun enger frëndlecher OPA, dat hei schengt mer sou eng feindlech OPA ze sinn. Mir hunn och soss nach net vill materiewe vum RTL, wëll ech jhust soen. Ech kënnt elo den Här Berwick zitéieren, deen an engem Interview gesot huet, e Programm wier e Ganzt. Ech sinn och deër Meenung, an eise Programm as e Ganzt an déi Deeler, déi do sinn, déi halen zesammen, suwuel de soziokulturelle Volet wéi och de Volet Informatioun. Wou mir d'Informatioun jo och op eng aner Art a Weis traitéieren, mir kréien dat jo och all Dag vun all Mënsch bestätegt, dass dat esou as. An dat as och vleit de Problem, deen anerer mat der Informatioun hunn. Mir hu wéinstens dann e rengt Gewëssen, mir maachen eng gutt Informatioun. Ech soen elo net, dass anerer eng schlecht maachen. Jiddereen op sengem Plang kënnt sècher senger Fonktioun no, wëll déi as sengem System a senger Philosophie inherent. An jiddereen huet eng Philosophie an ënnerleit de Gesetzmässegeete vun engem System. Bei eis as e wesentlechen Avantage, dass mir keng Publicitéit hunn an ech revendiquéieren se och net. Wann een natiirlech kuckt, dass aner Programmer rythméiert ginn vun de Publicitéiten, dat as eng aner Saach. Ech wëll net soen, dat wier schlecht. Au contraire, vleit as eng grouss Masse vu Leit, déi dat gären sou hätt, mee ech huelen ech de Slogan: "Mir wëlle bleiwe wat mer sinn". Mir sinn net Demandeur fir sou eng Operatioun, déi mer als Bananeschuel considéréieren.

Wat de Service public ubelangt, hu mer kee Problem domad. RTL as eng Privatchaîne, déi den Ament eng Mission de Service public huet, quasi eng Monopolstellung. Déi wärt se och behalen, trotz deene klengen Televisiounen an och trotz Tango TV, déi e ganz anere Créneau verfolgegen. Mir hunn do kee Problem, dass RTL déi Missioun, soulang se dat kann, och soll ausféieren. Mir sinn also do net direkt Demandeur.



Wat déi drett Fro ubelängt vun den Aiden: mir si subventionéiert, mir si jo och Secteur public a mir kréien awer vill manner wéi RTL kritt fir d'Telé. Den Här Mosar huet elo grad gesot, et misst ee vleit déi Moyens och adaptéieren. An och de Radio vun RTL get jo indirekt bedéngt. Do hu mir och guer neischt dogéint, ...

**Alain Berwick:**

Ech wéisst net, wou RTL do vun iergendengem géif bedengt ginn...

**Fernand Weides:**

Dat hut Dir an engem Interview gesot, de Jean-Charles De Keyser an Dir. Ech hunn den Interview hei.

**Alain Berwick:**

...awer net finanziell...

**Fernand Weides:**

Dach.

**Alain Berwick:**

Dann huet de Journalist eis net verstan. Et gi vill Saachen, déi geschriwwen ginn, déi net stëmmen. Dat as jo dann de Beweis.

**Fernand Weides:**

Hues Du dann protestéiert géint déi Ausso?

**Alain Berwick :**

Ech hunn dat nie gelies, also d'Tatsach as dass et net sou as.

**Fernand Weides :**

Dont acte. D'Telé awer, 200 Millioune sinn dat bei der Télé, oder?

**Alain Berwick:**

Nee, mir kréien e puer Frang fir d'Interpretatioun.

**Fernand Weides:**

Ouh, dat steet an deem nämlechten Interview.

Da wollt ech nach jhust zu deene aneren Aides eppes soen. Mir sinn net déi eenzeg, déi Aides kréien. Mir hunn och neischt géint d'Aide à la presse.

Et as ganz wéineg hei diskutéiert ginn iwwer ee Secteur vun deem Gesetz, dat vun de Radios locales. Et as och kee Vetrieder vun deenen hei direkt um Dësch, ausser den Här Bintz vleit, deen sech do ee Radio appropriéiert huet. Mee, et as esou, dass déi Radioën relativ strikt gehal sinn a sie hu gewisen, wéi een déi Conditionen kann emgoen. An do kann ee die Hypocrisie ophiewen an deenen d'Meiglechkeet ginn, dass en se ënner anere Conditione kënnen gehollef kréien, z.B. vun de Gemengen oder suguer wa se lokal, kulturell Fonktionen erfëllen, grad sou Subventionne kréien wéi aner Associatiounen. Ech schwetzen vun de Radios associatives.

### **Jean Geisbusch:**

De Claude Nesser weg., vleit eischer zum eischte Punkt?

### **Claude Nesser:**

D'Interaktivitéit wärt sech an Zukunft weider staark entwëckelen, dorun as keen Zweifel. Dat mierkt ee jo och dass et funktionéiert, Tango wéi och Planet beweisen dass iwwer de Wee vun SMS kënnen Saache mat der Télé verstréckt ginn an am publicitaire Bereich kann een nach e ganze Koup aner Medien zesumme verstrécken. Dat wärt sech an Zukunft weider developpéieren. 2010 wäerte mir déi audiovisuell Medien net méi sou consomméieren, wéi mir dat haut maachen. Op der aner Seit wärt et awer sou bleiwen, dass Printtitelen ëmmer Printtitele wäerte bleiwen an ausser dass ech vleit an der Vakanz de Contenu vum Tageblatt och iwwer Internet consultéieren, wärt ech awer och nach 2010 nach léiwer d'Tageblatt am Grapp halen wéi et op Internet liesen. Wëll och am Internetbereich, do si scho ganz vill Leit, déi sech scho ganz staark geiirt hunn. Do hu vill Leit geduecht, dat géif sech vill méi schnell a méi staark developpéieren, wéi dat de Fall as. Ech mengen, et war elo eng Sociéitéit an de Schlagzeilen, déi schon zweemol Schëffbroch erlidden huet an elo maache mir en dretten Essai. Déi Milliarden, déi do schon durch d'Péif gange sinn, mussen een awer e bësse virsichtig stëmmen. Den Internet huet sëcher villes revolutionéiert, dat eenzegt wat en net geännert huet as de Mënsch. Deen as nach ëmmer d'nämlecht bliwwen. An de Mënsch as e Gewunnechtsdéier. A fir Gewunnechten bei engem Mënsch ze änneren, dat geet net vun haut op muer. Do hunn d'Leit heinsdo d'Tendenz, fir Saachen z'iwwerschätzen an dat kann dann emol richtig an d'Ae goen. Ech hunn selwer Schwiergekeete fir mir virzustellen, dass elo nach géif en zweeten Acteur op de Maart kommen, fir dat ze maachen, wëll déi finanziell Moyens, déi och dat brauch, si considéabel. Ech mengen, RTL géif sëcherlech och nach gären aner Saache maache wéi déi, déi se den Ament maachen. Mee dat brauch Moyens an mir hunn nun eemol d'Moyens net fir dat do kënnen z'erlaben, sou dass ech Schwiergekeeten hunn, fir mir kënnen virzustellen, dass mer lo en zweeten Acteur hunn an dass sech do Wesentlechës ännert. Wëll à la fin du compte as et souwiesou nach ëmmer de Konsument deen decidéiert, wat e kuckt a lauschtert.

### **Jean Geisbusch :**

Lou Scheider?

### **Lou Scheider :**

Fir jhust eppes mat op de Wee ze ginn, ech fannen, et soll een d'Realitéit net vergiessen : mir schwetze vun engem Land vu 500.000 Leit. Wann ech heinsdo héieren, « pour garantir la pluralité dans les médias », sëcherlech si mer Weltmeeschter vun der Zuel vun de Medien par rapport zu den Awunner hei zu Lëtzebuerg. Dat as elo schon eng Réalitéit, dat mecht d'Saach natiirlech fir déi eenzel net mei einfach. Da muss ee kucken, wat z.B. de Budget vu

Radio Ara as, mat deene mir och emol schon zesummege schafft hunn, déi schaffe wahrscheinlech mat e puer Mio., d'Lëtzebuerger Wort huet an eise Chiffren 1,2 Mia. Do sinn elo schon Welten dotëscht an déi Realitéit muss een einfach sech virun Aën halen. An dann d'Realiteit vun der Taille vun eisem Marché, vun de Nationalitéiten déi op eisem Marché sinn an wa méiglech e Wonsch vun eis Professionnellen: dat as fir sech e bëssen un internationalen Normen z'orientéieren, wëll wa mir elo hei e System opbauen, deen sou komplizéiert ze verstoen as vu baussen, dann as dat en Handikap fir d'ganz Land a fir all Medien. Dann as et net deen een, dee gewënnt oder verléiert, mee da verléiere mer all zesammen an dat misst ee mengen ech vermeiden.

### **Jean Geisbusch:**

Alain Berwick?

### **Alain Berwick:**

Fir eis as déi nächst wichteg Etapp – radiosméisseg hu mer 24 Stonne Programm, dee komplett as an zimlech vill Satisfioun get. D'Telé huet demarréiert mat engem Kader, deen eis e Budget ginn huet, wou mir gefrot goufen, Noriichten ze maachen, Sport a Kultur, wou mir schon méi draus gemach hunn. Genre Impuls, déi zousätzlech gemach gi sinn, Magazinen, déi ronderem gebaut gi sinn ëm d'Noriichten, déi zum Deel Entertainment sinn, zum Deel och scho qualitativer Natur sinn. Eis Ambitioune si sêcher, deen Telésprogramm ausbauen a mir wärten dat och maachen, wëll d'Demande och vu baussen as. Schwéier as et schon lëtzebuerger Contents ze fannen, déi der Demande vun engem Public entsprechen. Et muss een se och ëmmer sou formatéieren, dass en se och inhaltlech eng Attraktivitéit hunn. Dat as net widersprechlech. Dat zweet, wat ech mir ka virstellen, as dass mir fir déi Contents e Cahier de charges hätte mat Oplagen, respektiv dat och mat anere Leit baussen produzéieren. Et as manifest, dass mir de Service public zu 100% wëlle weiderféieren; op déi aner Manéier, wat ech mir schlecht ka virstellen, as dass ee Contents dobausse produziéiert an dann op Chaînes setzt, déi entweder keng Audiéiz hunn oder wou déi Contents absolut net passen. Et kann een net einfach e Contenu an en Emfeld ersetzen. D'Chamber z.B., wat elo guer keng Konkurrenz fir eis as, do passt et net, duerno e Contenu ze hunn, genre „zone interdite“ an dann en zweeten drugepecht. D'Leit machen dat esou wéi am Print, op dat eng Dageszeitung as oder e Magazine, dat muss och e Ganzt sinn. An de leschte Seiten fënnt een do e bëssen Divertissement, am Ufank den Haptartikel, et gi bësse Regeln dran, wéi een dat formatéiert. Dodurch hu mir de Programm nëmmen no ënnen ausgebaut, elo wou net vill Audiéiz as. Dat heescht, wou och zum Deel awer Qualitéit as, wëll ech erënneren mech drun: den Happy Diwwi as eng Emissioun fir kleng Kanner, mee do hu mer awer News dran fir kleng Kanner. Ech mengen, déi Cibel kritt sou Informatiounen. De Maurice Molitor, den Tom Graas, d'Mariette Zënners, déi maache News fir Kanner oder de Maurice huet der fréier gemach fir Kanner. Dat heescht, mir hunn d'Grille no ënnen ausgebaut; no uewen hu mer et opstoe gelooss, mir hu jhust Tester am Moment gemach mat Planet, mat Friends, fir ze kucke wat d'Leit gären hätten. Mee mir hunn ëmmer gesot, mir loossen d'Contents no uewen op fir Rediffusioune vun den News, dat as d'Demande Nr.1, mee awer och fir Contents, et kann och Divertissement sinn, mee Qualitätsdivertissement, edukativ Programmer, Sport Programmer. Mir hunn eis also schon eng Grille virgestallt, mir géifen och de Public froen a mir géifen och d'Autoritéite froen, wat en se sech wënschen. Mir mengen och, dass een dat sou misst formatéieren, dass et eng Attraktivitéit hätt an e Ganzt passt. Wëll ech mengen, mam Outil RTL hätt een eppes sêcher, mam Promosapparat, dat as, dass een déi Contents och engem large Public géif zougänglech maachen. Et kann een elo e Contenu huelen, en op iergendee Kanal oder och op den Internet setzen, da get en nach net gekuckt. Deen Ament wou ee Suen an

d'Produktioun stecht, soll een och kucken, dass et och souvill wéi meiglech gekuckt get. Mir wärten eis sècher do positionéieren. Dat zweet as, dass mer och vill kompetent Leit hunn an sou wéi vill Leit bei eis vum Eldorado eriwwer koumen (et kommen der och vum soziokulturelle Radio bei eis eriwwer an emgekéiert), mee Leit, déi an e gewëssenen Alter kommen, déi hunn extrem vill Erfahrung a géifen och gär aner Emissiounen maachen wéi ëmmer um Radio déi nämlecht Emissiounen maachen, an der Télé och, hunn d'Kompetenzen, fir dat ze machen. Well ech behapten, dass RTL d'Kompetenzen huet fir qualitativ heij Contenus, mee et muss een dann och d'Moyens hunn an et as dorunner wou mer schaffen, fir e Modell ze fannen. Mir kënnen et iwwert d'Pub schwéier finanzéieren oder wa mer et géifen iwwer d'Pub finanzéieren, da géif et sou aggressiv um Marché hiergoen, dass jiddereen ronderem an d'Graass beisst. Mee et get jo „en concertation“ mat jidderengem gemach, wëll mer trotzdem dee Pluralismus respektéieren.

Dat zweet as jhust zum Fernand senger klenger Anekdote, ech mengen, OPA, dat get dem 100,7 attribuéiert an dann méi eng déck Importenz wéi mir. Mir hate jhust e Modell virgeschloen, onofhängeg op dat RTL, gutt oder schlecht Erfahrung sinn. Mir hunn e Modell virgeschloen, Genre SWR1, SWR2, SWR3. Sou wéi mir am Eldorado Deelaktionär sinn, hu mir gesot, wann ee géif sou eng Schinn bauen an d'Redaktiounen zesummeleen, eng staark, grouss Redaktioun, déi kéint méi Contenus maachen, déi an d'Déift ginn fir déi zwee Senderen. RTL géif nach emmer d'Noriichte maachen, wéi se se haut maachen, wëll sie hu Succès domad. Den 100,7 géif seng Noriichte maachen. Mee mat engem grouss Pool vu Journalisten zesummen hätt een e bessere Journalismus. Déi zweet Saach as d'technesch Infrastruktur, déi kascht den RTL, déi kascht den 100,7; et kréich een d'Käschte reduzéiert. Den drëtten Punkt wor, déi Contenus, déi den 100,7 huet, et as guer net, dass RTL scharf drop as, déi ze hunn, wëll mir hunn déi Contenus mat der Zeit ofginn. Mir haten Emissiounen, déi den 100,7 haut huet, mee, mir hunn déi ofginn, wëll déi nëmmen enger extrem klenger Demande entsprechen. Mir hu gesot, de Promosapparat vun RTL kéint maachen, dass zu Zeiten déi Nischen Promotioun kréien an dee Moment d'Leit se dohi lauschtere ginn an dann ërëm zëreck bei RTL kommen; dat wor jhust de Modell, deen an eisen Aen bon sens mecht, dat wor net eng Schuel; mir hunn souvill net dovunner; et wor méi e Modell, dee mer eis konnte virstellen, deen och am Ausland sou funktionéiert. Mee et as keng OPA, wéi de Fernand mengt, weder eng frëndlech, nach eng feindlech.

### **Danièle Fonck:**

Ech loossen Iech mat Ären OPAen, wëll ech aus engem Zeitungshaus kommen an duerfir kann ech och soen, dat mir als Editpress gutt mat der Liberalisatioun vun den Televisiounen kënne liewen. Dat stellt ons kee Problem, dat neit Gesetz wat soll kommen, zumindest an deër Phase, wou ons de Projet elo bekannt as, och net. Déi zwou Restriktiounen, déi mer hunn, hunn ech zur Genügend gesot an déi sinn an déi bleiwen an aus deenen erget sech am Fong och de ganze Rescht. Et muss ee kucken, mir liewen an enger Gesellschaft, déi Gesellschaft funktionéiert an engem wirtschaftlechen Emfeld an an deem get et verschidden Acteuren. Déi mussen kënnen schaffen. Et as evident, dass et, grad an deem Zeitalter, wou vill Radioë kumm sinn, Televisiounen kommen, d'Zeitungswelt sech och verännert an nei Zeitungen entstinn a visiblement kënne liewen. Dat as jo dann alles positiv. Et muss ee jhust kucken, dass ee garde-fous huet, wéi dat ëmmer as an enger Gesellschaft, déi politesch Responsabilitéit huet, dass déi ausgebaut ginn an duerfir as d'Politik jo och do, mengen ech. Dofir nach eng Kéier, mat deenen neien Televisiounen, absolut kee Problem. Y compris mam Plafong, nierwebei bemierkt. Ech wëll elo net dee sinn, deen hei wëll um Plafong vun RTL festhalen. Ech mengen och do, wann d'Plafongen elo opgehewe ginn fir déi eng déi do sinn an déi aner di kommen, pourquoi pas? Mee raison de plus dann fir Kontroll ze maachen, fir den Observatoire ze hunn. Wat d'Télé publique ugeet, kann ech jhust soen, mir hunn als

Haus mat RTL an deër Situatioun déi déi vun RTL as – engerseits Privatbetrieb, anererseits Mission publique – gutt a korrekt geliewt an sie mat eis och. Mir perséinlech hu kee Grond fir déi Situatioun wëlle verännert ze gesinn. Et misst een eischer d’Fro stellen, an dat as ërem eng Fro, déi d’Politiker misste stellen – wat wëll Bertelsmann fréier oder spéider mat deenen eenzelnen Dealer vun hierem Grupp maachen. Ech mengen, dat as bal en Thema, wou Lëtzebuerg iwwerfrot as. An da gesi mir wat mir musse maachen an a wéi eng Richtung mir ginn. Do kann ee sech da verschidde Formules virstellen. Et as jhust och do ërem eng Kéier eng Restrictioun. Et kann net sinn, dass an enger spéiderer Entwécklung eng Televisioun do wier, eng eenzeg, déi praktesch de Monopol hätt an an enger privater Hand wier. Dat am Cumul vun de Medien. D’Aide à la presse as, a mengen Aen ëmmer eppes Lëschteges, wëll ech fannen, et kann een ëmmer sou flott Demagogie domad maachen, et as eppes Populistesches: je nodeem, wéi d’Politiker gelaunt sinn oder wéi engem Bord se nostinn, oder baussen oder bannen am Pouvoir, ännert dat emol, innerhalb an ausserhalb vun der Regierung, do erliewt een alles sou mat a wann et driwwer hiergeet, da stellt ee fest, dass se eigentlech awer all op der nämlecher Linn leien. Aide à la presse, firwat get et dei? Et get se net zoufällig a sämtlechen europäesche Länner, d’Forme si wuel verschidden, et si Länner wéi Frankreich, déi subventionéieren de Pabéier, as dat méi gerecht? De Pabéier, weess een, dass dat déi deierst Matière première as an enger Zeitung, dat as deen hechste Posten, deen een un Dépenses huet, nach éier een Personaldépenses huet. Et as also ganz wichteg, wann een décidéiert, do och ze subventionéieren. Op dann dee klengsten am beschten ewechkéim, do hunn ech perséinlech meng Douten. Et si Länner, déi ënnerstetze systematesch nëmmen déi Kleng, dat as zum Beispill an der Belsch de Fall. Op dat méi brengt, weess ech och net, vu que dass et net meiglech as, op Dauer déi Kleng domad ze retten. Mee, Promotion à la presse get et allenfalls; mir hate virgeschloen, deen eistreichesche Modell eppes mei genau ënnert d’Lupp ze huelen an ech wëll dann och, dass hei alles ganz prezis as a keng Form vun Ambiguitéit as – et get ëmmer geschwat vun deenen zwee grouse Presseheiser. Déi Form vun Aide à la presse, déi mir haut zu Lëtzebuerg hunn, déi hu mir op Wonsch vun deem enge grouse Pressehaus an zwar deem gréissten, wat sengerzeit declaréiert huet, nëmmen wann d’Aide à la presse déi Form huet, déi se haut huet, wär de Prinzip iwwerhaupt fir dat Haus acceptabel. An anere Wieder, c’était à prendre ou à laisser. An deem Fall hunn all déi aner gesot, dann as et à prendre, wëll et soss nëmmen à laisser wor. Mee, ech mengen, et soll een net versichen, all Mënsch an een Dëppen ze werfen, déi Kleng, déi Mëttel, nee, et as een dee gesot huet, et as dat oder neischt anescht. A loosse mir net vun zwee schwetzen, et as een. Dat wëll ech och fir d’Zukunft nach eemol gesot hunn; et muss ee wëssen, et as schéin a gutt, et kann een op Tables rondes diskutéieren, mee ech mengen, et muss een och wësse wat Realpolitik as, an déi as déi, déi den Ausschlag gét, wann d’Decisiounen geholl ginn. Do soll een net dupe sinn.

### **Jean Geisbusch:**

Här Garcia?

### **Robert Garcia:**

Ech wëll zum Schluss elo net de Verdacht opkomme loossen, dass eng schwarz-gréng Koalitioun am Anzuch wier, wëll ech mech de meeschte Wieder vum Kolleg Mosar géif uschléissen, duerfir wëll ech awer e puer Nuancen ginn.

Zum éischte Punkt soen ech elo neischt, do sinn ech net kompetent genuch, da soen ech alt keng Dommheet.

Déi Geschicht mat der Télé publique. Nach eng Kéier e Rappel. Mir haten eigentlech an der Kommissioun zwee extrem Modeller. Entweder loosse mir jhust kommerziell Logik walten oder mir ginn an den aneren Extrem vun der Télévision publique. Mir hunn all fonnt, dass eng Télé publique, wa se och vleit wünschenswert wier, da géif wahrscheinlech beim Här Weides sei Budget nach eng Null dobeigesat ginn an dat wier net realistesch. Ech muss allerdengs soen, dass meng Sensibilitéit an ech och, selbstverständlech bei engem Biergerkanal leit an ech sinn och nach ëmmer deer Meenung, dass dat awer net realistesch as, wëll dat eben Realpolitik as. Duerfir hu mir dee Virschlag, dee vu baussen an d'Kommissioun erakomm as, fir d'Produktioun z'ënnerstetzen amplaz een oder méi Diffuseuren eigentlech en eischte Schratt fonnt, dee ganz interessant as. An ech sinn iwweezeit, wann RTL als ee vun de Produzenten hei um Lëtzebuerger Marché bereed as, soziokulturell Programmer ze produzéieren an och ze diffuséieren, dass dat eng gutt Saach as. Wou een awer dobei muss soen, sou Programmer définéiert ee jo no 8 Auer; also, wa sech am Laf vun der Zeit erausstellt, dass dat net duergeet, soll een sech zumindest déi Optioun oploossen, fir e Kanal opzemaachen, wou een eng Reih vu koherente Programmer noenee setzt. z.B. déi edukativ Programmer am spéide Nometteg an da vleit Informatiounsprogrammer. Dat get wahrscheinlech e relativ langweilige Programm, mee duerfir as awer och eng Demande do. Den eischte Schrett, wou d'Kommissioun elo diskutéiert huet, as fir eis och akzeptabel an interessant.

D'Promotion à la presse dann: de Volet geschriwwene Presse wëll ech net abordéieren, wëll ech do en aneren Hut och hunn, an ech wëll bei deem gréngen Hut hei bleiwen. Déi Aide à la presse un d'Presse, déi geet jo wéinst dem politesche Pluralismus a bei de Radioën as jo kee politesche Pluralismus, wëll et gi jo d'emblée keng politesch Radioën, mee et ginn Nischeradioën. A wann ee wëll, dass verschidde Nischeradioën erhale bleiwen, muss ee bei deenen Nischen, die net kommerziell exploitable sinn, och eng Promotioun maachen. Wa Radio Latina eng Sendung mecht fir Araber, déi zu Lëtzebuerg wunnen an wou een net wëll, dass déi nëmmen Al Jazeera kucken oder lauschten, dann as dat fir d'Öffentlechkeet eng wichteg Saach, dass déi och Lëtzebuerg kenne léieren a vu dass dat net kommerziell exploitable as, muss een deem Sender dee Moment eppes zur Verfügung stellen, dass en déi Programmer oprecht erhëllt, fir dass en net herno och nach jhust Musek mecht. Natiirlech muss een oppassen, dass wann een an esou eng Richtung vun „Aide à la presse“ geet, dat een dann net an sou eng Richtung geet, déi och schon hei beklot ginn as, wou d'Leit onzefridde sinn bei der geschriwwener Press an dofir denken ech mir perseinlech fir déi 4 Reseauxradioën e Sockelbetrag, deen iergendwéi vernünfteg as an da kucken bis zu engem gewisse Plafong, wéi déi eenzel Radioë bereed sinn oder à même sinn fir e Service public ze garantéieren. An do mussen natiirlech Critère festgeluecht ginn, wat net einfach wäert sinn. Critèren z.B. vun Integratioun, besonnech an deem 700.000 Awunner Staat get dat ëmmer méi wichteg, wëll do komme jo net méi sou Monokulture wéi Portugiesen oder Italiener, mee do kommen der extrem vill. Dat heescht, deen Optrag get nach méi wichteg. En anere Critère, kann ech mir virstellen, edukativ Programmer asw. Dat get natiirlech nach e bësse schwierereg, fir dat ze définéieren, mee wann een an déi Richtung kënnst goen a seet: „Mir maachen déi Promotion à la presse audiovisuelle net no engem politesche Critère, mee no Inhalter, déi de Service public gär hätt, déi d'Gesellschaft gär hätt, wëll se déi Programmer wichteg fënnt“. Mee, et muss een awer ëmmer u Plafongen denken. Net, dass wéi de Kolleg Mosar sot, déi Dëck ërem zevill kréien an déi Kleng jhust esou e Survival.

### **Dan Arendt:**

*(passage non-enregistré faute de micro)*

### **Jean Geisbusch:**

Déi drett Saach, Här Arendt, Dir wësst dat, och durch Är Kontakter, déi Dir mat eis hat. Mir hunn eng Autokritik gemach als Conseil. Mir sinn awer net déi Responsabel, dass de Conseil esou fonktionéiert an sou zesummegeasat as, wéi en dat as, a mir hu Recommandatiounen un d'Politik gemach fir dat ze änneren an d'Politik huet déi Recommandatiounen, souweit ech weess schon largement opgegraff an et wärt plus ou moins an eng Richtung goen, wou méi professionnell Leit erakommen, wou deelweis eng Autorégulation sollt stattfannen, déi mir och ëmmer propagéiert hunn, quitte dass mir d'Moyens net haten, fir déi och ze suivéieren. Do wier munches ze soen, dat as awer den Débat vun nierwendru gewiecht. Ech äentwerten Iech awer op déi Fro. Jiddereen operéiert hei mat Beispiller; mir hu gesot, mir géifen dat nom Forum maachen, wëll mir wirklech kleng a reng sinn. Mir hu gesot, dass dat e Punkt as, dee sollt diskutéiert ginn, dat as déi Fro vun de Filteren. An do get et einfach e Bereich, Dir hut selwer gesot an déi meeschte Leit sinn domadden eens, dass et muss eng Reih garde-fous ginn. Mir sinn der Meenung, dass alles dat, wat an bestehend Gesetzer op der Limite as, dass een dat och sollt uschwetzen an dass een do sollt déi Filteren oder dee Guide a priori sollt prioritär diskutéieren, fir esou Saachen ze verhënneren. An der Form kann ech Iech eventuell recht ginn a wann dat och falsch opgeholl gouf, kann ech mech och dowéinst entschëllegen, mee inhaltlech gehéiert dat objektiv zu onse Kompetenzen. Mir wärten och e Suivi an deër Affär maachen. Wann ech an der Form zevill weit virun de Won gespronge sinn, entschëllegen ech mech dofir, mee inhaltlech as dat eng unanime Position vum Conseil. Et géif elo ze weit goen, fir ze diskutéieren, op mir Iech heinsdo op Peanuts hin Blâmen ausgeschwat hunn, wou mir déi zwar begrënnt hunn, sief et „présomption d'innocence“ a Saache Befort, mee dat as hei elo net den Débat, deen as nierwendru gefouert ginn, mee mir hunn nie versicht, ons subjektiv selwer Kompetenzen zouzeuerdnen.

### **Dan Arendt:**

Ech wollt dat och guer net kritiséieren, ech menge, wat de Fong ubelant, dat as Äre Rôle an deen as ganz wichteg an ondiskutabel; mee dat wat ech ugeschwat hunn as d'Form. (*suite non-enregistrée faute de micro*)

### **Alain Berwick:**

Et as net d'Diskussioun vun nierwendrun. Ech mengen, de CNP huet eng Base légale, mee en huet sech nie doru gehal.

### **Jean Geisbusch:**

Wou hu mer eis net dru gehal?

### **Alain Berwick:**

Dir hut Iech iwwerhapt net dru gehal!

### **Jean Geisbusch:**

An der Pedagogik as et esou, wann d'Kanner alles richtig maachen, da soll een se positiv luewen. Lo as et awer hei sou, dass dat net onbedengt explicit am Gesetz steht, an onsem Optrag as, d.h. dass mir eigentlech sou lang begleeden, a wann neischt geschitt, da reagéiere mir net, a wann eppes geschitt, resp. eng Plainte entweder vu bausse kënnst oder mir vu banne vu Membre befaasst ginn, da reagéiere mir. An dat as vleit pedagogesch net

onbedengt ëmmer richtig, wëll mir dann e Blâme ausschutzen, oder Iech oder dem Premier e Bréif schreiwen, dass awer dee positive Luew net kënnt. Mee, ech hunn awer virdrun explicit gesot, dass mir, wat d'Ausféierung vum Service public bei RTL ugeet, dass mir do grosso modo, mat kenge wirklech seriösen Froen oder Kloen befaasst ginn. Dat as jo och e ganz positive Certificat.

### **Danièle Fonck:**

Dierf ech emol eppes zu deenen zwee Häre soen. Ech fannen, dass déi ganz Debatt, déi elo doriwwer gefouert get, dass déi fir mech surrealistesch as. Ech stelle fest, dass ronderem den Dësch ausser mir, iwwerhaupt kee Journalist setzt; et si lauter Leit, déi schwetzen iwwer Journalisten. Ma e Journalist as e freit Wiesen, dee séi Beruf en âme et conscience probéiert ze maachen, sou gutt wéi en et kann ënner deenen Emstänn, déi seng sinn. Mol an der Hetz, mol mat méi Sachkenntnis a mol mat manner, mee meeschtens an der Hetz, mee ëmmer mat guttem Gëwëssen; e versicht ëmmer sei Bescht ze machen. Wann e Journalist géint d'Gesetzer vun engem Land verstéisst, da kann en ugesicht ginn an da muss e virun engem Geriicht Rechenschaft ofginn. Et as awer sou einfach wéi dat. An d'Censeurs vun iwwerrall a vun alle Seiten, egal opgrond vu wéi engen Institutiounen, déi muss geschaaf ginn, fir Leit Visitekarten ze ginn oder Beschäftigungstherapie, wat soll dat alles? Firwat loosst Dir d'Journalisten net endlech schaffen, hier Aarbecht machen am Kader vun de Gesetzer, déi d'Gesetzer vun engem Land sinn? Ech hunn iwwerengs nach eng Fro, wa vu Bonsai-Mediellandschaft geschwat get. Hu mer dann och Bonsai-Gesetzer oder Bonsai-Politiker, wat soll dat alles? Bonsai-Medien, ëm Gottes wëllen, wou si mer dann. Ech wor nach net an d'Fettnäpfche getrëppelt, dofir wollt ech et elo awer eng Kéier maachen.

### **Dan Arendt:**

Dat war jhust eng Recommandatioun, dass de CNP déi Saache sollt kritesch suivéieren...  
*(suite non-enregistrée faute de micro)*

### **Jean Geisbusch:**

Deen Débat as nierwendru gefouert ginn, ech wëll e wirklech elo net sabotéieren, mee ech ginn dem Här Thyès d'Wuert zum Sujet vun dëser Table ronde.

### **Freddy Thyès:**

De Sujet heescht hei Liberalisatioun zënter 1991. Ech hat mir erwaard, dass mir elo hei en Débat géife féieren: wou komme mer hier, wat as de Bilan, wat hu mer gemach... *(suite non-enregistrée faute de micro)*

### **Fernand Weides:**

Ech wollt dem Här Arendt äntwerten. Ganz sécher as et vleit net esou, dass RTL eng Subventioun kritt, dat géif jo och schlecht goen. Dir hut selwer gesot, et as en Abatement op der Redevance. Et as mir egal wéi et heescht. Tatsaach as, et sinn 200 Milliounen. Ech liese fir, eng Fro vun engem Journalist vum „Forum“: „On pourrait donc dire que le contribuable luxembourgeois dispose d'un service public d'une demi-heure par jour fourni par RTL moyennant 200 millions de francs. Alain Berwick : Zitat : Oui, on peut l'interpéter comme cela. » Dofir hunn ech gesot, dee Programm get mat 200 Milliounen ënnerstetzt. Och wann et en Abatement as an net eng Subventioun.



**Jean-Philippe Boever :**

Wann Dir de Journaliste méi gleewt, wéi Leit déi d'Concessioun kennen...

**Fernand Weides :**

Den Alain Berwick sot dat...

**Danièle Fonck :**

Wat soll dann déi Beleidegung géint d'Journalisten, wat heescht « wann Dir em Journalist méi gleewt.. ? » Also, besonnech d'Forumsleit si bekannt dofir, dass se seriös Aarbecht maachen. E seriöse Journalist, deen hëllt seng Interviews op Magnétophone op a kann engem d'Band sou oft virspille wéi e wëllt. Déi Erfahrung huet dës Lescht och den Här Asselborn misse maachen, iwwregens. Mee, dofir soll een dat net einfach esou soen. Wësst Dir, d'Journaliste sinn an déi nämlecht Schoule gang wéi déi aner Leit, op et Diplomate sinn, Fonctionnaires oder Affekoten, wat och ëmmer. Firwat dann ëmmer d'Journalisten sou offälleg behandeln? Sinn deenen hier Schoulen neischt wert?

**Jean Geisbusch:**

Madame Fonck, ech mengen Dir hut déi Prezisioun gemach..

**Danièle Fonck:**

Jo, ech mengen et as awer wichteg...

**Jean Geisbusch:**

Jo, ech mengen, et as awer elo net méi de Moment iwwert dat Geheimdokument Konzessiounsvertrag ze diskutéieren. Dat wier vleit un der Politik och, fir dat Dokument public ze maachen, fir dass ee weess wouriwwer ee schwetzt. Ansonste get jo nach ëmmer weider spekuléiert. Den Här Boever hat awer d'Wuert gefrot.

**Jean-Philippe Boever:**

Ech wollt am Fong geholl jhust ee Commentaire maachen. Gëschter owend as den Ausdrock gefall, d'Diskussioun iwwer de Service public, a wéi eng Form eventuell dee soll kréien. Ech wëll elo net méi mat Débilitéite kommen, soss fillt den Här Garcia sech ugesprach. Ech brauch elo weder e Match ze maache fir den Alain Berwick, deen ech kennen, nach fir den Här Bintz, deen ech net kennen. Mir hunn do eppes vergiess. Wann een zu Lëtzebuerg eng Entreprise grënnt, dann mecht een dat am Kader vun engem vun deenen elementarste Menscherechter, dat as d'Liberté d'entrepreneur. Wann een dofir eng Concessioun kritt, wëll een en Deel vun der Puissance publique notzt, nämlech Frequenzen an ähnlech, dann as dat normal, mee dann ännert dat nach ëmmer neischt un der Liberté entrepreneuriale....  
*(suite non enregistrée faute de micro)*

**Jean Geisbusch:**

Här Boever, ech mengen, mir haten Iech net bestallt fir e ronnt Schlusswuert, mee all Mënsch kann dat ënnerschreiw, wat Dir elo gesot hut an ech brauch da méin

Schlusswuert, wat net sou schéi gewiecht wier, net lass ze ginn an ech soen Iech all villmols Merci, dass Dir participéiert hut, suwuel der Madame Fonck wéi all den Hären ronderem den Dësch an och Iech am Sall, déi Dir sou lang ausgehalen hut. An ech mengen, mir konnten net alles diskutéieren, mee, et kann een och aus dëser Table ronde eng Reih Punkten, Conclusiounen erausschelen, déi die Häre Politiker doudsëcher mat op de Wee huelen an ech wënschen Iech nach e schéine Weekend. Merci!

## Conclusions Table ronde nationale 1, Jean Geisbusch

### « La libéralisation depuis 1991 »

Faut-il une télévision publique au Grand-Duché? Depuis la libéralisation, la question est d'actualité. A Mondorf, elle a été résolue une fois pour toutes. Accusé à tort de vouloir défendre à tout prix cette idée, le CNP a remis les points sur les i. Ce n'est pas dans ses missions de vouloir réclamer une télévision publique; il n'a jamais pris officiellement position quant à ce point. Par contre, le Premier Ministre a été clair: sous sa régie, une chaîne de télévision publique ne verra pas le jour au Grand-Duché!

Aucun des participants de la table ronde sur la libéralisation n'a remis en cause les propos du chef du gouvernement. Bien au contraire, un large consensus s'est formé autour de l'idée que service public et télévision publique sont deux paires de chaussures différentes. Même l'opposition politique semble avoir abandonné l'idée d'une télé 100,7. Robert Garcia (Déi Gréng): *„Die Geschichte mat der Télé publique. Nach eng Kéier e Rappel. Mir haten eigentlech an der Kommissioun zwee extrem Modeller. Entweder loosse mir jhust kommerziell Logik walten oder mir ginn an den aneren Extrem vun der Télévision publique. Mir hunn all fonnt, dass eng Télé publique, wa se och vleit wünschenswert wier, da géif wahrscheinlech beim Här Weides sei Budget nach eng Null dobeigesat ginn an dat wier net realistesch“.*

Le milieu politique veut augmenter les contenus socioculturels, le message est passé définitivement. Ainsi, le service public pourra, à l'avenir, être alloué à plusieurs chaînes. Les critères y afférents devront faire partie de la nouvelle loi. Laurent Mosar, président de la Commission des Médias de la Chambre des Députés: *„Perséinlech sin ech och der Meenung, dass déi Enveloppe, déi mer RTL den Ament fir déi Mission de service public zur Verfügung stellen, dass déi net méi duergeet an dass mir do mussen driwwer nodenken, fir déi Enveloppe an d'Luucht ze setzen. Ech weess och net, ob mir dee Service public bei der Télé resp. de Radioën nëmmen op een Bedreiwler limitéiren sollen. Do kann ee sèch aner Formule virstellen: Subventionnement vu Produktioun, Subventionnement vu gewësse Programmen, déi dann laut engem Cahier des charges missten festgeluecht ginn.“*

Deuxièmement, la question épineuse du financement de la presse en général : on y reste sensible! La déclaration gouvernementale de 1999 ne préconise pas nécessairement le subventionnement de la presse audiovisuelle. Les raisons: la promotion aurait atteint son plafond, notamment aussi en ce qui concerne le fonctionnement de la radio socioculturelle. La Commission des Médias, quant à elle, ne voit pas comment on pourrait le contourner dans les années à venir.

Dans le milieu médiatique, jusqu'à présent, on a affiché une compréhension mutuelle! La cohabitation semblait bien fonctionner. La presse écrite attache une importance fondamentale à la fameuse «promotion pour la presse écrite», les représentants de l'audiovisuel ne la lui envient pas. Au contraire, pourquoi ne pas envisager un système semblable, une aide à la presse pour les radios?

En général, Laurent Mosar retient un bilan globalement positif des dix dernières années. Le service public au niveau télé et radio a été garanti, bien que la qualité des programmes,

surtout pour la télé, laisse, selon lui, à désirer à certaines reprises. Faute de moyens, déplore-t-il.

Comment définit-on la notion de qualité? Cette question fait apparaître les anciennes hostilités entre milieu médiatique et instances de contrôle. Il est grand temps de remettre les pendules à l'heure. Le terme de qualité n'égal pas nécessairement celui de contenu socioculturel, préconisent les opérateurs. Ils réclament des critères de qualité. Reste à les définir!

Le modérateur leur certifie une certaine paranoïa vis-à-vis des instances de contrôle. Un des défis à l'avenir sera certes de trouver un terrain d'entente. La nouvelle autorité de régulation y devra apporter le sien!

La discussion sur la qualité gardera là toute son actualité. Il sera intéressant de suivre de près l'évolution des contenus de certains programmes. Une remarque du modérateur, - et qui reprenait en fait une citation du représentant allemand d'une instance de contrôle -, a suscité bon nombre de commentaires. M. Hahn-Cremer disait en effet que même une chaîne privée, à vocation exclusivement commerciale, a un devoir public. Certains opérateurs luxembourgeois ne cachent pas leur approche (ultra)libérale qui veut qu'un opérateur choisisse son créneau et le consommateur le sien. Un accompagnement a priori, une discussion similaire à celle qui est menée en Allemagne avec le «Medienführerschein», leur paraît superflu!

La quantité de service public devra être définie, dit Laurent Mosar. Comment et quels critères fixera-t-on pour garantir un service public? Ne faut-il pas garder, là aussi, des plafonds, pour ne pas creuser davantage l'écart entre les «grands» et les «petits» du marché? Laurent Mosar: „*Et geet jo elo net duer, dass mir elo d'Enveloppe budgétaire erhéijen a mir fanne ganz einfach net déi Televisiounsprogrammer, déi outilléiert sin fir dat ze machen. Dat selwecht gëllt fir d'Radioprogrammer. Et as virdrun ugeklongen, wann ee wëll e gudden oder anstännege Programm machen, brauch een kompetent Leit, mir hunn also net sou schrecklech vill Leit, duerfir muss een och emol eng Kéier déi Fro stellen, eier ee jeitzt, dass méi misst gemach ginn.*

*Eng aner wesentlech Fro: mir sin eis zimlech eens an der Mediekommissioun. Mir mussen den Televisiounen an de Radioën, déi sozioedukativ Programmer maachen, eng Ennerstëtzung zoukomme loossen. Ech hunn net gär dat Wuert Pressehëllef, wëll ech fannen, dass de Prinzip, wéi en den Ament fonktionéiert, nämlech nom Giesskannenprinzip, kee ganz gudden as an och net onbedëngt dat Ziel ereecht, wat e soll ereechen. Do kreien nämlech déi, déi vill hunn, nach méi, déi, déi net sou vill hunn, kréien dann e bëssen a finalement ereeche mir do net vill Positives. Duerfir misst een déi ganz Pressehëllef an d'Diskussioun bréngen.*”

Une autre donnée non négligeable du milieu est celle de la publicité. Le gouvernement a annoncé son intention d'ouvrir le marché publicitaire à toutes les chaînes radio et télé commerciales et ceci à partir du mois de septembre. Là aussi, on a constaté, jusqu'à présent, une cohabitation assez paisible entre presse écrite et audiovisuelle. Selon les experts, le gâteau publicitaire a grandi pendant les dernières années; mais nul ne saura le garantir dans les mois à venir!

Les craintes chez les représentants de la presse écrite semblent bien réelles. Danièle Fonck: „*Mir soen, mir wëllen Transparenz mat deenen neie Gesellschaften. Kee Problem, dat muer Teléë kommen, mee et muss een och wëssen, wee mecht déi? Uelzechtkanal oder Nordlicht, et pourquoi pas? Mee et komme grousser aus dem Ausland, wou een net weess, ween en Termes capitalistiques dohanner stëcht. An déi veränneren d'Situatioun. Duerfir soe mir, wann nei Gesellschafte gegrënnt ginn, hätte mir gär, dass se de Statut vun enger s.à.r.l. oder vun enger s.a. kréien. Dass ee ka kucken, wee sin déi Leit, wat mache se, dass d'Bilans verëffentlecht ginn, färdeg!*”

Le gâteau publicitaire se chiffre actuellement à 3,5 milliards de francs, 79% des investissements passent en presse écrite, 15% sont réservés aux radios et 10% à la télé. A l'étranger, la télé frôle les 40%.

Le marché télévisuel du Grand-Duché, est, à tous les égards, un marché atypique. En résumé, il possède une chaîne de télévision commerciale avec une mission de service public, une quarantaine de programmes étrangers et des données publicitaires bien différentes de l'étranger. L'évolution de ces dernières conditionnera, dans les années à venir, en grande partie le paysage audiovisuel. Lou Scheider (IP): „... déi Leit, déi Publicitéit maachen, déi kafen en Emfeld a Ciblen, dat fonktionéiert scho professionnell. D'Leit ginn hier Publicitéit dohi wou se mengen, sie wier gutt investéiert. Déi Zeit, wou dat mam Griffel gangen as, déi hëllt emmer méi of. Eng Normalisatioun – dat heescht mat Critère schaffen, wéi se och an eise Nopeschlänner geholl ginn – wier begréissenswert. Dat wärt eng gewësse Verschiebung mat sech brengen awer keng Revolutioun. (...)

*Et as s'cherlech net esou, dass wa mir muer 5 Teléen hei hunn, dass mir déi kënne finanzéieren. Mir sin zu 500.000 hei, dat as eng Realitéit. A fir gewësse Saachen uerdentlech ze maachen, brauch een eng 'masse critique' vun enger Zuel vu Leit."*

Le monde médiatique évolue à une vitesse folle; trop vite, surtout pour le législateur. Il est certain qu'une réforme de la loi sur les médias relèvera très tôt certaines défaillances. Le progrès technique y est pour beaucoup. Certains opérateurs n'utiliseront les médias traditionnels (télé, radio) que pour promouvoir les nouvelles technologies au sein de leur entreprise. Internet, UMTS joueront des rôles cruciaux à l'avenir. Le domaine des fréquences subira des changements majeurs. Le contrat de concession avec la CLT-Ufa était basé sur les ressources rares; cet aspect disparaîtra dans un avenir proche. Le développement digital livre des moyens presque illimités pour diffuser un contenu. Il faudra discuter d'une éventuelle séparation entre réseau et contenu. La Commission des Médias de la Chambre a envisagé de le faire. Ses conclusions seront lues avec beaucoup d'intérêt!

## Verbatim Table ronde nationale 2, Tom Krieps

### « L'organe de contrôle ou de régulation des médias »

#### **Tom Krieps :**

Mäin Numm as Tom Krieps, ech si wéi gesot Member vum Conseil National des Programmes, an fir déi Table ronde, déi jo de mëtteg wärt stattfannen, do hunn ech folgend Leit em den Dësch versammelt :

- den Här Gérard Lommel, hien as Vizepräsident vun der Commission Consultative des Médias a schafft bei der CLT-Ufa,
- den Här Jean-Claude Wolff, Président vun der Association des Journalistes Luxembourgeois,
- den Här Tom Graas, Chefredakter vun RTL Télé Lëtzebuerg,
- dann nierwent mer den Här Minister François Biltgen,
- riets nierwent mer d'Madame Mady Delvaux, déi an der Chamber Member as vun der Commission des Médias, déi selwer och Minister war vum Fach, wou mer haut driwwer schwätzen,
- dann den Här Mario Hirsch vum Lëtzebuenger Land
- an den Här Georges Santer, Magistrat a Président vun der Commission Indépendante de la Radiodiffusion

Déi Table ronde, déi ech elo wollt moderéieren, geet am Fong em déi Fro: wat fir Organes de contrôle - oder de régulation -, wéi dat jo lo schéngt politisch méi korrekt ze heeschen, mir eis zu Lëtzebuerg virstellen, wat fir Méiglechkeeten dass mer do hunn, a wat fir eng Richtung mer solle goen, wéi déi Organer solle besat sinn, a wat hir Aarbecht am Fong soll sinn ; a wat d'Konsequenzen och vun hirer Aarbecht kënnen sinn am Verglach mat deene Fonktiounen, déi kënnen geholl ginn, respektiv mat deenen anere Moossnahmen, déi se sollen huelen.

Als Introduktioun wollt ech am Fong eppes lass ginn, wat mer um Härz läit, dat as eppes, wat och gëschter Owend schon e bëssen ugeschnidde ginn as, an och haut de Moien d'Fro, déi sech selbstverständlech stellt, wann een iwver Kontroll- oder Regulatiounsorganer schwätzt. A wéiweit get et zu Lëtzebuerg ee Besoin vun sou engem Organ? As et iwverhaapt néideg? As de Secteur eigentlech am Fong net selwer, sinn d'Medien net selwer capabel, sech ze reguléieren? Muss dann iwverhaapt do een Organ existéieren, dat kuckt, wat déi eenzel Acteuren, déi mer do hunn, maachen, matverfollegt wat se maachen, le cas échéant och Rotschléi get, an le cas échéant och selwer dann agräift, a kuckt wat een do ka maachen?

Ech mengen, dat as eng Fro, déi déterminant as, an déi sech bei verschiddeenen Acteuren bësse méi staark stellt, bei aneren manner, an eisem Mediesecteur ; ech weess dass et ganz Partie Leit ginn, déi iwverhaapt um Prinzip vun engem Regulatiounsorgan zweifelen, déi soen, firwat as dat iwverhaapt néideg? Fir mech as, a fir de CNP en général as et sou, dass wann een an eisem neien Joerdausend dovunner ausgeet, dass déi elektronesch Medien an

allen Hinsichten méi eng grouss Roll an eiser Gesellschaft spillen, an dass d'Televisioun, de Radio sech eigentlich zu engem Facteur entwéckelt hunn, ouni déi mer eis d'Gesellschaft praktesch guer net méi kënnen virstellen, dass, wéi gesot, verschidde Leit behaupten, et wirklech zu engem véierten Pilier vun eiser Gewaltenverdeelung ginn as, deen et zwar offiziell um Pabeier net get, mee deen awer existéiert, dann stellt sech d'Fro, ob d'Gesellschaft, oder d'Cité, wéi gëschter owend den Här Professor Nobre-Correia gesot huet, sech d'Moyens soll ginn, fir bëssen ze kucken, wat iwwert den Äther, iwwert d'Onden leeft, an a weiweit dass do d'Gesellschaft sech d'Moyens get, finanziell an och personnell gesinn, an virun allem wat soll gekuckt ginn, wat soll gemaach ginn, an dat as fir mech eng déterminant Fro.

Do spillen natiirlech och nach aner Facteur mat, wat as d'Roll vun enger Regierung an sou enger Regulatioun? Wat as de Rôle vum Parlament? As Plaz do an deene Regulatiounsorganer fir déi zivil Gesellschaft? As natiirlech och Plaz do fir déi professionnell? Ech mengen, dat sinn eng ganz Partie Froen, déi mer de metteg wollten uschneiden. Dat heescht wann ee wëll, déi Haaptdiskussioun geet em d'Fro, wéi soll sou een Organ ausgesinn, a wéi soll et funktionéieren a wat kann et maachen, an op Basis vu wat kann et maachen? Dat heescht am Moment, wéi d'Situatioun existéiert, de Rappel vun eisem Gesetz vun 1991, wat e bësse retouchéiert ginn as, mee wou nach ëmmer praktesch den Triumvirat, wann een sou wëllt, vun folgenden 3 Organer besteet: dat as de Conseil National des Programmes, dat as d'Commission Consultative des Médias, an dat as d'Commission Indépendante de la Radiodiffusion.

Mir hunn am Fong 3 Strukturen, déi zwar sech selwer net géigesäiteg op d'Féiss trëppelen, mee, wou een sech freet, ob net déi eng Saache maachen ouni dass déi aner eppes dovunner wëssen, an déi schaffen och praktesch ouni dass deen ee mat deem anere schwätzt, sou dass een oft d'Impressioun huet, dat wär net ganz kohärent. Dowéinst as meng Iddi gewiescht à l'origine, fir ze soen, ob et net besser wär, dat alles ënnert engem Daach versammelen, dass een dann eben do giff e bësse méi eng Kohärenz kréien. Déi Fro, déi sech och stellt as, firwat à l'origine 3 Stéck, wat war do de Gedanken derbäi? As et net méi raffinéiert, eben effektiv dat ganz op enger Struktur ze maachen? Wann een dovunner ausgeet, dass een eng Struktur mécht, da muss een sech och Gedanke maachen, wéi soll se besat sinn, as do Plaz, do muss ganz bestëmmt méi eng grouss Zuel vu Professionneller aus dem Secteur erakommen, dat as menger Meenung no kloer. As dat eng Composition paritaire? As et een Drettel, zwee Drettel? An dann, wann ee vun de Membren ausgeet, muss een och vun der Onofhängegkeet vun sou enger Struktur schwätzen, finanziell, juristisch gesinn.

An dann déi aner Fro, déi sech menger Meenung no och stellt, an ech huelen un, dass mer doriwwer länger wärten diskutéieren, a wou bis elo net ganz vill driwwer geschwat ginn as: wat as dat, wat soll am Fong geholl kontrolléiert ginn? Et ginn e puer technesch Saachen, déi kann ee kontrolléieren, wéi dat wat d'Commission Indépendante de la Radiodiffusion och am Moment zum Deel kuckt, wéi staark as ee Sender? Fiirt en net op engem aneren seng Frequenz eran? Dat sinn technesch Elementer.

Dann as een anere Problem, deen sech stellt: de Conseil National des Programmes kontrolléiert d'Applicatioun zum Deel vum Cahier des charges, deen de Monopolsender am Moment vun RTL nach huet, deen och nach eng Partie Joeren gültig as, mee de CNP huet och ëmmer vun Ufank un ugefaangen sech ze soen, t'ginn nach eng aner Partie Texter, déi valabel sinn, dat as d'Protection de la Jeunesse, dat sinn aner Elementer, an do stellt sech d'Fro, ob een net soll higoen, an eng Zort Code déontologique rédigiéieren zesummen mat deene Leit, déi do aktiv sinn, dass déi wëssen wat ka gemaach ginn um Ecran a wat net.

An dann finalement, d'Kontrollmoyens, dat as eppes, wat a mengen Aen zum Schluss soll kommen, dat heescht am Moment wat mer hunn as net ganz vill. Mir hunn de Blâme, deen am Fong net ganz vill bewiirkt, ausser dass d'Leit rose ginn, an dat anert as am Fong, dass déi Sanctioun, déi mir selwer am Prinzip net kënnen ergräifen, mee déi am Fong nach ëmmer op eise Conseil hin vläicht vun der Regirung ka geholl ginn, dat as dass zougemaach get, dass de Retrait vun der Autorisatioun kënt. An dozwëschen leit natiirlech ee ganz groussen Eventail vu Saachen, déi ee ka maachen. Mee ech mengen, dat as an enger zweeter Instanz; den Haaptelement vun der Diskussioun as haaptsächlech mol, wéi soll sou een Organ funktionéieren?

Ech giff meng éischt Fro un d'Politiker stellen déi op deem Dësch hei setzen. Wann een den ursprünglichen Statut kuckt vum Gesetz vun 91, wou am Fong déi 3 Organer virgesi waren, déi och hei um Dësch représentéiert sinn, do stellt sech déi Fro, firwat dee Moment 3 Organer geholl gi sinn. War dat bëssen nom Prinzip, dass ee soll déi 3 Organer splitten, sou dass een nom Prinzip fiirt, "divide et impera"? Wann déi 3 sech net eens ginn, dann as dat vläicht net sou dramatesch, dann hu mer kee sou een „organe omniprésent“ wéi et en an anere Länner get. Oder war dat éischer fir mol an enger, ech géif soen, bal an enger Testphase ze kucken, ob et méiglech war, dass sou ee Contrôle des médias funktionéiert? A wat fir eng Richtung gi mer? An dass ee wéi elo, zeng Joer nom Gesetz vun '91 sech Gedanke mécht, wéi ee soll virufueren?

Dat as meng éischt Fro, déi ech à la fois dem Här Minister Biltgen an der Madame Delvaux wollt stellen. Déi ursprünglech Gesetzgebung, déi mer haten, a weiweit as déi hautzudags nach akut? An wouhier explizéiert et sech, dass een demools 3 Organer hat? An ob et net effektiv méi interessant wär, een eenzegt Organ ze créieren?

### **François Biltgen:**

Ech kommen op d'ursprünglech Fro zrëck, Dir frot elo, woufir waren 3 Organer, woufir war demools kee Courage do, fir op een Organ ze goen. An da wëll ech déi Fro op den Ursprung vun Ärer éischer Fro zrëckféieren: brauche mer iwverhaapt deen Organ? Ech muss mech nämlech wiirkelech froen, ob an enger Demokratie, an där mer sinn, ob een do een Organ brauch, ob dat onbedéngt als Fortschrëtt ze gesinn as, dass mer lo vun engem fräiheetleche System, - deen awer den 91er war, ech erklären nach puer Saachen vum 91er,- op ee solle kommen, dee reguléiert.

D'Fro stellt sech aus zwee Grënn: éischtens, an der Presse écrite hu mir keng sou eng Regulatioun an deemdote Sënn. Mir hunn ee Conseil de Presse, dee fir alles zoustänneg as, a wann ee gär eng Zeitung op de Marché geheit, da geheit en eng Zeitung op de Marché, an et brauch een net nach ze froen fir eng Autorisatioun ze kréien. Deendoten Element vun där Fräiheet fir iwverhaapt an der Presse tätég ze ginn, dat kréie mer an dem sougenannten audiovisuelle Secteur, - deen ëmmer manner en echt audiovisuelle get, - an Zukunft nach vill méi. D'Konvergenz zwëschent der Technologie an den Medien, also d'Konvergenz zwëschent Contenu an Contenant, zwëschen Media an Télécom geet ëmmer méi wäit. Ech sinn ee vun deene wéinegen europäesche Ministeren, deen à la fois am Télécomsministeschrot an am Audiovisuelministeschrot setzt, an ech stellen ëmmer fest, dass et do wiirkelech zwou Gedankewelten sinn, an d'Gedankewelt bei de Medienministeren as nach ëmmer, dass de Contenu ze kontrolléiere wär, dee get mam Internet, dee get am numereschen Zäitalter..., dat kënt méi spéit wéi nach virun 2 Joer geduecht gouf, well lo net méi souvill investéiert get, mee dat numerescht Zäitalter kënt, an da verschwénnt dat ëmmer méi. An da muss een dat einfach wëssen, dass mer an déidoten Welt ginn.



Sou dass een sech d'Fro stellt: Brauch een iwverhaapt eng Autorité de Régularisation? D'Regierung schléit eng vir, ech berouegen Iech dann direkt, dass Dir net Är Missioun hei ganz onnetz gesitt. Mir schloen eng vir, ech wärt dee Pabeier, dee mer den virleschte Freiden an der Regierung ugeholl hunn, en Donneschdeg an d'Chamber virstelle goen, an d'Chamberkommissioun, där ech d'Prioritéit ginn. Dir gitt dann verschidden Saachen awer haut an Avant-Première gewuer. D'Regierung schléit eng Autorité de Régulation Indépendante vir, an ech erklären dann och, wuerfir dass se se virschléit. Mee virdrun as déi Fro awer ëmmer ze debattéieren, ech hoffen, dass se och an der Chamber debattéiert get, ob een iwverhaapt eng brauch. Mir soen als Regierung woufir dass mer mengen dass mer eng brauchen, mir soen awer och, woufir dass mer mengen, dass mer keng brauchen, respektiv wat fir eng hir Missiounen solle sinn a wat fir eng hir Missiounen net dierfe sinn.

Dir hat jo de Moien eng länger Debatte iwver verschidden Autorités de Surveillance, déi et get, an Dir gesitt, dass dat ganz verschidden as. Ech héieren oft als Argument, t'war bëssen ënnerschwelleg an Ärer Fro virdrun, majo mir brauchen eng Autorité de Régularisation Indépendante oder wéi mer se nennen, well all Land huet eng.

Lo muss een awer wëssen, wou kommen déi Autoritéiten hier? Da kommen ech och op d'91er Gesetz. T'get eng, t'ginn u sech zwou Originen fir Autorités indépendantes ze hunn. Déi éischt Origine as déi, fir d'Liberaliséierung ze begleeden, fir ze soen, mir hu Fréquences rares, mir ginn lo net méi engem staatlechen Monopolist, - sou war et am Ausland - déi, mee mir ginn neie Leit se. An da wëlle mer awer net, dass d'Regierung do um Hiewel setzt, mee mir wëllen eng Autoritéit nierwent der Regierung, déi do net sou gebonnen as. Dat hu mer am 91er Gesetz gemaach mat der Commission Indépendante de la Radiodiffusion, den Här Santer, dee jo hei setzt, déi effektiv eege Kompetenz huet, wat ganz rar zu Lëtzebuerg as, dass mer Autoritéiten hunn, déi eege Kompetenzen hunn, déi si ganz limitéiert, déi sinn nëmmen do fir déi 4 Réseaux an nëmmen do fir d'Lokalradioën. Mee dat war demools eng Liberaliséierung, wou mer eng Monopolstellung, déi RTL virdrun hat, beendegt hunn, a wou mer gesot hunn, mee da wëlle mir eis als Regierung awer net lo dodra mëschen, mir huelen eng Commission Indépendante. Déi hat och nëmmen dat als Zweck. Déi hat eng spezifisch Missioun, an déi sollt sech och net mat deenen aneren Saachen do vermëschen. Sie huet och, an dat soen ech dann direkt, wëll et ënnerschwelleg virdrun ugeklungen as, sie hat nie als Missioun, technësch Kontrollen ze maachen.

An deem Pabeier, dee mer virstellen, maache mer och do strikt den Ënnerscheid zwëschen Télécom... Den Télécomsminister, dee soll an Zukunft d'Frequenzen allouéieren, mee awer nëmmen d'Frequenzen technësch, hie soll och d'Frequenzen iwverwaachen. Direkt soen ech dann, da brauch ech dat herno net méi ze soen, déi Autorité de Régularisation Indépendante, wéi mir se als Regierung virstellen, déi soll net do an technësch Detailler erakommen. Dat muss den Télécomsminister mat dem ILR zesumme maachen, déi musse kucken, as d'Puissance iwverschratt oder net? Dat huet näischt mat där Autorité de Régulation Indépendante ze dinn.

Déi éischt Ursach, dass a Länner, och bei eis, Commissions indépendantes oder wéi mer se nennen, komm sinn, nenne mer et mol Autorités indépendantes fir an engem allgemenge Sproochgebrauch ze bleiwen, as also d'Liberaliséierung, Autorisatiounen rauszeginn.

Déi zweet Ursach, dat as déi fir de Contenu ze kontrolléieren. An do muss ee jo wëssen, dass mir dat eenzegt Land an Europa sinn hei zu Lëtzebuerg, wou mer ëmmer een Esprit libertaire haten, wat gëschter owend de Marc Conrad nach sou gutt duergestallt huet, wéi e gesot huet, majo, wéi ech vu Lëtzebuerg fortgaange sinn an Däitschland, war ech net méi an deem Esprit libertaire dran. Mir haten ëmmer een Esprit libertaire, well mer och ni eng

ëffentlech-rechtlech Télé haten, an denen anere Länner waren ëffentlech-rechtlech Téléën, an do war och ëmmer de Wonsch, dee Contenu ze kontrolléieren, aus guddem Grond och. An d'zweet Halschecht vum 20. Joerhonnert huet Radio an Télé ganz vill matgeholf fir een Esprit citoyen ze forgéieren. Domadder as och Mënschebildung gemeet ginn.

An natiirlech hat dann all Regierung, - ech wëll nämlech net nëmme vun deene parteipoliteschen Intressen schwetzen, - mee t'war och een allgemenge gesellschaftspoliteschen Interessi, fir iwwert d'Kontroll vun den audiovisuellen Medien och de Mënsch ze forméieren, ze bilden, ze leeden.

Ganz vill Organer sinn och e bësselchen ze verstoen als Rechtsnfolger vun fréier der Regierung, déi de Contenu kontrolléiert huet. De Jean Stock huet ganz anschaulech gëschter jo erzielt, wéi de Motard mat dem Journal télévisé bei den De Gaulle gefuer as, deen huet e gekuckt. Dat ware jo a Frankräich Schwergbuurten, bis dass se zum aktuellen CSA komm sinn. Mee deen huet och nach ëmmer e bësselchen als Missioun fir do ze kucken, dass dee Contenu, vläicht net méi onbedingt parteipolitesch korrekt, mee iwwerhaupt nach politesch korrekt wär.

An do soen ech, dass do eng grouss Gefor as. Mat allem Versteessdemech, deen ech hunn, fir ze soen, mir müssen eng gutt Qualitéit hunn, méi een héije Niveau kréien, mir müssen Mënscherechter kontrolléieren, mir müssen Pluralismus kontrolléieren, dierf een net vergiessen, dass een do ëmmer op engem ganz enken Seel steet, wou ee risquéiert erfzefalen an d'Zensur an an d'Kontroll an an eppes, wat géint d'Liberté d'expression as. Ech war jo selwer vun Ufank un, dass et de Conseil National des Programmes gouf, dran, bis dass ech hu missen erausgoen aus Onofhängegkeetsgrënn, wéi ech Minister gi sinn. Ech hu jo déi ganz Joeren vill matdiskutéiert, dofir mengen ech kënnt ech och déi Kritik selwer mat ubréngen, well ech jo selwer an deem Boot do sutz, an och selwer do matgeschafft hunn u villen Avis. T'as ëmmer eng ënnerschwelleg Gefor och gewiecht an engem Conseil National des Programmes, dass een do wiirkelech vill ze vill dat klenglech gesinn huet. Aus engem gudde Gronn, fir ze soen, mir musse méi Qualitéit, méi Niveau kréien, mee dann wiirkelech d'Liberté d'expression a Fro stellt. An deen Terrain dierfe mer zu Lëtzebuerg net goen. An do warnen ech ganz staark derfir, dass mer do net dierfe goen.

Zum Beispill mengen ech, dass dat Organ, déi Autorité de Régulation Indépendante net dierf souwäit goen, dass se herno niewent der Déontologie journalistique, déi mer souwiesou am Kader vum neie Pressegesetz hunn, wat jo net nëmme ee Gesetz fir d'Presse écrite as, dierf do net nach eng zousätzlech Déontologie journalistique am allgemenge kommen. Dat dierf keng Missioun sinn vun der Autorité de Régulation Indépendante. Dat muss eng Missioun sinn vum Pressegesetz respektiv vum Presserot.

Wéi stelle mer eis déi Autorité de Régulation Indépendante vir? Richteg as, dass mer wëllen een eenzegt Organ schafen, well mer dat nämlech och gär professionnaliséieren. Mir schaffen elo an deenen 3 Organen, déi mer hunn. Dat sinn net-professionnell Organer, obwuel mer Leit hunn, déi eppes vun der Matière verstinn, mee t'sinn net-professionnell Organer. Mir schafe gär eent, an dat muss dann natiirlech och eng Plénitude de missions hunn, fir dass et och ausgelaascht as, dat as mol eng Ursach, dass een zesummeleet. Well soss as net onbedengt d'Ursach, dass ee Contrôle vun Contents géif mat Autorisationen vermengen.

Mir schafen also gär een eenzegt Organ, an dat muss sech jo och iergendwéi ofgrenzen par rapport zu de Missiounen vun der Regierung. Wat menge mer, wat d'Missiounen vun der Regierung solle sinn? Dat sinn 2 Ministère, deen, deen d'Medien ënnert sech huet an deen,

deen den Telecom ënnert sech huet. Dat sinn d'Missiounen, wou et em d'Souveraineté nationale, respektiv ëm eng Politique volontariste geet. Do soll d'Regierung décidéieren.

Wou soll déi Autorité de Régulation Indépendante intervenéieren? Déi soll do intervenéieren, wou et em de Respekt vum Pluralismus geet. An doroper solle mer se och beschränken, op déidoten grouss Missioun.

Dat sinn un sech 3 Saachen, déi mer wëllten där Autorité de Régulation Indépendante ginn: fir t'éischt an engem méi liberaliséierten Kader wou mer vun Konzessiounen erofkommen op entweder Autorisations individuelles simplifiées oder Autorisations générales, mee op alle Fall op ee System, wou d'Gesetz d'Conditione fixéiert, wéini een dierf ee Programm zu Lëtzebuerg am Audiovisuellen ubidden, do sollen déi Autorisatiounen vun deer Autorité de Régulation Indépendante ausgi ginn, sie soll och déi Autorisatiounen iwwerwaachen a sanctionéieren. An do soen ech nach eng Kéier, déi Iwwerwaachung a Sanctioun kann nëmmen op deenen Conditione sinn, déi och am Gesetz dann allgemeng gültig fixéiert sinn. Dat dierfe keng Riichtere ginn, déi do op eemol alles kucken wat se mengen wat et besser as.

Ech hunn virdrun eppes vergiess gehat am Historique, fir op Är Fro ze äentwerten: de Conseil National des Programmes, wéi deen entstan as. De Conseil National des Programmes as op Grond vun enger Vergaangenheet entstan. Bei RTL gouf et ëmmer eng Commission des Programmes. Dat war eng parteipolitisch Kommissioun, déi an där Zäit, wou ech aktiv war, - dat war vun 83 un, - schon ageschlof war, déi as nach jhust an hirer Kompositioun vun Sous-commission des tribunes libres zesummekomm. Mee déi as och entstanen aus der Iddi, wou gesot ginn as, mir mussen d'Programmen do kontrolléieren. An sou as och de Conseil National des Programmes entstanen, deen dunn aner Missiounen kritt huet. Mee nach eng Kéier, dat as historisch gewuess; an dat drëtt as ee méi konsultatitv Organ, wat eigentlech net mat deenen zwee aneren ze vergläichen as. Mee déi zwee, Commission Indépendante de la Radiodiffusion, Conseil National des Programmes, sinn ze verstoen, dass d'Commission Indépendante de la Radiodiffusion do war fir d'Liberaliséierung ze begleeden am Radiosecteur, an de Conseil National des Programmes de Rechtsnfolger war vun där Programmkommissioun, mat där och d'Regierung, tant soit peu, versicht huet an der Vergaangenheet d'Programmer vun RTL iergendwéi ze influenzéieren. An ech soen awer méi, - op t'mannst dass ech mech kann erënneren, - méi peu wéi plus.

Voilà, ech kommen dann op déi Kommissioun zrëck, also d'Autorisatioun vun den Programmen, d'Surveillance an d'Sanctioun. Zweete Missioun: Accès privilégié zu de Zones numériques. An Zukunft kréie mer Problemer, deemno wéi et as, must carry, mir kréien Accès privilégié. Och do mengen ech, soll d'Autorité de Régularisation Indépendante eng Kompetenz hunn. Drett Fro, wou mer mengen, dass se muss awiirken, dat as d'Surveillance vum Pluralismus am Service public. Ech mengen, herno kann een nach ee kuerzt Wuert iwwert d'"Service public"- Notion verléieren. Do mengen ech, wa mer Missiounen un de Service public erausginn, de Service public kann nëmmen am Kader vum Pluralismus fonctionnéieren, an do soll dann d'Autorité de Régulation Indépendante intervenéieren, a selbstverständlech net eng Regierung.

Mat deenen 3 Aufgaben hätte mer, mengen ech, genuch Stoff fir eng Autorité de Régulation Indépendante ze fidderen, woubäi, wéi gesot, déi Aufgaben awer mussen gesetzlech encadréiert ginn, dass dat keng Cowboyen ginn oder keng Sheriffen, loose mer méi soen keng Sheriffen, déi mengen, si missten de Paradäis op Erde maachen, well dat geet net. D'Liberaliséierung kënnt, an mir kämpfen u sech hannendrunn. An ech sinn iwwerzeegt, dass

dat alles, wat mer haut diskutéieren, een Iwwergangsregime as, wou mer an 10 Joer ganz aneschtens diskutéieren.

Wéi stelle mer eis, an dat as dann mäi leschten Deel vun der Interventioun, wéi stelle mer eis déi Autorité de Régulation Indépendante als Organ vir? Dir hutt dat gefrot. E muss efficace ginn, a fir efficace ze ginn muss e professionnell ginn. E muss pondéréiert sinn, e muss also wiirklech den Intérêt général kënnen reflétéieren. An e muss natiiirlech och Moyens hunn fir senger Missioun gerecht ze ginn. Wat bedéngen déi 3 Prinzipien?

Déi bedéngen mol fir t'éischt, dass mer do professionnell Leit dohinner setzen. Mir stellen eis vir, dass am Kär vun dem ARI een Directoire, - mir nennen dat mol Directoire,- vun 3 Leit wier. Awer 3 Professionneller, déi och fulltime sech giffen drem këmmen. Wou déi Professionneller doudsécher kënnen, wéi dat gëschter Owend nach ugeklongen as, pluridisziplinär sinn. Dat sollen keng, soen ech däitlech, et solle keng Politiker sinn, et sollen Professionneller sinn, déi dat och vun enger professionneller Art a Weis uginn. Déi sollen do am Zentrum sinn, déi sollen och dat fulltime maachen, déi solle gegebenenfalls ee Staff vu Leit zur Verfügung hunn. Déi sollen och eng ganz Partie vu Moyens vu Sanktiounen, - do kommen ech ganz zum Schluss nach eng Kéier dorop zrëck -, zur Verfügung hunn.

An da stellt sech dann, - wou ech gesot hunn, et muss pondéréiert sinn -, d'Fro: wéi begleede mer déidote Leit? Do stelle mer eis vir, dass iwwert deem Directoire ee Conseil d'administration wär. Ee Conseil d'administration, deen nëmmen do wär, fir d'Gestioun z'iwwerwaachen. Ech mengen, déidoten Struktur kenne mer. Beim ILR hu mer se, hu mer ee Conseil d'administration, den ILR as indépendant, mir hunn ee Conseil d'administration driwwer, deen net an d'Politik vum ILR sech anzemëschen huet an och net dierf. Mee deen einfach d'Gestioun iwwerwaacht, besonnesch d'Finanzgestion as beim ILR méi wichteg wéi hei. Soss huet dee Conseil d'administration keng Moyens, an dat muss och am Gesetz kloer sinn, dass déi net dierfen an d'Politik vun där Autorité de Régulation Indépendante agräifen. An dann menge mer, dass een niewent deem Directoire muss eng Zort Commission Consultative hunn, wou een sech kann beim aktuellen Conseil National des Programmes inspiréieren, wou d'Forces vives de la Nation vertrauede wäeren, déi eigentlech ee Sparingpartner wäeren vum Directoire, awer net deem seng Politik dierften définéieren. Déi sollten se och scho kënnen kritesch begutachten. Déi sollten och den Intermédiaire sinn vun de Leit, déi sech beschwéieren, fir och do Canalisateur ze sinn, fir eppes weider ze ginn. Mee déi sollen u sech de Sparingpartner sinn, wiirklech nëmmen consultativ, an net d'Aufgaben iwwerhuelen. Well bei engem Contrôle as et schlecht, wann een do an d'Organ scho wëllt de Pluralismus bréngen. D'Kontroll vum Pluralismus besteet net draus, dass mer ee Pluralismus driwwer setzen. Kontroll vum Pluralismus setzt viraus, dass mer Fachleit hunn, déi wiirklech dat souvill wéi méiglech onofhängeg maachen, an dass mer net vun all Partei een do setzen hunn, an deen dann schlussendlech kuckt, dass jiddferee gläichméisseg dovunn wech kënnt. Dat as ee Nodeel, dee vill sou Organer am Ausland hunn, well awer dee Parteiproporz dann rem eng Kéier erëmkënnt, an da get dat ganz och net onbedéngt efficace.

Also, ech ka mer wiirklech virstellen, dass mer dee Conseil consultatif kënnen aus dem Modell vum aktuellen Conseil National des Programmes entwéckelen, deen deen Directoire do begleet. D'Moyens, deen deen Directoire soll hunn, déi müsse bis an d'Sanktiounen goen, woubäi ech awer nach eng Kéier warnen, fir jhust eng Sanktiounsdiskussioun ze maachen. An där liberaliséierter Welt, wou mer liewen kréie mer Uerdnung nëmmen durch Autoregulatioun, respektiv duerch Coregulatioun. An ech leeë ganz vill Wert och op d'Autoregulatioun. D'Autoregulatioun funktionéiert iwwregens och am lëtzebuerger Pressewiesen ganz vill, an oft sou bësse méi ënnerschwelleg wéi wiirklech dass dat vun

uewen rof organiséiert wär. Mir brauchen an Zukunft och Autoregulatioun. An t'soll een der Autoregulatioun virun allem mol eng Chance ginn, ier dass ee mengt, et misst een se kontrolléieren. An dann as eben d'Saach vun der Coregulatioun, an do kann sou eng Autorité de Régulation Indépendante eng ganz grouss Roll spillen. Andeem se sech nämlech mat den Schaffenden zesummesetzt, an eventuell gemeinsam Regeln fixéiert, gemeinsam diskutéiert, dass se méi, wéi dat gëschter owend och op der Table ronde erauskomm as, begleet, wéi lo wiirklech vun uewen rof reguléiert. Sie soll schon ëmmer Mettelen hunn, fir dass se och gefaart get, mee wat se déi Mettelen manner asetzt, wat et och besser as, an och déi Mettelen muss een proportionéieren. Ech warnen zum Beispill däitlech viru Geriichtsstrofen an sou weider, mee do kann een vläicht herno e bëssen méi an den Detail goen. Mee wichteg as fir mech d'Coregulatioun. Voilà, an dann halen ech op, well soss kritte kee méi haut eppes ze soen.

### **Tom Krieps:**

D'Coregulatioun also, dat as Äre Motto. Wat mech bei der Saach interesséiert, dat as am Fong dass mer aus 3 Autoritéiten elo eng eenzeg géife maachen, mee nach ëmmer géifen déi Structure tricéphale bäibehalen, dat heescht, mir hätten à la fois een Directoire, ee Conseil d'Administration, an wéi Dir schwätzt, eng Commission Consultative. As dat lo d'Saach méi einfach gemaacht wéi se bis elo existéiert huet? Virun allem déi Fro, déi ech mer stellen, as: wann ech dat Gesetz vun 91 kucken, gesinn ech am Fong dass mer op eng Manéier een Organ hunn, dat d'Commission Consultative des Médias as, wou déi Leit, déi professionnell aus dem Secteur ganz staark vertrauede sinn, ech mengen, dat kann den Här Lommel eis confirméieren. A mir hunn op där aner Säit d'Organ wéi de Conseil National des Programmes, wou déi Professionnell aus dem Secteur absolut net representéiert sinn. Wat fir mech eng ganz schlecht Situatioun as. Op eng Manéier hu mer een Organ, wou Professionneller setzen, à la fois déi vun der Produktioun an sou weider an sou fort, an op där anerer Säit ee Conseil National des Programmes, wou keen drasëtz, wou d'Forces vives de la nation sinn, an dann hu mer nach an der Mett praktesch d'Commission Indépendante de la Radiodiffusion, déi ee ganz spezielle Statut huet, wéi Dir erklärt hutt. Dat konnt à l'origine menger Meenung no näischt ginn, well déi eng Leit, déi Professionnell aus dem Secteur, wann déi konfrontéiert sinn mam CNP, dass se soen, wie sinn déi Leit, déi hu jo keng Kredibilitéit, do as keng Qualifikatioun, do si keng Professionneller dran.

Ech leede meng Fro nach un d'Madame Delvaux weider. Firwat net direkt à l'origine 1991 een Organ schaafe, wou am Fong déi professionnell direkt vertrauede waren an engem Organ, an och nach d'Leit, wéi soll ech soen, d'Gesellschaft, d'Société civile, deen Ausdrock vu Forces Vives de la Nation beschreiw dat jo, huelen ech un, an och natiirlech eng professionnell an där Hinsicht, wou Leit, déi asermentéiert waren, déi dann och le cas échéant kënnen Sanktiounen ergräifen. Well Sanktiounen ergräifen, dat as natiirlech eppes wat vill méi wäit geet wéi am Origine am Text virgesinn as, well do beschränkt am Fong de CNP sech op ee Conseil vum Gouvernement. Dat heescht, wann een den Text liest, mierkt een, dass eigentlech d'Sanktiounen selwer an d'Surveillance selwer nach ëmmer Aufgab vun der Regierung sinn, an net onbedéngt déi lo vum CNP. Den CNP huet se iwwert déi Period vun 10 Joer, dat wësst Dir och Här Biltgen, eigentlech selwer bëssen entwéckelt, eng Eegendynamik entwéckelt, déi och menger Meenung no ganz intressant war, a wou mer haut eben lo bëssen de Punkt op d'Fro setzen.

Dowéinst meng Fro, wann Dir mer erlaabt Madame Delvaux, firwat net à l'origine een Organ creéiert ze hunn? War dee Moment net och eng gewësse Méfiance vun der Regierung fir een Organ ze schaafe, wat eng gewëssen Eegendynamik géif entwéckelen, a wou d'Pouvoirs eigentlech giffen vun der Regierung iwwergoen op een neit Organ?

## **Mady Delvaux:**

Jo, Här Präsident, ech war zwar 1991 an der Regierung, ech muss soen, dass ech mech déi Zäit net souvill mat Mediendossieren beschäftigt hunn; dat Mediengesetz war jo eng Schwergebuurt, dat as jo joerelaang a ville Kommissiounen, an ech wollt lo soen, intergouvernemental, mee an der Koalitioun mat ganz vill Méi ausgehandelt ginn. An meng Impressioun, sou retroactiv, dat as, mir hunn eis éischer ganz schwéier gedunn mat der ganzer Liberalisatioun, souvill krut ech jo awer mat vun der Diskussioun, ee Kramp fir einfach mol de Monopol vun RTL opzeginn, dat war mol den éischte Problem. An dann, dofir si jo da ganz vill Reserven do agebaut ginn, nëmmen 2 Nationalfrequenzen. Dat hat natiirlech déi Zäit, an lo zum Deel och nach dermatt ze dinn wivill Frequenzen mer hunn, well d'Zuel vun de Frequenzen, déi as jo nun objektiv net multiplizierbar. An der häiteger Zeit, an 91 nach vill méi war, wat mer herno rausfonnt hunn, oder wat ech rausfonnt hunn, 3 national Frequenzen an déi aner, déi 4 Reseaux, déi do zesummegestréckt ginn, do as zwar deemools gesot ginn, dat as déi selwecht Qualitéit, en fait as et iwverhaupt net déiselwecht Qualitéit, an dass et schon een Ënnerscheid get, ob een ee gudde Réseau zesummegestréckt krut oder ee manner gudden. Dat war déi Zäit, huet d'Post do mat, *(Mario Hirsch):.....gewurschtelt*, nee si hu gezaubert, géif ech soen.

Also, éischtens t'war eng Méfiance fir ze liberaliséieren, an dofir as dat lo ganz virsichtig gemaach ginn, t'si vill Reserven agebaut ginn. Zweetens, eppes wat ech awer perséinlech matgemaacht hunn, dat as och vläicht ee Corollaire dovunner, dat as, dass och d'Regierungen Problemer hunn, fir zu Lëtzebuerg jiddenfalls, well mer keng Traditioun doranner haten an och nach der wéineg hunn, dat as fir Autorités Indépendantes ze schafen. Och dat gehéiert net zur Lëtzebuurger Traditioun, t'as mol kee Reproche un déi eenzel Leit. Mee t'muss ee jo kucken, dat kënnt éischer aus dem Norden vun Europa, dat as den anglosachseschen Modell, an mir iergeren eis jo an aneren Secteuren immens driwwer, dass mer lo alles anglosachsesch hei missten importéieren, déi Régularisation indépendante, dat schéngt awer eppes ze sinn wat jiddferengem gefällt. Jhust dem Staatsrot net. Den Institut Luxembourgeois war deemools de Télécommunication, wat lo ILR heescht, dat war och ee Kramp, fir d'Leit dervunner ze..., neen t'as ee Kramp fir déi Leit, déi lo mussen dermatt liewen, mee dat war och ee Kramp fir ze soen: get d'Regierung dann datdoen op, a gi mer enger Autorité Indépendante dat. Dat gehéiert net zu eiser Traditioun, an dofir war et och schwéier, fir dat deemools sou duerchzekeréien. Och de Conseil d'Etat hat do onheemlech vill Reserven, an dat erklärt jo och, firwat dat Gesetz eigentlech, - mir war dat eigentlich bewusst -, mee dat war voll Kompromissen. Well een net konnt kloer soen, lo gi mer alles ewech. Dat as net sou evident an eiser Kultur. Ech wëll dat mol jiddefalls vu menger Erfahrung a menger Impressioun esou beschreiwen. Dat mengen ech.

An dann hu mer een drëtte Phénomène hei zu Lëtzebuerg, dat as, t'muss jo alles historiesch gewues sinn. De Moien huet d'Präsidentin vum belschen CSA gesot, an der Belsch on ne jette jamais rien, on garde tout. Mir si jo och e bëssen sou, dat heescht, mir schafen eppes Neies a mir halen awer nach all dat Alt, well dat sech jo bewährt huet, an da musse mer dat och nach iergendwou abauen, an dann schafe mer eben souvill Strukturen niewenteneen, dann as och jiddferen zefridden, dann hu mer de Konsenz, an da geet alles gutt hei am Land. Sou giff ech mol den Historique jiddenfalls gesinn, dat as sécher net komplett an e bëssen iwwerspetzt formuléiert.

Mir hu jo an der Chamber een Hearing gemaach, en as plus ou moins ofgeschloss lo iwver 10 Joer; mir hunn do vill gehéiert, an am Fong seet jiddferen, ma dat war awer eng gutt Saach, dat 91er Gesetz, sou schlecht war et net, dat huet dach awer viles méiglech gemaach. A lo as natiirlech d'Fro: menger Meenung no muss een eppes Neies maachen, mir

kënnen net mat sou Strukturen weiderfueren, an ech hunn lo do dem Minister andächtig nogelauschert, wéi deen ARI soll funktionéieren, mee vläicht muss een awer och zréckbehalen, dass mir am Fong ëmmer d'Luxemburgensia diskuteieren. Wat eis intresséiert, dat as jo, wéi funktionéiert de Radio, a wéi funktionéiert nach eisen Hei-elei, an de Rescht, dat intresséiert eis jo net.

Mee mir hu jo awer, an dat as och de Moien an der Diskussioun vill erauskomm, mir hu jo eng rieseg Responsabilitéit trotzdem am Kader vun der Directive "Télévision sans frontières", wou souvill Télévisionsprogrammer vu Lëtzebuerg ausgesendt ginn, wou Lëtzebuerg d'Responsabilitéit driwwer huet. T'as jo lo kee vun der Kommissioun heibannen, mee ech mengen, t'get iwwerhaupt näischt kontrolléiert. Ech fannen, t'as éischer de contrôle à priori, mir ginn dervunner aus, déi do maachen dat gutt, dann huele mer se ran, an da rullt dat. Während mer eis dann hei konzentréieren op eng Diskussioun iwwer eise Lëtzebuerger Ego, ob do alles an der Rei as.

Ech mengen och, dass effektiv eng Autorité Indépendante muss kommen, ech mengen de System, wéi en lo besteet, - déi eng kréien eng Konzessioun, déi aner eng Autorisatioun, déi aner eng Permissioun, - dat as jo mat der Entwécklung vun der Technologie iwwerholl. Ech gleewe net, dass mer nach je eng Konzessioun hei zu Lëtzebuerg verginn. Da mussen also Autorisatiounen vergi ginn, dei mussen selbstverständlech begleet ginn, t'därf ee jo lo net méi soen "kontrolléiert", déi ginn da begleet. An dann musse Sanktiounen virgesi sinn fir ze maachen. Da soll de Pluralismus am Service public reguléiert ginn, hunn ech lo héieren. Mee ech mengen dat éischt, wat mer misste maachen, dat wär mol definéieren, wat dat as, de Service public. No villem Héieren an och no villem Liesen weess ech nach net, wat de Service public as. De Service public engersäits géif ech mengen as, dass de soziokulturelle Radio selwer definéiert huet, wat si als Service public verstinn, an dat an engem Dokument festgeschriwwen hunn, an dat as dann eng Konzessioun ginn. Mee do war awer och net vu vir eran eng Oplag fir ze soen, dat do as Service public. An dann as deen eenzeg Text, wou ech kennen, deen de Service public definéiert, dat as, wat am Konzessionsvertrag steht mat der CLT, an dat as awer zimlech fest, t'steet do eng Hallefstonn Informatioun den Dag an dann souvill Sport, an dann nach 6 Evenementer. Do ka jiddferee kommen, a soen, Dir macht Service public oder Dir macht keen. Well dat as jo dann eng Appréciatioun...

Also, éischtens mengen ech, t'as et zwar wiirklech Leit ginn, déi sech de Kapp zerbréchen iwwer de Service public, mee ech mengen awer, wa mer enger Autorité Indépendante déi Missioun wëllen do ginn, da muss awer vir drun d'Politik, an ech mengen dat sinn déi, déi hei gefrot sinn, déi mussen dann definéieren an sech eens setzen, wat dat as, an dann eréicht kann een enger Autorité Indépendante déi Missioun ginn fir dat och ze executéieren.

Wat d'Kredibilitéit vun enger Autorité Indépendante ugeet, do mengen ech, dass et wichteg as, dass se effektiv onofhängeg as. Mech nervt oft, dass d'Onofhängegkeet ëmmer nëmme gesi get par rapport zur Politik. Si muss selbstverständlech politisch onofhängeg sinn, mee dat sinn awer net déi eenzeg Dépendancen, déi et hei ginn. An ech hat an all deene Joeren ni d'Impressioun, dass d'Politik sou eng Pressioun gemaach huet op d'Medien, mee ech hunn heiansdo de Verdacht, dass d'Pressioun vu ganz anere Säite kënnt, a vill méi verstoppt, well ech kucken heiansdo Sendungen, wou ech mech froen, sinn ech dann lo an engem Publi-reportage oder sinn ech an enger Informatiounssendung. Ech schwätzen selbstverständlech net vu Lëtzebuerg, ech schwätzen vum Ausland, indépendant, an dann mengen ech, dass all Autoritéiten, déi onofhängeg an déi manner onofhängeg, och mat der Kompetenz vun deene Leit faalen a stinn, déi se zesummesetzen, an ech denken, dass mer zu Lëtzebuerg sécher ganz vill kompetent Leit hunn. Mee Leit, déi à la fois kompetent sinn am Mediesecteur an och nach onofhängeg, där hu mer awer lo keng Tonnen. Dat get

wiirklech ganz, ganz schwiereg. Well mir hu vill Mediekompetenz hei, mee dat as, well mer ee Mediestanduert sinn, a ganz vill Leit eben hir Experienz geléiert hunn an deenen Boïten, wou mer sou stolz drop sinn. Mee ob déi ëmmer onbedengt onofhängeg sinn, dat as dann d'Schwieregkeet, sou dass ech scho soen, am Prinzip "jo", mee t'as méi einfach um Pabeier, sou eppes ze schreiwen, wéi dat an der Praxis herno ze executéieren. Ech well lo ophalen, well ech hunn dem Här Biltgen säin Défaut schon, ech kennt och hei stonnelang weiderfueren.

### **Tom Krieps:**

Jo, déi Diskussioun iwwert de Service public, op déi komme mer bestëmmt nach zréck. D'Madame Delvaux huet lo virdu kuerz ugeschnidden, dass vu Bréissel eis lo d'Saach och net méi einfach gemaacht get. Lëtzebuerg huet allerdengs eng Situatioun, déi méi speziell as, mee wat déi aner europäesch Länner ubetrëfft, as et jo och lo sou, dass, wann ëffentlech Fongen investéiert ginn an Télévisiounen, sinn och lo d'Diskussiounen amgang ze goen, dass gesot get, well déi ëffentlech-rechtlech Télévisiounen jo och a Konkurrenz stinn zum Privatsecteur, dass zu Bréissel gesot get, do hu mer ee Problem vun der Konkurrenz, dass Steiergelder benotzt ginn fir Evénements commerciaux ze maachen, dat as net d'Politik vum Service public. Dat heescht, do kënnst op déi Autorité Régulative och eng nei Responsabilitéit hinn, dat heescht, et get diskutéiert, dass ëffentlech Gelder am Prinzip ëmmer nëmme kënnen investéiert ginn, och bei ëffentlech-rechtleche Sender, eigentlech an „Emissions de Service public“, gegebenfalls déi bësse méi breedgefaast sinn, an dass also kommerziell Sendungen, dass déi eigentlich musse finanzéiert ginn am Prinzip net mat ëffentleche Gelder, fir dass d'Konkurrenz net verfälscht get, mee dass déi sech mussen le cas échéant selwer finanzéieren, sief dat duerch Publicitéit oder duerch Sponsoring.

Dat mécht den Débat iwwert de Service public nach méi komplizéiert, well mer och nach do op eemol, wou lo d'Diskussioun sech opdrängt, dass déi Effentlech-rechtlech kënnen och net egal wat maachen, dat heescht, wann si mat ëffentleche Gelder schaffen, well soss as dat jo näischt aneschters wéi op eemol eng verstoppte Subventioun, an dat as jo bekanntlech zu Bréissel och net ëmmer sou toleréiert. Dat do war lo ee klengen Exkurs an wéi komplex déi Diskussioun iwwert de Service public ka sinn, well se sech souguer dee Moment nach mat den ëffentleche Finanze vermëscht.

Ech si frou, dass mer un eisem Dësch hei och ganz vill Leit vun der Presse hunn, well ech weess, dass an der Presse déi Meenung iwwert eng Regulatioun oder ee Contrôle vun hirem eegenen Secteur méi wéi kontestéiert sinn. An ech wollt och lo vun deenen Hären, déi vun der Presse hei setzen, an engem klengen Tour de table vläicht kucken wéi si de Problem elo gesinn vun den Autoritéiten, wat si sech dorënner virstellen, ob et iwwerhaupt fir si conceivable as. Ech stelle mer zwar vir, wann een lo vun der Prémisse ausgeet, dass et eng Regulatioun soll ginn, wéi déi soll ausgesinn, a wat fir Moyens dass do sinn, a wat si selwer giffe gär doranner vu Kompetenzen, à la fois Mediekompetenz an och Kompetenzen fir le cas échéant selwer ze kontrolléieren, respektiv ze surveilléieren, oder ze accompagnéieren, wéi dat eben sou gesot get.

Vläicht fänken ech hei mam Här Graas un vun RTL, deen eis vläicht seng Meenung kéint exposéieren.



### **Tom Graas:**

Also, wann ech d'Fro richtig interpretéieren, as d'Kontroll iwwerhaapt néideg, a wéi soll se ausgesinn? Fir do eng Äntwert drop ze ginn, misst ee mol eng Kéier eppes maachen, een Exercice maachen, dee bis elo nach nie geschitt as, an iwwert deen mir eis op alle Fall ganz dacks Froe gestallt hunn, t'misst mol eng Kéier een eis dat Wuert "Kontroll" definéieren. Wat kontrolléiere mer dann? Wéi wäit gi mer an där Kontroll? Kucke mer do no grouse Prinzipien? Oder maache mer et sou wéi den aktuellen CNP, mir gi wiirklech aus Reportagen Saachen erauspicken?

### **Tom Krieeps:**

D'accord: da soen ech Iech: dass Dir haut hei sitt, as och ënner anerem fir doriwwer ze diskutéieren. T'as net u mir, t'as net um CNP, fir ze soen, dat stelle mir eis vir. Ech fannen, t'as eng gutt Geleenheet fir driwwer ze diskutéieren, an am Moment huet den CNP sech iwwert déi lescht 10 Joer an där Hinsicht entwéckelt, dass en mat deene Moyens, déi en hat a mat deem Gesetzestext, deen äusserst dürftig as, dee sech iwwert eng Hallefdosen Artikelen erstréckt, sou gutt wéi méiglech seng Funktioun ze erfëllen. Lo as en op Kritik gestouss, lo as gesot ginn, Dir maacht Är Aarbecht net anstänneg, Dir hutt keng Qualifikatiounen. Meng Iddi as, wa mer haut de Metteg hei setzen, dass mer driwwer diskutéieren. Vun Zensur ka keng Rieds sinn, ech mengen do si mer um Dësch hei allegueren d'accord. Zensur, dat as net dat, wat intressant as, Kontroll verschwënnt och an där Hinsicht, dass gesot get, mir wëllen keng Kontroll souwisou. Mee do entstinn ganz wichteg Muechtelementer an eiser Gesellschaft, mir hunn eng Regierung, déi get duerch d'Parlament kontrolléiert le cas échéant, mir hunn d'Parlament, dat get gewielt, d'Gesetzer ginn duerch eis Magistraten ugewandt. Do drängt sech fir een Deel vun de Leit déi Fro op: wéi verfuere mer mat deem Medium, deen eis informéiert all Dag, deen zu eis seet, dat an dat as geschitt, dat an dat as an eiser Gesellschaft vu Relevanz? Wéi verfiirt d'Gesellschaft vis-à-vis vu sengem Medium? Wat as do néideg? Wat kënne mer kucken? Présomption d'innocence, wa gesot get, den Här Kralowetz, deen as schëlleg, dann hu mer deem seng Présomption d'innocence mat Féiss getrëppelt. Dat as an der Rei. T'get awer all Dag driwwer geschwat. T'as lo net, fir dorauser eng Staatsaffär ze maachen. Mee t'as ee Prinzip, dass een et seet. Dat anert as : d'Protection de la jeunesse as ganz wichteg. Den Här Hahn-Cremer huet de Moien dovunner geschwat, dat as a mengen Aen ee vun deenen ganz wichtigen Elementer. Mir kënnen net egal wat op eise Fernseher weisen. Vun Zensur keng Rieds. Mee d'Fro stellt sech: Wat as am Fong néideg, wat soll gekuckt ginn?

### **Tom Graas:**

Jiddefalls wann et sou executéiert get, wéi et de Moment executéiert get, da brauche mir all Moies ee vun iergendengem Conseil bei eis op eisen Redaktiounskonferenzen, dee seet, datdote geet, datdote geet net, datdote d'Limite, an datselwecht maache mer dann nach eng Kéier..., virdrun as d'Beispill vum Charles De Gaulle gesot ginn, virun der Diffusioun, dann schécke mer och nach bis an d'Maison de Cassal oder wou as Äre Siège as, schécke mer eng Caseette.

### **François Biltgen:**

Neen, neen, d'Regierung huet alles gemaach fir d'Onofhängegkeet vum Conseil National des Programmes.

### **Tom Graas:**

Wat elo déi Kontroll ubelaangt, oder deen Accompagnement, nach eng Kéier, wéi mer den Ausdrock elo fannen, dat as jo am Fong geholl nach egal. Déi Saach vun der Autoregulatioun, op déi komme mer doudsécher nach ze schwätzen, wa mer méi iwwert den Aspekt, iwwert d'Roll vum Conseil de Presse schwätzen am Verlaf vun dësem Nometteg. Also, ech perséinlech fannen, wa mer déi grouss Prinzipien kontrolléieren, wéi d'Protection des mineurs, wéi alles wat ënnert d'Menscherechter, loosse mer mol soen, wat dorënner fällt, wa mer dat wëlle kontrolléieren, da soll et effektiv um Niveau vum Conseil de Presse kontrolléiert ginn, a soss guer néierens. Dat heescht, dass do eng Instanz as, déi ka soen, hei passt mol op, do leit Dir schief, do gitt Dir an eng Politik eran, déi wiirkech net ze toleréieren as. An zwar dee Moment eppes, wat fir jiddferee gëllt, net nëmmen fir RTL an den 100,7, mee éischtens mol fir sämtlech Radioën, déi op der Plaz sinn, plus och déi geschriwwe Presse, t'geet net ëmmer nëmmen duer fir ze soen: d'Télévisioun a Radio sinn sou staark ginn, dassen se musse kontrolléiert ginn. Ëm Gottes Wëllen, mir liewen an enger Gesellschaft, wou an deene leschten 6 Méint 2, 3 grouss Presseorganer derbäikomm sinn. Also kann een net soen, dass déi geschriwwe Presse unter ferner liefen as, ganz am Contraire. A wa mer vu Kontroll schwätzen, da mengen ech, da misst jiddfereen do iwwerwaacht ginn.

Wat elo dem Här Biltgen säin ARI ubelaangt: dat hätt bestëmmt ee ganze Koup Avantagen op dee System, deen elo de Moment funktionéiert, quitte, dass een do och mol eng Kéier misst d'Detailer kucken, déi eenzel Texter kucken, wéi eng Form vu Kontroll do as. Ech wollt awer jhust, ier ech Iech d'Wuert zréckginn, jhust nach eppes ze bedenke ginn: wa mer vun där aktueller Situatioun ausginn, dass den RTL an den 100,7 ënnert déi "Kontroll" falen. Ech hunn zesummegerechent, Här Biltgen, wann een Ären ARI hëllt, mat engem Conseil d'Administration, engem Directoire, mat engem Conseil Consultatif plus engem Staff, deen dem Directoire giff zur Verfügung stoen, da komme mer op 25 Leit, ronn 25 Leit. Dat heescht, da kéinten et souguer nach méi ginn. Dat heescht, mir hätten eng 25 bis 30 Leit fir eng graff ganz grouss gerechent 30 RTL's Journalisten plus eng 10 Journalisten vum 100,7 ze kontrolléieren.

### **François Biltgen:**

Här Graas, erlaabt mer jhust eppes. Deen ARI, dofir soen och Regulatioun, dee soll do sinn fir am Audiovisuellen ze reguléieren, déi soll net do sinn, dass ech dat nach eng Kéier däitlech gesot hunn, fir Déontologie journalistique ze maachen. Ech mengen, lo war ech däitlech, a wann et net däitlech war, soen ech et nach eng Kéier. Dat gesinn ech och beim Conseil de Presse. Et geet bei deem ARI, wéi mir en eis virstellen, em d'Regulatioun. Ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck, well soss kritt wiirkech haut keen ze schwätzen ausser mir, mee et geet net drem fir d'Journalisten ze kontrolléieren. Also, maacht och wiirkech kee Verfolgungswahn draus.

### **Tom Graas:**

Mee loosse mer soen, wann en déi Attributiounen iwwerhëllt, déi den Moment de CNP huet, an e versicht et op déiselwecht Fassong ze executéieren wéi de CNP et elo mécht, da get et ee Kontrollorgan, deen och schéin all Detail kuckt.

**Mady Delvaux:**

Den Här Graas huet Recht.

**Francois Biltgen:**

Den Här Graas huet awer Verfolgungswahn.

**Gérard Lommel:**

Ganz kuerz jhust, ech sinn an der Commission Consultative des Médias, och als Verrieder vun eisem Haus, ech sinn also och ganz sensibel fir déi Préoccupatiounen, déi eis Journalisten an eis Equipen beweegt, an ech mengen, dat läit eis wiirklech nach ganz staark um Härz, och eise journalistischen Equipen eng gewëssen Indépendance ze loossen, an dass och duerch Accompagnementsorganer net méi Kontroll geschaaft get wéi noutwendeg. Ech muss awer soen, éischtens, dass ech ganz staark begréissen, an dem Här Minister Merci soen fir d'Primeur vun enger ganzer Rei Informatiounen, déi en eis haut ginn huet zu der Orientatioun vun der Regierung par rapport zu der Fro: Eng Autorité de Régularisation jo oder neen? Wéi eng an wat sollen hir Kompetenzen sinn? Ech muss awer soen, dass ech mindestens spontan an op de Moment muss soen, dass ech mat deenen Explicatiounen, déi mer hei kritt hunn absolut liewen kann, an déi voll ka begréissen. Ech ka mer virstellen, dass d'Haus RTL awer frou as, ze héieren, dass ee Minister seet, dass en sech éischerter verbonne spiirt un Reaktiounen, wéi de Marc Conrad se gëschter gesot huet, dass en Lëtzebuerg als een Terrain ugesinn huet, wou de Medieschaffenden awer eng gewësse Fräiheet gelooss get wéi wann de Regierungssprecher eppes aneschtens géif soen.

Ech mengen och, dass déi Explicatiounen, déi mer vum Här Minister Biltgen kritt hunn, awer drop hindeiten, dass d'Orientatioun vun der Regierung net an d'Richtung as, méi Organes de Régulation ze schaafe wéi noutwendeg, mee éischerter ze soen: mir schaafe dat, wat mer mussen a wat mer mengen, missten anzesetzen. Mir straffen et doduerch, dass mer d'Verdeelung op déi 3 Kommissiounen opginn, an och dass mer am Gesetz herno déi Komplexitéit vun deenen verschiddenen Zorten Konzessiounen a Lizenzen ofschafe. Ech hunn awer net d'Gefill wéi wann an den Intentiounen vun der Regierung do wär méi Regulatioun ze maachen wéi noutwendeg.

Wann ech lo kuerz nach eng Kéier därf zrëckkommen op d'Fro iwwehapt: Brauche mer een Organe de Régulation fir d'Medien? Da géif ech awer a mengem reng perséinlichen Numm éischerter och d'Gefill hunn, dass een déi Fro awer mat jo kéint beäntweren. Net dass mir elo onbedéngt wéilten kontrolléiert oder reguléiert ginn, mee ech mengen, als Grupp gesi mer dat jo och an anere Länner, mir hu keng schlecht Experienze gemaach mam Conseil National des Programmes, mir sinn net op alle Fäll mat d'accord, an dee rezentesten as sécherlech eng Illustratioun dovunner, mee ech mengen, mir sinn net béis, wa mer een Interlocuteur hunn. Mir haten och scho ganz konstruktiv Diskussiounen iwwe verschidden Themen, an well d'Madame Lentzen de Moien geschwat huet och vun hiere Kompetenzen, wéi si schaffen, wéi si mat den Professionnellen vun de Medien Codes de conduite eigentlech zu verschiddenen Themen zesummen elaboréieren, da gesinn ech do ee Parallell zu deem Schlagwuert wat den Här Minister och gesot huet, fir ze soen, mir leeën ee ganz staarken Accent op Autoregulatioun, do wou se ka sinn, oder zumindestens op Coregulatioun. Wat eigentlech soss näischt as wéi een Dialog tëschent den Operateuren selwer, déi ënnert enger gewëssener Dosis Autoregulatioun kënnen gewärde geloos ginn, awer een Interlocuteur en face hunn fir ze kucken, dass déi Autoregulatioun duergeet.

Also, ech hunn d'Gefill, wéi wa mer schon do zu Lëtzebuerg net d'Gefor géife lafen, zevill Regulatioun ze kréien, ech solidariséieren mech awer mat mengem Chefredakter an deem Sënn, dass mer dee Souci awer am Raum wëlle stoe loossen. Mir sinn ee kleng Marché, mir sinn och ee klengt Land en terme vu Téléspectateurs an Auditeurs, wa mer d'Wuert "Marché" net sollen an de Mond huelen wéi dat de Moien gefrot gi war, a mir brauchen effektiv net méi Regularisatioun wéi Medieschaffender an den Teléen an an de Radioën.

Mee awer haaptsächlech begréissen ech déi Iddi vun der Regierung fir ze soen, déi Autorité de Régularisation soll net dat maachen, wou mer de Moien héieren hunn, dass dat de Fall as a Portugal, och Déontologie des journalistes fir all Medien kontrolléieren, mee do as dat neit Pressegesetz lokalisiert, ee wäert do d'Instanz festleeën, wou dat gemaach get, an dat as fir d'audiovisuell Medien mat, an dat as dann aus deem Gronn net an de Kompetenzen vun där neier Autoritéit.

Ganz schéin fannen ech den Numm net, mee loosse mer probéieren, drun ze winnen, dass dat den ARI as. *François Biltgen: (...et as en Aarbechtstitel).*

Ech mengen, t'as scho flott, wann ee gesäit, dass do eigentlech de Schwéierpunkt vun de Kompetenzen op dem Pluralisem läit, deen ze preservéiere wär. Sécherlech huet de Gesetzgeber och eng grouss Responsabilitéit, fir t'éischt do déi Notioun ze definéieren an d'Limiten dovunner festzeleeën. D'Surveillance vun dem Respekt vun der Mission de Service public fir déi Medien, déi där Missioun eng hunn, do as et wuel och um Gesetzgeber fir déi Mission de Service public fir t'éischt ze definéieren.

Net onfalsch as d'Fro awer, déi den Här Krieps opgeworf huet wat den Financement ugeet vun den Medien, déi mat ëffentleche Gelder finanziert ginn, hu mer effektiv eng europäesch Oplag, wat d'Transparenz ugeet, a wat d'Specificitéit vun dem Financement public as, fir nëmmen déi Missiounen un de Service public. Mee fir de Rescht geséich ech als Missiounen eventuell, wou et op t'manst den europäesche legale Kader eng Surveillance oder eng Regulatioun noutwendig mécht, och déi Matière, déi an der Directive "Télévision sans frontières" festgeluecht sinn, fir lo mol net vun den europäeschen Quoten ze schwätzen, mee haaptsächlech d'Protection des mineurs, verschidden Regeln, wat d'Publicitéit ugeet an d'Dignité humaine, do huet den Här de Cockborne eis zwar de Moie gesot, dass d'Directive zwar net d'Obligatioun mécht, den Länner eng gewësse Surveillance do enger independenter Autoritéit ze ginn, mee d'Obligatioun steet an der Directive jhust dass d'Länner sécherstellen, dass eng gewësse Surveillance vum Respekt vun den europäesche Regeln en place gesat get. Mee ech mengen, dat wär jo an deem Fall ginn, an zum Deel wandere domadder Kompetenzen vun der Regierungsadministratioun an déi Autoritéit, mee awer och nëmmen zum Deel, an zum aneren Deel si Kompetenzen a bleiwen Kompetenzen anescht ugesiedelt wéi déi vun der Déontologie des journalistes, mee awer och wéi déi technesch Kompetenzen, déi beim ILR sinn, wat d'Frequenzen a Réseaux ugeet.

### **Tom Krieps:**

Als Journalist, - Här Wolff, Dir sitt jo Präsident vun der Association Luxembourgeoise des Journalistes, - déi Fro, déi ech am Fong un Iech wollt stellen, as: de Journalist huet jo eng Aarbecht, wou en de Public soll informéieren. Wéi eng Befugnisser soll sou een Organ hunn? A wat méi wichtig as: wär et fir Iech wichteg, dass och, quitte dass wat den Här Graas gesot huet, dass am Fong de Conseil de Presse existéiert an zoustänneg as, - wou jo och d'ailleurs Är Associatioun jo masgeblech dru bedeelegt as -, mee kënnt Dir Iech dann och virstellen, dass an sou engem Organe, wéi den Här Biltgen lo grad geschwat huet, och eng Partie Journalisten vertraueden wäeren fir eben selwer zesummen kucken, wat een do ka maachen, respektiv zesummen ze schaffen mat deene Leit, déi an deem Organismus do dra sinn?

## **Jean-Claude Wolff:**

Ech mengen generell, an dat hu mer och an der Vergaangenheet bedauert, dass de Conseil National des Programmes ee Gremium as, wat op t'mannst an der Vergaangenheet iwwert d'Journalisten an iwwert hir Aarbecht zu Geriicht souz, ouni dass de Beschëllegten quasi do mol ugehéiert ginn as, wat normalerweis ee juristesche Prinzip as. Bon, d'Haiser sinn heiandsdo dann, d'Editeuren, awer och dann net ëmmer, sinn dann kontaktéiert ginn fir eng Stellungnahm, wou net ëmmer onbedengt do de Journalist selwer do zu Wuert, dat maach da vläicht een interne Problem sinn, mee jiddefalls, d'concernéiert Leit waren doranner net betraff.

Sollen lo d'Journalisten och an deem neie Gremium vertrauede sinn? Ech mengen, do wollt ech vläicht fir t'éischt eng Kéier soen, wéi ech vläicht lo sou ee Gremium gesinn. A priori sinn ech der Meenung, jo. Ech mengen, dat as eppes, wat eis Profession concernéiert, ech mengen, do sollen déi Concernéiert och doranner setzen.

Wat soll lo sou eng Kommissioun, oder sou een Organismus kontrolléieren oder regulariséieren, t'soll jo dann net méi kontrolléiert ginn! Ech mengen, dass et am Audiovisuellen technesch Elementer ginn, Frequenzen, Sendestréck an sou virun, dass dat muss kontrolléiert ginn, dat as och deelweis Cahier de Charges, ech mengen, dat läit op der Hand. Och de Cahier de Charges an engem Sënn vun zum Beispill Pondératioun vun der Informatioun vun Entertainment, vu Publicitéit, wann do an engem Cahier de Charges Oplage gemaach ginn, wou gesot ginn as, okay, Dir kritt lo eng Frequenz, fir Télé ze maachen oder fir Radio ze maachen, mee déi Lizenz kritt Der mat der Oplag, dass Der musst all Dag eng Hallefstonn Informatioun maachen, an dass Der vläicht nëmmen souvill Prozent Publizitéit dărft maachen, ech mengen, da muss dat och regulariséiert ginn.

Wou ech awer kategoresch am Fong oflehen, an dat as dass, wou de Conseil National des Programmes, - en huet vläicht och nach aner Saache gemaach an der Vergaangenheet, - mee dat wat am meeschten ëmmer fir Gespréich gesuert huet, dat war eben, an dat soen ech awer a mengen Aen, déi sougenannte Kontroll eben notamment vun deem Punkt, deen an engem Cahier de Charges steet, wou dann dat berühmte Wuert "Objektivitéit" drasteet, an ech hat an enger Pressekonferenz virun engem Joer, dem Här De Toffol eng Kéier d'Fro gestallt, hie soll mir dann an puer Sätz d'Definitioun vun Objektivitéit ginn, an dunn huet hien sou 7 oder 8 Minutten geschwat, mee hien hat awer finalement keng Definitioun dovunner ginn, well wahrscheinlich konnt en dat net, well dat kann een och net. Wat as Objektivitéit? Mee dat as fir jiddferen eppes aneschteres. An do läit de Problem. An ech mengen dee Volet, menger Meenung no gehéiert net an ee Conseil National des Programmes, oder wéi dee Gremium och ëmmer heescht. Well do si mer als Audiovisuell, - an ech schaffen an engem Radio, ech hunn virun an enger Zeitung geschafft, - do as den Audiovisuell franchement diskriminéiert, well do get deux poids, deux mesures gemaach, par rapport zu der geschriwwener Presse, par rapport zu audiovisuelle Medien, déi lo zum Beispill net een ëffentlech-rechtlechen Opdrag hunn, a wou den Nolauschterer zum Beispill,... deen de Radio lauschtert, do get jo lo net all 10 Sekonnen ageblendt, hei lauschtert der lo een, deen huet den ëffentlech-rechtlechen Opdrag, an deen aneren net. Ech mengen, wann ech lo ee Radio lauschteren, deen sech net un déi Objektivitéit muss halen, an ech lauschteren deen, deen sech muss drun halen, de Nolauschterer dobaussen, dee mecht jo guer net de Choix, an et as am Fong eng Concurrence déloyale an engem gewësse Sënn.

A wat d'Kontroll vun sou Saachen ubelaangt, do hu mer de Conseil de Presse, an dat as Autoregularisatioun, an dat, mengen ech, as déi eenzeg Saach. T'get och d'Charte de Munich iwwert d'Déontologie vun de Journalisten, do steet dran: *"within the general law of*

*each country the journalist shall recognize in professional matters the jurisdiction of colleagues only to the exclusion of every kind of interference by governments or others*". Dat heescht, de Journalist as vu senger beruflecher Déontologie verpflichtet, sech jhust dem Urteel vu sengesgläichen ze ënnerwerfen, an wat soll do kontrolléiert oder surveilléiert ginn? Ech mengen, mir hunn eng ganz Partie Saachen, Déontologie, dat kënnen d'Leit jhust selwer maachen an sech deem ënnerwerfen oder net. An Däitschland den däitsche Presserot, déi Medien, déi sech deem ënnerwerfen, déi ënnerwerfen sech deem, déi aner net, mir hunn d'Liberté d'expression, an do kann een net vill méi maachen.

T'ginn eng Partie Saachen, déi si verbueden; ech mengen, de Journalist as gehalen un d'Véracitéit. Wann een dat net mécht, mécht een sech enger Injure oder enger Diffamatioun schëlleg, an do gesäit d'Gesetz vir, dass een dofir ka gestrooft ginn. Wann iwwert en Medium, egal ob dat een audiovisuellt oder ee Printmedium as, Rassismus, Negationismus, Sexismus propagéiert get, as dat net ee Fall fir ee Conseil National des Programmes eleng, dann as dat ee juristesche Problem, an dann as dat stroferechtlech geregelt. Protection de la jeunesse, Protection de la vie privée, dat as genee dat nämlecht.

An dofir muss een sech carément d'Fro stellen: wéi kann een déi Aarbecht jugéieren? Wéi kann ee vu baussen dat maachen? An ech mengen, do get et zum Beispill och eng Jurisprudenz vun der Cour des Droits de l'Homme, do steet dran: « *Il n'appartient ni aux autorités nationales, ni à la Cour de se substituer à la presse pour dire quelles techniques de compte rendu les journalistes doivent adopter* ». An wou och dra steet, dass dat och eng Ingérence an d'Pressefräiheet as, wann een d'Form vu senger Berichterstattung kontrolléiert kritt. A wann ech dann awer kucken, wat lo virun, ech mengen t'si lo bal 2 Joer, wou déi ominös Enquête do iwwert d'Programmen vun de Kollegen vun RTL gemaach gouf, do as dann ëmmer gesot ginn: jo, dee Pabeier, deen hätt net sollen rausgoen. T'war awer ganz opschlossräich fir d'Journalisten ze gesinn, watfer verwurrelt Gedanken, dass aner Leit sech do iwwert sie an hir Aarbecht maachen, an t'war gutt, dass dee public ginn as, menger Meinung no. An du as gesot ginn: dat as inoffiziell, dat war net sou, an de Conseil National des Programmes huet gesot, dat war dann een Accident, an si hunn sech dovunner distanzéiert. Mee wat stelle mer fest: virun engem Mount huet de Conseil National des Programmes, an dat war awer offiziell, well et koum ee Fax op Bréiwpabeier vum Conseil National des Programmes, sech mat enger Affär vun enger Gemengerotsberichterstattung vu Schëtter befaast. An dat wa ërem genee dat nämlecht. All Kommentar, all Noriicht as eppes Subjektives, schon aleng de Choix vun enger Noriicht as eppes Subjektives. Op iergend enger Verhandlung hunn ech 3 Gewerkschaften, déi verhandelen, an ech gi mat engem een Interview maachen. Dat as schon ee subjektive Choix. T'kann ee mer soen, muss ech lo mat jiddferengem vun deenen 3 een Interview maachen, därf ech mat kengem ee maachen. Ech mengen déi berühmte Saach vun Objektivitéit soll carément ausgegliddert ginn, an dat soll der Branche selwer iwwerlooss ginn, an dorop à pied d'égalité tëscht dem Print an tëscht dem Audiovisuell, an dee reguliséiert sech selwer.

An déi Saachen, déi wiirkech schro sinn, dofir hu mer Gesetzer. Rassismus, all déi Saachen, de Jugendschutz, do hëlleft och keng Autoregularisatioun, wa mer engem do ee Fanger maachen. De Jean Nicolas an der Belsch, soen ech mol, en sinistren, soi-disant.... ech considéieren en net als Journalist, en as net hei zu Lëtzebuerg als Journalist unerkannt, an d'ailleurs och net an der Belsch. Mee, wéi gesot, wann dee Mann sech stroferechtlech schëlleg mécht, da kann en dofir, an dee géng sech wahrscheinlech un engem Conseil National des Programmes oder engem Presserot härzlech wéineg intresséieren, wat déi géng soen. T'as ee negativt Beispill, mee wat awer och weist: do hëlleft och keen Conseil National des Programmes a kee Conseil de Presse.

### **Tom Kriepps:**

Mir hunn de moie jo och geschwat a gëschter iwwert dee Problem vun den neien Medien. Den Här Nicolas, deen der lo ugeschwat hutt, deen verdreiw seng Informatiounen net iwwert de Radio, net iwwert de Fernseh, mee iwwert den Internet. Dat heescht, hie publiziert en Deel vum Dossier vum Dutroux, iwwert e Site.

Neen, ech mengen, an dat huet och den Här Biltgen ugeschnidden, duerch d'Digitaliséierung an duerch den Internet souwisou get et vun enger extremer Schwierigkeet, dat huet och den Här Hahn-Cremer haut de Mueren gesot, dass déi Diskussioun, déi sie an Däitschland haten zum Beispill mam Big Brother, dass se sech doriwwer Gedanke gemaach hunn, inwiefern dass do déi Leit hir Intimitéit misste bewahren an där Sendung. Wann dat herno 24 iwwer Internet iwwerdroe get, an do sinn d'Kameraen och an der Dusch oder ech weess net wou, dann as dat alles eng relativ philosophesch Diskussioun, déi een do féiert, well een sech sou seng Grenzen ganz séier mierkt. Mee enfin, dat war awer trotzdem eng ganz intressant Positioun, déi Dir do hat.

### **Mady Delvaux:**

Ech war bessen erféiert, also ech menge jo, dass een mat der Multiplikatioun vun de Supports, - souwuel Zeitung, Radio, Télévisioun, Internet - dass een do sech keng Illusiounen därf maachen iwwer alles, wat d'Regulatioun ugeet. Well wann ee mengt, t'hätt een ee Lach gestoppt, da geet jo een anert rem op. All Régulateur as ëmmer hannendran fir wann ee wëllt d'Saachen wiirkelech ganz strikt kontrolléieren. Dofir denken ech, dass deen eenzege Wee effektiv d'Autoregulatioun as. Ech mengen net, dass et een anere Wee get. T'muss een deem natiirlech gleewen.

Mee ech war bessen erféiert, wéi den Här Wolff elo gesot huet, wann een ëffentlech-rechtlech Informatioun mécht, huet een aner Obligatiounen wéi wann se am Private mécht. Ech mengen jo awer, dass d'Déontologie vum Journalist onofhängeg as vun där Plaz, wou een seng Nouvelle get!

### **Jean-Claude Wolff:**

Ech hat elo haaptsächlech vun där berühmterer Objektivitéit a Pluralismus a sou weider geschwat...

### **Mady Delvaux:**

Mee och mengen ech an engem private Radio oder Télévisioun huet een als Journalist d'Obligatioun fir mol ze probéieren, objektiv ze sinn.

### **Jean-Claude Wolff:**

Neen, objektiv as een nie, an et kann een et nie sinn. Ech soen ëmmer, am Journalismus kann ee fair sinn, mee objektiv kann een nie sinn.

### **Mady Delvaux:**

Neen, mee well Der den Ënnerscheid gemaach hutt zwëschen den Privaten an den Ëffentlech-rechtlechen. Ech mengen, déi Fro vun der Déontologie as onofhängeg vun deem Radio a vun där Télévisioun, wou ee schafft.

### **Jean-Claude Wolff:**

Ënner Déontologie gesinn ech, dass ee fair a korrekt as, an dass een d'Wourecht seet. Dat huet näischt zum Beispill mat der Objektivitéit ze dinn. Mee deen Devoir vun der Objektivitéit hunn zum Beispill aner Medien net. Ech mengen op där enger Säit, huet ons geschriwwe Presse... ech kann ganz gutt dermatter liewen, mee ech soen, déi kréien net sou op d'Fangere gekuckt wéi mir iwver Objektivitéit.

### **Tom Graas:**

Wann ech kuerz duerf déi Präzisioun derbäi ginn. Dee Problem, ech komme rem eng Kéier zrëck op déi Fro vun den Definitiounen. Hei zu Lëtzebuerg pake mer ganz vill Saachen un, ouni dass mer eis fir t'éischt mol déi Question préalable vun der Definitiou stellen. Déi ganz Diskussioun rondrëm den audiovisuelle Secteur hei zu Lëtzebuerg as där eng. Wou quasi d'Halschecht vun deene wictegen Ausdréck, Konzepter ni definéiert goufen, a mir schleefen se awer schon zënter 40 Joer mat rondrëm.

An déi Saach vun der Objektivitéit, ech ginn Iech jhust ee Beispill, wéi dat an der Zäitchen war, elo glécklecherweis mam CNP net méi. Mee et as awer nach guer net sou lang hier. Wéi ech ugefaangen hunn viru bal 20 Joer, wann ech an d'Chamber gaange sinn, dann huet mäi Chefredacteur mer dräi, véiermol am Nometteg ugeruff, an dann huet en zu mer gesot: Wou bas de drunn? Wéi eng Extraiten hues de den Owend? Wann ech da gesot hunn: majo ech hunn een Extrait vun der CSV. Wéi laang as deen dann, 40 Sekonnen? Majo, da kannst Du een Extrait vun 10 Sekonnen vun deenen Gréngen mathuelen. Dann huet hien a sénger Komptabilitéit, déi en herno souguer a sengem Computer hat, huet en dann ee Stréch gemaach bei d'CSV, an da koum ee Véirelsstréch bei déi Gréng, an d'LSAP huet och lo nach een zegutt, an dann iwvermar kanns du och ee vun der DP mathuelen. Dat war dann am Fong geholl meng Virgabe, mäin Gerüst fir een objektiven Reportage dann herno den Nolauschterer ze bidden um Radio. An herno um Enn vum Joer as dann eng Lëscht gemaach ginn, déi huet den CNP da kritt, an dann hunn déi gekuckt. Ah, hu mer de Proporz respektéiert? Domatt kënne mer da feststellen, ob den RTL objektiv as. Ëm Gottes Wëllen. Bon glécklecherweis as déidoten Zäit eriwver, dass mer datdoten net méi musse maachen. Mee jhust fir Iech ze weisen, wéi et happert un Definitiounen.

### **Tom Krieps:**

Ech komme gären drop zrëck op dat wat Dir gesot hutt. Dat, wat Dir gesot hutt as ganz symptomatesch. Mee ech ginn Iech eppes aneschtens ze bedenken. Mir sinn hei an engem klenge Land. An Dir sot mat Recht: Wat bréngt et mir, wann ech eng hallef Minutt d'DP bréngen, wann ech dat, wat ech vun hinne gefilmt oder opgeholl hunn oder opgeschriwwen hunn, Belanglosegkeete sinn, an ech bréngen 10 Sekonnen vun deenen aneren, an dat war de Nol op de Kapp. Dann soen ech mer, dann hutt Dir Recht.

Mee ech soen Iech awer, ech ginn Iech awer eppes ze bedenken: Kuckt wa mer iwwert d'Alpen ewech ginn, wéivill dass do den aktuellen Premierminister vun Italien bei senge Sender gewise get, a wéi oft de Chef vun der Oppositou. Dat as net onbedéngt een eenzelne Fall, dat as och an anere Länner de Fall. Do muss een sech awer soen, de Pluralismus deen as an Italien, nëmme fir Italien als Beispill ze nennen, effektiv t'as ee krasst Beispill, ech si ganz d'accord mat Iech, an den aktuellen Premierminister as jo och dowéinst ënner Beschoss geroden, do get et de Pluralismus an där Hinsicht, sou wéi mir e verstinn, net, an do hunn ech mat Iech keng Diskussioun, dee get et menger Meenung no net méi. Well de Chef vun der Oppositou, dee kënnt lo souguer an Zukunft wahrscheinlech mol net méi op deene staatlechen Sender, well do as den Direkter erausgepucht ginn, an do



setzt och lo ee vun dem Premierminister sengen Handlanger, ech kann se net aneschtens nennen.

Also, da soen ech mer: mir liewen hei zu Lëtzebuerg an enger Demokratie, a mir fannen dat, wéi Dir sot, dass dat alles guer net sou dramatesch as. Mee et kann ëmmer ee Moment kommen, wou op eemol duerch eng onglécklech Konstellatioun d'Saachen sech veränneren, an dann ginn et Leit, déi soen: majo, datdoen geet jo awer net. An dat as nëmme fir Iech ze soen, wou ech Iech och Recht ginn, wat hunn ech dovunner, wann ech eng Minutt de Chef vun der Oppositoun weisen, an deen erzielt eppes, wéi e mam Velo duerch d'Landschaft gefuer as, an da weisen ech deen aneren, de Premierminister, wann deen eppes seet, wat Sënn mécht. Effektiv, do as déi komptabiliséiert Zäit, déi kleng Fixfeieren, déi een niewenteneen leet, dat huet kee Sënn. Do si mer eis eens.

Ech giff jo nawell gär d'Wuert weiderginn un déi geschriwwe Presse, mee si as um Telefon. Et as eng Diskussioun opkomm, déi war an enger franséischsproocheger Zeitung ugeschnidde ginn, wou an engem Leitartikel stung, sou an der Präislag: Glécklech déi Leit vun der geschriwwener Presse, well si hu keen CNP. Ech dramatiséieren dat lo bëssen. An do as awer vum Här Hirsch schon gesot ginn, dat wär awer net sou einfach.

Vläicht kënnt den Här Hirsch vläicht do säi Punkt erklären, dass et, contrairement zu deem, wat vläicht den Här Wolff lo ugedeit huet, och an der geschriwwener Presse awer trotzdem déi Autoregularisatioun get, a wéi déi funktionéiert? An funktionéiert se iwwerhaupt? An wat sinn do déi Elementer, un déi ee sech kann inspiréieren, wann ee vun elektronische Medie schwätzt?

### **Mario Hirsch:**

Also, ech gehéieren och, ähnlech wéi de Jean-Claude Wolff aus deene selwechten Grënn, zu deenen, déi éischer skeptesch sinn iwwert d'Iddi, eng Regulatiounsbehörde anzeféieren. Aus deem ganz einfache Grond: d'Situatioun as am Fong, an do as kee groussen Ënnerscheid tëschent der geschriwwener oder der audiovisueller Presse, d'Situatioun as mol déi heiten, an dars muss een sech mol bewusst sinn, d'Medien, déi sti schon ganz staark enner Kontroll. D'Kontroll déi hëllt verschidde Formen un. D'Haaptkontroll get ausgeübt natiirlech duerch d'Nolauschterer oder d'Zuschauer oder d'Lecteurs, entweder bestellen déi ee Presseorgan of oder si fänken un ze zappen bei der Télé, an dat as eng ganz redoutabel Form vu Kontroll, an eigentlech geet dat a mengem Geescht scho bal duer. Doriwwer eraus ginn et och nach aner Formen vu Kontrollen, déi éischer de Droit commun sinn, well d'duerf ee jo net vergiessen, d'Medien si jo keng extraterrestresch Himmelskierper, déi sech grouse Rechtsprinzipien wéi der Responsabilité civile oder anerer mir näischt dir näischt kënnen entzéien. Déi Form vu Contrôle besteet also och. Déi gräift eréicht duerch wann wirklech iwwerdriwwen get, wann Trouble à l'ordre public as oder Diffamatioun oder aner Saachen. Dat as also eng zweet Form vu Regulatioun, vu Contrôle, déi besteet. An déi drëtt, déi dierf een och net vergiessen. Dat as am Fong d'Méiglechkeet, déi een huet, deen sech falsch behandelt oder verzerrt behandelt fillt, den Droit de réponse, dee get jo lo duerch dat Pressegesetz nei geregelt, obwuel et do gewëss Ënnerscheeder get nach wéi vor tëschent den audiovisuellen an deenen aner Medien.

An ech mengen mat deem ganze Komplex as a mengen Aen schon deem ganzen Regulatiounsbedürfnis, sou géif ech soen, 90, oder bal souguer 95 oder 99% Genüge geden. An t'brauch een net vill méi. T'si jo och eng ganz Rei vun Ursaachen schon invoquéiert ginn, y compris vum Minister Biltgen, firwat souwisou d'Regulatioun problematesch as an enger konvergierender Welt. Firwat d'Regulatioun problematesch as

an engem System, deen sech jo duerch déi Emulatioun, duerch déi Konkurrenz, déi tëschent de verschiddene Medien besteet, dat as iwwregens ee fënneft Kontrollelement, Regulatiounselement, dat ee kéint erwähnen, do as am Fong alles séchergestallt, fir dass et net zu ganz graven Ausrutscher kënnt.

Ech deelen och d'Meenung vun der Madame Delvaux, dass d'Regulatioun een Exercice as, deen äusserst komplizéiert ze handhaben as. Fangerspetzegefill as erfuerderlech. T'gesäit een am Ausland, an dat as jo och de Moien gesot ginn, déi Beispiller, déi funktionéieren, si Beispiller, déi à la satisfaction vun den concernéierten Acteuren, mee och vun de Konsumenten vun de Medien funktionéieren. Mee fir déi Satisfactioun, fir dat Vertrauen, fir déi Kredibilitéit ze erreechen, dat geschitt net vun haut op muer, dat as eng Oeuvre de longue haleine, an ech erënneren drun, dass, - dat as och gesot ginn schon vun der Madame Delvaux, - dass mer am Fong keng Traditioun hunn. Mir hunn nach ëmmer keng Traditioun vun der Regulatioun, obwuel den ILR, deen huet nach bis haut nach net dat färdeg bruecht, wat vun sou enger Autoritéit muss a kann exigéiert ginn, Rechenschaft, eng Philosophie ze entwéckelen, déi publique gemaach get, sou dass seng Decisiounen novollzéibar sinn, wat een op englesch nennt, accountability, dat as een essentielle Critère. An je souhaite bonne chance fir déi Leit, déi eng Vociatioun lo entdecken fir Regulateur ze spillen, déi mussen sech bewusst sinn, dass si net no hirem eegenen Gusto kënnen bonnes oder mauvaises notes verdeelen. Dat as bëssen sou, ech war och Member vum CNP zesummen mam Fränz Biltgen, sou dass et ee ganz redoutablen Exercice as.

Eischtens, fir mech ze resuméieren, werfen ech nach eng Kéier déi Fro op, ob mer dat wiirklech brauchen, well et eng ganz Rei vu Garde-fous get, ech hunn déi 5 Niveauen genannt, déi souwisou schon derfir suergen, dass d'Medien iergendwéi net aus der Rei danzen. Déi zweet Fro, déi ech mer stellen: Kënne mer dat iwwerhaupt duerch exercéieren, dat ganzt? An och do bleiwen ech nach wie vor skeptesch.

### **Mady Delvaux:**

Hei besteet jo eigentlech ee Konsens dass et schwéier as, dass et delikat as, dass et praktisch onméiglech as, mee als, ech weess net wéi een dat soll nennen, Nolauschterer, Nokucker, Konsument vun all Zorte vu Medien, ginn et jo awer Saachen, déi deen einzelnen nerven. Also, ech mengen lo net als Politiker, mee haauptsächlech wann ech un de Radio denken, un sou blöd Witzen um Radio, sexistisch Witzen oder Anti-Frae Witzen. Mech nervt dat. An dann hätt ech awer gär eng Plaz, wou ech kënnt do soen: Hei dat doe geet net. Bon, awer dat as och delikat. Well deen een fënnt dat Anti-Fraen, deen aner fënnt dat net Anti-Fraen. Och do misst een sech Critèren ginn. Da bleiwt awer d'Fro: wou kann ech mech da wenden? Da kann ech an de Radio uruffen, da schécken déi mech rem heem, well déi fannen dat wahrscheinlech gutt, well soss géifen se et jo net op deem Radio bréngen. Sou dass ech awer mengen, dass ee normalen...

*Tëscheruf: (...een anere Radio huelen.)*

### **Mady Delvaux:**

Jo Du kanns och ëmschalten, Du bas jo ee mündege Konsument, an da kanns Du dat jo maachen, mee ech huelen jo un, dass ganz vill Leit dat och nach gutt fannen, déi blöd Witzen do.

*(Tom Graas): Dat as Demokratie.*

**Mady Delvaux:**

Dat as Demokratie, mee ech froen mech dann, an d'Fro, déi mer bleiwt, op déi fannen ech keng Äntwert. Also, ech weess éierlech gesot net d'Äntwert, mee ech weess awer, dass ech ee Besoin hätt zum Beispill fir do eppes ze maachen, t'get jo gesot, ee vun deene groussen Prinzipien, déi jo kee Mënsch a Fro stellt, dat as jo d'Dignité de la personne humaine. T'därf een näischt géint d'Dignité de la personne humaine maachen. Wann ech awer sexistisch a rassistisch Witze maachen, dann as dat menger Meenung no géint d'Dignité de la personne humaine. Mee t'as natiirlech eng Saach vun Appréciatioun, ob een dat als solches empfennt oder net, an do fehlt awer eppes. Also, mat allem, wat lo opgezielt get vun..., en plus sin dat jo ganz oft keng Journalisten, déi dat maachen. An déi Déontologie vun de Journalisten an sou weider, dat spillt jo an deem Fall net, de Conseil de Presse ka jo net intervenéieren, wann sou Saache geschéien. An do bleiwt da meng Fro: Wou, wéi...

**Tom Graas:**

Mee da macht Är Fro méi breet Madame Delvaux: Wat macht Dir dann, wann Iech eppes am Lëtzebuerger Wort nervt oder am Tageblatt? U wien riicht Der Iech dann do? Da kënt Der ee Lieserbréif schreiwen, da get e publizéiert oder net.

**Mady Delvaux:**

Maja, mee do nervt et mech grad sou, ech hat dat lo net limitéiert op ... Also t'ginn och domm Witzen an aneren...

**Tom Graas:**

Mee Dir verstitt wat ech wëll soen. Da muss et fir jiddferee gëllen. Da musse mer eng Solutioun fannen, wou vun där ganzer wéivill, Jean-Claude, wéivill Journalisten hu mer am Land?

**Jean-Claude Wolff:**

Schätzungsweis 300, also aktiver.

**Tom Graas:**

Maja, vun deenen 350 ginn den Ament 10% vun iergendenger Regularisatiounsinstanz iwwerwaacht. T'as dach net normal.

**Mady Delvaux:**

Neen, ech sinn domadder d'accord. Mee ech gi jhust dovunner aus, dass, wann sou eppes an enger Zeitung as, dann as dat jo geschriwwe vun engem Journalist awer.

**Jean-Claude Wolff:**

Net onbedéngt.

Als Journalisteverband wiere mer frou, wann nëmmen Journalisten gingen an d'Zeitungen schreiwen, mee do get ee gewësse sozialen Dumping gemaach, t'as zwar net sou schlëmm wéi am Transportsecteur, mee do get och ee gewëssen sozialen Dumping gemaach, dass do Leit och fir 100 oder fir 150 Frang d'Stonn schaffen, do get et dat och.

### **Georges Santer:**

Dat, wat d'Madame Delvaux do ugesprach huet, as dat dann net am Fong geholl eng Situatioun, déi Problemer generell gesinn, à part de la Dignité de la personne humaine, as dat dann net generell awer lo an der aktueller Form iwwert den CNP geregelt?

### **Tom Krieps:**

Här Santer, dat as eng Fro, déi der lo stellt, op déi huet den Här Graas virdu schon eigentlech eng Äntwert ginn. A l'origine, t'as jo dat, wat ech am Ufank vu menger Introduktioun gesot hunn. Fir mech ginn et, an do as den Här Graas jo och scheinbar mat mer d'accord, et gi fir mech eng ganz Partie Wärter, déi sinn unantastbar, d'Unantastbarkeet vum Mënsch, d'Dignité humaine, och d'Negatioun, ech soen einfach mol d'Negatioun vum Holocaust, geheien ech mol an de Raum, de Rassismus, dat si Saachen, déi sinn ganz kloer, déi mussen a kengem Buch stoen. D'Présomption d'innocence, déi muss och a kengem Buch stoen. Ech wëll jhust soen, dat si Saachen, do huet an der Vergaangenheet de CNP sech als kompetent fonnt, an en as do intervenéiert. Well en der Meenung war, dass en dofir zoustänneg war, e konnt natiirlech net vill maachen, well e keng Sanktiounen kann verhängen, an en huet do am Fong gehandelt. Do seet lo déi geschwate Presse, dat get et net fir déi geschriwwe Presse. Also, as dat eng Diskriminatioun. Voilà.

An da get gesot vum Här Wolff ganz richtig, Här Santer, Dir als Magistrat, wësst Dir jo och Bescheid, mir hunn Tribunäl de droit commun zu Lëtzebuerg, déi sinn och dofir zoustänneg. Mir hunn d'Negatioun vum Holocaust als strofbar. Mee ech stellen déi Fro an de Raum, jo, ech stellen déi Fro awer an de Raum. Mir wësse jo awer alleguerten, dass d'Tribunal, an ech mengen, déi sougenannten Presseprozesser, fir net nach eng Kéier op déi zrëckzekommen, wou ech och vläicht denken, dass se der Vergaangenheet ugehéieren, quitte dass lo nees nach ee komm as, mee soit. Wat ech wëll soen as: muss een dann d'Justiz a Beweegung setzen, wär et net besser, wann ee giff duerch een Regularisatiounsorgan, wéi gesot get elo de Conseil de Presse, oder de Coregulation, wéi den Här Biltgen dat seet, as et dann net besser, do den Hiewel unzesetzen, anstatt d'Justiz a Beweegung ze setzen, déi relativ wahrscheinlich eng Zäitchen brauch, awer och ganz aner Konsequenzen op déi lasskommen, a wou och aner Saache spillen wéi déi vläicht vun engem aneren Organ.

Bis elo huet de CNP sech ëmmer als kompetent emfonnt. Déi Kompetenz get em awer zum Deel Streitbar gemaach, an t'schengt mer och, wann d'Regierung an duerch den Här Biltgen lo hei gesot hunn, dass dat am Fong net méi soll...

### **François Biltgen:**

Ech mengen, dass mer mussen, ech widerhuelen nach eng Kéier, ech huelen nach eng Kéier erem, wat ech virdu versicht hunn unzedeiten, een Ënnerscheid maachen zwëschen der Déontologie journalistique, déi soll geahndet ginn, wéi de Mario Hirsch virdu richtig gesot huet, iwwer Conseil de Presse, iwwer déidoten Autoregulatioun, wou ech sot, d'Regierung wollt beim Conseil de Presse eigentlech méi wäit goen wéi een Deel vun de Journalisten dat wollt. Mir wollten eigentlich do eng Commission paritaire och hunn, wou d'Litigen sollten besser behandelt ginn. Mee d'Chamber huelen ech un, kënn mat där Diskussioun zrëck.

Mee dofir as fir mech d'Déontologie journalistique de Conseil de Presse. Respektiv d'Geriichter, awer nëmmen am Endfeld, mee de Conseil de Presse, dee soll eigentlech do de Canalisateur sinn.

Mee ech wëll nach eng Kéier op den Ursprung zrëckkommen, well den Tom Krieps hat mam Ursprung ugefaangen, dat war och richteg. Jhust eppes: deemols hate mer eng Revolutioun an deem Gesetz. Mir haten déi éischt Commission Indépendante, déi vum Här Santer, an dono hu mer, d'Mady Delvaux huet et gesot, eis ganz schwiereg gedoen fir der neier ze maachen. Mee dat war eng Revolutioun. Also t'as net, dass den Législateur '91 kee Courage gehat hätt, mee mir hunn näischt iwwert d'Contenus gesot, mir haten eng Programmkommissioun, déi aus dem Passé koum an déi Programmkommissioun war. An am Ufank, wéi mer do zesumme souzen, hu mir dat gemaach, wat och fréier bësselchen d'Iddi war: l'Equilibre des programmes, awer net d'Déontologie du contenu. Mir hunn Méint laang am Ufank drop verwandt fir eigentlech eis mam 100,7 ausernee ze setzen, fir ze soen, wätfir ee Wee muss dann do an de Programm kommen, wat as Grand public, wat as net Grand public.

An dono wéi dat mam 100,7 riwwer war, huet op eemol de Conseil National des Programmes sech nei Missiounen ginn. Déi éischt as déi vum Contenu déontologique, an do ënnersträichen ech dat, well mer do mat de Journalisten enger Meenung sinn et kann een do net deux poids et deux mesures maachen. Et kann net eng aner Déontologie sinn op den audiovisuelle Medien wéi op de geschriwwe Medien, ofgesinn och dass d'geschriwwe Medien och haut audiovisuell Medien maachen, well all hier Internetsäiten sinn audiovisuell Säiten, wann ech dat mol kann sou soen. Also muss do dat duerch ee Leescht gezu ginn. Dat as also déi eng Missioun. Wou ech mengen dass et net wär, wat d'Mady Delvaux seet, vun de sexistischen Witzer..., doriwwer hu mer eis oft am Conseil National des Programmes ausernee gesat, mee ech mengen net, dass dat eng Saach as vum Conseil National des Programmes. Dann as et eng Saach vun Déontologie, an et as dann net um Conseil National des Programmes, déi do ze kucken...

An et kënt nach eppes derbäi, wou ech wirklech soen, mir ginn nach ëmmer dovunner aus wéi fréier, mir haten ee Radio, an op dee Radio hu mer da misse kucken, dass dee Radio awer wirklech politesch korrekt war. Haut hu mer awer méi Radioën a mir kréie méi Teléen. Mir liewen an engem aneren Ëmfeld, a bei der Presse denkt keen drun, fir do, ofgesinn vun den deontologischen Elementer, fir do een Drock op d'Presse ze maachen. Ech halen och wirklich drop, dass mer do den Ënnerscheid maachen.

Déi zweet wichteg Missioun, déi de Conseil National des Programmes sech geholl huet, an dat as och lo schon ugeklongen, dat as déi vum Pluralismus. Woubäi Pluralismus net eng Méthode comptable as.

Ech souz nach dobäi, dat war virun de leschte Wahlen '99, do hu mer Beamten vum Service des Médias chargéiert, déi hunn gerechent mat der Stoppauer, an déi hunn eng Hitparade gemaach vun de Politiker, déi drop waren. Wat hu mer do erausfonnt? Ech hu mol fir mech erausfonnt, dass ech guer net gutt do op der Télé do ugesi war, well ech war bal net drop. Ech sinn awer gutt gewielt ginn. T'war ee Minister, dee war nach manner oft drop, dat war de Fernand Boden, deen as nach besser gewielt ginn wéi ech. An t'ware Leit, déi waren dauernd drop, déi sinn net gewielt ginn. Also dat mol jhust, fir de Politiker ze soen, d'Publizitéit huet... Ech kenne Politiker, déi hätte besser gehat, net op d'Télé ze goen, da wären se haut nach do, wou se wollten hikommen.

Mee wat hu mer festgestallt? Wie war am meeschten drop? De Premier. An dann nach deen een oder deen anere Minister, an da waren Oppostiounspolitiker drop. Woufir? Majo, well do an deem Sënn ee gewëssene Pluralismus sech och gemeet huet. D'Regierung as natiirlech méi oft drop, dat as evident, besonnesch wann een ee Premier huet, deen as méi drop wéi all déi aner Ministeren.

De Pluralismus as awer wichteg, dass een net nëmmen d'Regierung gesäit, an net nëmmen d'Opposition gesäit. Dass fir mech de Pluralismus, dass et do eng Balance of powers as, dass een Géigemeenung héiert, an dofir mengen ech och, soll dat Organ vu Professionellen besat sinn, muss een dee Pluralismus an därdoter Sicht kucken, dann hu mer eng Debatte, kréie mer an deem Service public eng Debatte, an deen dierf net an eng Comptabel-„Dengen“ auslafen vun deenen doten Emissionen.

Wéi gesinn dann d'Missionen vun deem ARI aus? Dat as mol fir t'éischt gesetzlech Oplagen ze kontrolléieren. Do hu mer an de gesetzlechen Oplagen, ech huelen d'Directive „Télévision sans frontières“, eleng dowéinst mengen ech, wär et gutt, dass mer ARI hätten wéint der „Télévision sans frontières“, mir müssen déi Oplagen kontrolléieren. Dat as keng Aufgab vum Conseil National des Programmes, dat as dann eng Aufgab vun deem ARI.

An dann och déi spezifisch Saachen, déi mer mam Audiovisuellen hunn, déi mer bei der geschriwwener Presse net sou hunn. D'Publicitéit hu mer och bei der geschriwwener Presse, mee d'Vermischung vu Publicitéit a Contenu as awer bei den audiovisuellen Medien aneschters gelagert wéi bei de schrëftlechen Medien. Dat as awer fir mech eng vun deenen wichtigsten Aufgaben, déi ech fir den ARI gesinn. Dat éischt as gesetzlech Oplagen ze kontrolléieren, zweetens, Spécificités audiovisuelles, wou ech eben besonnesch mat där Publicitéitsfro kommen. An drettens dann, wat ech scho virdru gesot hunn, de Pluralismus am Service public. Iwwert dee Service public, fir net ze monopoliséieren schwätzen ech dann duerno, wann nach puer anerer geschwat hunn, soen ech e puer Iddien, déi mer an der Regierung hunn iwwert de Service public.

### **Mario Hirsch:**

T'as mer eppes lo agefall, fir nach eng Kéier dee Punkt mol ze verdäitlechen, a welchem Mooss d'Medien a besonnesch d'geschriwwene Presse dann ënner Kontroll stinn. Wann ee kuckt, wee kritt Presseprozesser gemaach? Komescherweis, haaptsächlech a bal ausschliisslech d'geschriwwene Presse. Audiovisuell Medien, t'as mer net bekannt, à moins dass ech eppes iwwersinn hunn, dass an der leschter Zäit RTL Prozesser gemaach kritt huet. Ajo de Marc Thoma huet.... d'Fierschteraffär wor eng Affär vun der geschriwwener Presse. Dat as am Fong..., t'ënnersträicht dee Punkt, deen ech wëll maachen.

### **Tom Graas:**

Ech kréien awer all Dag Drohbréiwer.

### **Mario Hirsch:**

Ah, Du kriss Drohbréiwer, Du kriss Reaktiounen vu Politiker.

### **Jean-Claude Wolff:**

T'get zanter dem Marc Thoma sengem Urdeel méi gedroht, wéi lo wiirklech Prozesser gemaach.

### **Mario Hirsch:**

Dat féiert mech zur folgender Conclusioun, där een sech muss och bewusst sinn. D'audiovisuell Medien si furktiv Medien. Dat geet hei ran an do raus, t'bleiwt wéineg hänken. Ech mengen, t'soll een et och dobäi beloossen. Ech well se net rofmaachen, dat as net depreciativ gemengt. Mee dat as einfach eng Feststellung. Dofir sollt een em Gottes Wëllen net, an do deelen ech dem Tom Graas seng Meenung, t'soll een net higoen, an Satz-Elementer raushuelen, aus engem Commentaire oder aus enger Noriichtesendung.

T'kënnst och nach eppes derbäi, an dat muss een sech och bewusst sinn. D'Medien, déi bestinn jo net nëmmen aus Noriichtesendungen. Sou Programmkommissiounen oder Kontrollorganen hunn d'Tendenz, sech op Noriichtesendungen ze focuséieren. Dat as dat spannendst, angeblich dat.... Mee d'Mady Delvaux huet jo zu Recht drop higewisen, dass et och aner Emissiounen ginn, déi vill méi giffen verdéngen oder vill méi streng ënnert d'Lupp geholl misste ginn wéi Noriichtesendungen. An 9/10 oder souguer méi wéi 9/10 vu Radios-oder Téléprogrammen bestinn nun eemol net nëmmen aus Noriichtesendungen. An ech sinn iwwerzeejt, wann een op d'Sich geet vun Troubles à l'ordre public oder verstéiss géint d'Dignité humaine, da fënnt een se éischer do wéi an deenen relativ gutt iwwerwaachten policéierten Noriichtesendungen, sou dass do ee ganzen Terrain sech opdeet, Leit, déi d'Vocatioun hu fir Régulateur ze ginn, il y a du pain sur la planche. Mee wëlle mer dat, dat as déi aner Fro, wëlle mer dat oder kënnen mer dat iwwerhaupt maachen?

### **François Biltgen:**

Souwäit wéi et Spécificités audiovisuelles kënnen sinn. Dignité humaine hu mer och am Pressegesetz. Mir maachen een neit Pressegesetz. Wat mer wirklich vun Ufank u gesot hunn, dat as kee Pressegesetz méi fir déi geschriwwene Presse wéi et 1869 war, dat as een allgemengt Gesetz iwwert d'Rechter an d'Pflichten, an do sinn déidote Saachen dran, an do mussen déi grenziwwerschreiwend reguléiert sinn, souguer kontrolléiert ginn, soen ech bei deemdoten Beispill gären. Mee ech gesinn net an, dass mer Spezifisches maachen fir dat Audiovisuellt. Ech soen nach eng Kéier: dat kënnst an eise Käpp, well dat fréier eng Monopolstellung war, well ech geduecht hunn, déi Monopolstellung misst da méi zu de Cribles geholl ginn wéi eng fräi Welt. Mir kommen awer an eng fräi Welt, trotz dem Service public, op deen ech awer nach dann herno zrëckkommen.

### **Jean-Claude Wolff:**

D'Madame Delvaux huet sech mat der Dignité humaine, mam Sexismus, mam Rassismus... neen, net sie eleng, ech och.... Also ech wär frou, wann ging dogéint erfirgaang ginn, mee ech sinn einfach der Meenung, dass dat hei net de Moyen as, an dat sinn nun eben mol alles Saachen, déi och stroferechtlech..... Een, deen sech a senger Dignité humaine verletzt fillt, dee kann dowéinst kloen, an ech hätt léiwer, wann Leit an sou Saachen géngen Prozessere maachen, wéi déi Presseprozessere, déi heiandsdo gemaach ginn.

Ech hunn dës lescht och an enger Radioemissioun wirklich ganz grugelech rassistisch, kombinéiert rassistisch a sexistisch Witzer fonnt. Ech hunn keng Plainte dergéint gemaach, well ech selwer an der Branche schaffen an ech fillen mech do bëssen schlecht placéiert. T'huet ee Kolleg mech doropper ugeschwat, hien huet gesot, wat kann ech domadder maachen? Ech hu gesot: Majo, dat do wär ee Fall, do mécht natiirlech keen dowéint ee Prozess, wann iergendeen do op enger Radioschaïne erzielt, a Portugal op enger Hochzäit géngen se ee Koup Mëscht virun eng Dir geheien, fir dass een d'Braut net géng richen. Wann dat op engem Radio erzielt get, ma da géng ech mer wënschen, dass do ee géng ee

Prozess um Pénal dowéinter maachen, an net mol um Conseil National des Programmes oder beim Presserot, oder sou. An da soen ech mer, dofir brauche mer keen Conseil National des Programmes, dofir brauche mer kee Presserot. Do geet onsen Droit commun duer.

### **Georges Santer:**

Ech weess net, ob onsen Droit commun do duergeet, well da musse mer och definéieren, wien déi Persoun dann as, also Persoun am juristesche Sënn, wien do kloer kann, zivilrechtlech oder strafrechtlech. Wa mer awer am Diffamatiounsdomaine sinn, da musse mer natiirlech och vläicht een neie Kader schaafe, wou mer awer vläicht méi déi essentiell Valeurs vun der Mënschheet definéieren an protegéieren. Ech mengen, mir hunn där schon eng Partie,... mee ça dépasse le cadre vun dëser Diskussioun fir mol een Inventar ze dovunnen ze maachen.

### **Jean-Claude Wolff:**

Jo, wann een den Holocaust leegent op engem Medium, dann géng ech mengen, da wär et schued, wann do nëmmen ging de Conseil National des Programmes domatt befaast ginn.

### **Tom Krieps:**

Här Wolff, do get et ee Gesetz, an an deem Gesetz as och virgesinn, dass déi Associatiounen, déi sech em d'Interessen vun deenen Verfollegten këmmere, Partie civile kënnen maachen. Dat as extra am Gesetz virgesinn. Dat as nämlech juristesch gesinn och net sou einfach. Dat Beispill war jo lo intressant aus Portugal. Wien giff dann lo le cas échéant, wa mer lo vum Pénal schwätzen, Plainte maachen, d'Partie civile? De Konsul vum Portugal, giff deen sech hei zu Lëtzebuerg constituéieren? Dat giff net goen. Dat mam Pressegesetz vun 1869, et as och ganz intressant, eng Referenz dorop hin ze maachen. Och do war et nom Gesetz vun 1869 net sou einfach an der Matière pénale een Urteel ze kréien, well een huet missen d'Intention de nuire beweisen um niveau pénal, dat heescht, de schlechte Wëllen vun deem, deen et geschriwwen huet. Dat as juristisch gesinn alles anescht wéi einfach, contrairement vun deem, wat dir lo mengt. Wann ech schreiwen, dass deen an deem, dass dat ee bossegen as, dann as dat um juristischen niveau pénal als Journalist fir mir do nozebeweisen, ech hätt deem wëllten schueden domadder, nach laang net sou evident. Den Zivilsrichter brauch sech déi Fro natiirlech net ze stellen. Dee seet, den Här do as duerch de Bulli gezu ginn, an deen do huet den Artikel geschriwwen, oder en huet geschwat, also condamnéieren ech en zu Schuedenersatz. Mee de Pénal natiirlech, dee ka vill méi wäit goen wéi lo Schuedenersatz sprächen.

Dohier as den Appareil judiciaire, - an ech mengen, den Här Santer huet dat awer richtig gesot, - as an där Hinsicht schwéierfällleg. An d'Victime as net onbedéngt ëmmer do am beschte vertrauden. Ech wéilt, ech giff Ären Optimismus deelen, also Dir sidd Journalist, am Privaten sinn ech Affekot, ech si Jurist, an den Här Biltgen war dat jo och, also dat as awer nach laang net sou einfach fir d'Victime, dass.... ( heen as nach ëmmer Jurist, mee net méi Affekot), an et muss een och den Intérêt vun der Victime kucken.

An ech muss awer nach eppes soen, wa mer iwwert d'Presseprozesser lo schwetzen, do as vill driwwer geschwat a gloséiert ginn. T'as gesot ginn: wou moossen Leit sech un, iwwer Saachen ze jugéieren? Dat as een alen, dat kënnt ëmmer rem. Mee do hunn ech awer och Stëmme héieren, déi gesot hunn: wär et dann net méi intelligent, wa Leit dat géife jugéieren, déi selwer vum Fach wäeren, déi selwer eng Erfahrung hunn, déi selwer dru



geschafft hunn, anstatt dass et Magistrate waren, déi an där Saach zwar net lo onbedéngt vläicht an där Hinsicht vum Fach sinn, wann een dat sou well soen, ouni de Leit wëllen ze no ze trieden. Dat hunn ech dee Moment héieren. Ech ka mech ganz gutt un déi Prozesser erënnere. An lo héieren ech am Fong de Contraire. Lo sot Der: Jo, mee dofir hu mer jo Geriichter. Mir brauchen dofir kee CNP, mir brauchen à la limite och kee Conseil de Presse fir déi Saachen. A keen neit Pressegesetz. Well an enger perfekter Welt, Här Wolff, do brauch ee keng Affekoten, keng Riichter, kee Conseil de Presse, kee guer näischt. Do funktionéiert alles. Do schmirt alles sech wonnerbar. Dat as leider net sou. Mir liewen net an enger perfekter Welt. Dat muss ech awer nach eng Kéier soen.

Wann ech Iech hei héieren, da wier ech direkt partant fir ze soen, wann dat sech alles selwer reguléiert, Här Minister, wäere mer alleguerten domadder d'accord. Mee ech färten ganz, dat as awer net sou.

### **Jean-Claude Wolff:**

Ech wollt nach jhust eng Präzisioun dovunner ginn: ech mengen, wann ech Iech soen, t'ginn eng ganz Partie Saachen, déi schro genuch sinn, ..., an ech mengen, t'as och ee fundamentale Prinzip, dass all Mënsch, dee sech iergendwéi léséiert fillt, Zougang zur Justiz huet. An mir hunn och als Journalisteverband nie derzou Stellung geholl, wann iergendeen ee Presseprozess géint ee gemaach huet. Mir hunn ons heiandsdo iwwert d'Resultat dovunner geäussert, wann dat net an deem Mooss war. Mee t'as all Mënsch säi Recht, an t'sinn heiandsdo Membren u mech rugetrueden, déi gesot hunn, firwat méchst Du dann net lo ee Communiqué, firwat hëllst Du keng Stellung, lo sicht deen oder dee sicht mech unn? Ech hu gesot, dat as all Mënsch säin elementart Recht.

Mee t'ginn eng Partie Saachen, an ech soen, déi musse regulariséiert sinn, an déi gesinn ech zu engem groussen Deel eben an deene Saachen, déi franchement am Droit commun verbuede sinn. Dat sinn déi wichtegst Saachen. An doriwwer raus ginn et ganz wéinig Saachen. Do ginn et déontologesch Richtlinien, an do sinn ech och der Meenung, dass mer, wat de Mario gesot huet, 4 oder 5 verschidde Facteuren hunn, déi dat regulariséieren. An dofir gesinn ech e bëssen déi Regulariséierungsmesuren do, wéi de CNP zum Beispill, zu engem Deel als iwwerflësseg un; an engem gewësse Sënn, dat war déi Diskussioun, déi mer bei der Reform lo vum Pressegesetz haten, wou verschidden Leit och aus dem Conseil de Presse der Meenung waren, lo musse mir hei de Schoulmeeschter spillen, a mir mussen Zensuren ausdeelen, a mir mussen hei verbidden a Sanktiounen hei an do.

Déi Autoregularisatioungsgremien zum Beispill an onse Nopeschlänner, an Däitschland, an der Schwäiz an sou weider, dat héchst wat déi maachen, dat as ee Blâme, an dee get publizéiert, an déi publizéieren déi, déi sech deem ganzen ënnerwerfen. Do kann een net, déontologesch kann een net strofen. Do kann ee blouss stellen, c'est tout. An alles dat, wat strofbar as, dat as de Fall vun der Justiz, an dat as vill, vill manner. An déi Regularisatioun, déi muss einfach op d'Enoncéieren sech baséieren oder soen, voilà, de Beruff fënnt dat do net gutt. Quitte, dass een engem dat onbeding net ka verbidden.

An wéi gesot, nach eng Kéier fir op déi Saach vum Mady Delvaux hinzekommen, Sexismus, Rassismus an sou weider. Do si Facteuren dran, déi carément stroferechtlech poursuivabel sinn. Wann Dir Madame Delvaux, Iech duerch iergendwelleg sexistesch Witzer do als Fra beleidegt fillt, hätt Dir jo d'Méiglechkeet do, iergendwéi ze soen, ech fille mech doduerch..., t'as natiirlech méi einfach un, ech soe mol, plus ou moins anonym, un lo ee Conseil National des Programmes erunzotrieden, deen herno seet, mir hunn eng Plainte do krut, seet net vu wem oder wat, ech well Iech dat lo net ënnerstellen, mee t'si vill Leit, déi vläicht éischter lo

eppes sou do dénoncéieren, an dann tranchéiert de Conseil National des Programmes, dee seet, do war eppes, do hat een eng Plainte gemaach an sou weider. Mee ech vermëssen awer och heiansdo bei villen sou Saachen, einfach den Zivilcourage vu Leit, dass déi net einfach dohinner ginn a soen: Zum Beispill als Fra fannen ech lo schro, wat do gesendt ginn as, an ech versichen do eppes dergéint z'ënnerhuelen. Do fehlt bei ganz ville Leit einfach un Zivilcourage.

### **Mady Delvaux:**

Ech gesinn dat net an, firwat ech misst ee Prozess maachen, wann ee sexistische Witz gemaach ginn as, wou ech dann 10 Joer op ee Jugement waarden, dat as dach awer allerhand.

### **Jean-Claude Wolff:**

T'kënnst jo awer mol eng Kéier een dat maachen. T'regen sech souvill Leit driwwer op, mee t'wëllt keen eppes dergéint maachen, am Fong.

### **Mario Hirsch:**

.....do as iwwert déi Sendung "Déckkapp" x-mol geschwat ginn. Ech weess lo net, de Conseil National des Programmes huet sech a leschter Zäit awer ni getraut, un déi Sendung runzegoen.

### **Tom Krieps:**

Also, ech muss Iech dozou eppes soen: et as eng méi lästeg Saach, well et ginn effektiv à la limite méi wichteg Saachen, mee wann ee Bréiwer kritt, well do déi Leit, déi vu schwaarzer Hautfaarw als Neger traitéiert ginn,... do si Leit, déi fannen dat net okay. Ech muss soen, ech si mat deenen Leit d'accord, dass déi bei den CNP schreiwen, an den CNP muss sech dermatt auserneesetzen. Den CNP géif sech léiwer mat anere Saachen auserneesetzen wéi mat sou Saachen. Do sinn ech och mat Iech d'accord. N'empêche, dass et Leit an eiser Gesellschaft get, déi fannen dat net okay, dass do Leit eben vun Negeren schwätzen, an déi Asiaten ginn alleguerten ratsch als Chinesen consideréiert. Okay, ech kann de Sender wiesselen, a bei een anere Sender goen. Mee déi Leit, déi ginn dann och net bei den Tribunal a soen: Hei, do huet een Neger zu mir gesot, gitt mer wann ech gliift Schuedenersaz. Dat as och net d'Solutioun vun der Saach. T'as jo schlëmm genuch, effektiv à la limite, dass iwwerhaapt, dass een sech doriwwer de Kapp muss zerbréchen. Mee de Fait as, dass et Leit ginn, déi fillen sech doduerch beleidegt. An d'Situatioun schaaft een och net aus der Welt, andeem een zu deene seet: Dir musst eben dermatter lo liewen. Dat as och keng Léisung.

### **Mady Delvaux:**

Awer och net, fir déi op d'Gericht ze schécken.

### **Georges Santer:**

Dat as fir mech awer nach wéi vor kloer, an ech kommen nach eng Kéier drop zrëck: wann ech deen entsprechenden Artikel huelen, dann as et ganz kloer den CNP, denn do Befugnis huet. Also ech misst deen Text do falsch liesen, mee do steet geschriwwen: "le Conseil National surveille le respect des dispositions légales et réglementaires." A wat déi

Dispositione sinn, dat as an engem Artikel virdrun, wou ënner anerem vun der Dignité de la personne humaine, an sou weider, an anere fundamentale Wäerter Riets geet. Also, fir mech as do, en l'état actuel, ob dat lo gutt as, dass een déi Befugnisser sollt hunn, dat as eng aner Questioun, mee menger Meenung no huet en se.

### **Francois Biltgen:**

Et kënnt dann derbäi, dass de Conseil National des Programmes bis elo och nëmmen konnt,..., natiirlech keng Sanctioun hat, dat eenzegt, wat en hätt kënne maachen, der Regierung soen: dann entzitt lo RTL hir Sendung. Dat wär et jo och net.

### **Georges Santer:**

Et get jo awer vläicht eng öffentlech Diskussioun, an dat as och vläicht salutare a sech. Dat muss jo net iwwert ee Geriicht goen mat Sanktiounen.

### **François Biltgen:**

Déi sinn och regelméisseg komm. Mäi Propos war jhust fir ze soen: mir sollen oppassen, dass mer net, wa mer lo vun enger Reform schwätzen, an ech mengen, den Här Santer huet den Text richteg gesot, de CNP hat schon eng Base légale, déi huet en sech, ..... ech hat den Historique gemeet.

Mee wa mer wëllen vun engem neie Gesetz schwätzen, da solle mer déi Problemer vun den Dignités humaines, déi sinn méi grouss wéi je, a mir hunn och versicht, mat Kritiken, déi mer och vun de Journalisten kritt hunn, eng Partie speziell Artikelen an d'Pressegesetz ze schreiwen. Well mer déi Saachen, ech denken un d'Présomption de l'innocence zum Beispill, drun, wéi Kanner duergestallt ginn. An déi Diskussioun féiere mer jo nach beim neie Pressegesetz.

Mee ech mengen, dass mer déi sollten insgesamt am Kader vum Pressegesetz féieren, an déi net lo huelen an der Reform vum Mediegesetz. Also déi sinn wichtig genuch. Déi si wichtig genuch, an dat wat puermol gesot ginn as, dass also effektiv, wann do eppes allgemenges gesot get, as jo kee Perséinlechen do, deen dat mécht. Mee mir sollen dat aus deemheiten Kader eraushuelen, mir sollen dee Kader net matenee verméschen. Dat as eng Diskussioun "Pressegesetz", während d'Mediegesetz, an dat versiche mer och am Service des Médias et des Communications, dass mer dat souvill wéi méiglech trennen, obwuel déi sech natiirlech iwwerschneiden.

### **Tom Krieps:**

Den Här Lommel huet nach eppes gesot, dono kommen ech op Iech zrëck, Här Minister, Dir hutt nämlech nach 2 Saachen, déi géif ech nach gär vun Iech héieren, dat eent hutt der schon ugekënnegt. An déi aner Saach, déi ech och nach gär géif vun Iech héieren, dat wär, wat déi Pouvoirs respektiv déi Moyens sinn, déi déi nei Autoritéit, déi der Iech do virstellt, soll hunn.

### **Gérard Lommel:**

Jo, meng Observatioun huet sech zwar schon bësselchen erginn. Ech mengen, dass mer och relativ laang iwwert déi Froen lo vu Plainten an deem do Domaine geschwat hunn. Ech hat awer observéiert, dass jhust an där Recommandatioun vum Dezember 2000 vum Comité des

Ministres vum Conseil de l'Europe iwwert d'Institutioun vun Autorités Indépendantes de Régulation, dass do och de Memberslänner recommandéiert get, där Autoritéit eng Kompetenz en matière de traitement de plaintes ze ginn, vun eben jhust Spectateuren an Auditeuren, fir eng Plaz ze schafen, wou déi kënne schwätzen, wou déi kënnen adresséiert ginn an traitéiert ginn, an och vläicht zu engem gréissten Deel ee gudden Deel vu Loft erausgeholl get. Well ech mengen, dat as nämlech eng vun de Geforen, wann een dervunn ausgeet, dass et jo fir villes pénal Dispositiounen ginn an dass een domatter bei d'Gerichter ka goen. Ech sinn net iwwerzeegt, dass dat ëmmer domatter och déi beschte Solutioun as.

Par ailleurs wollt ech awer soen, dass ech awer ganz vill un Autoregulatioun a Coregulatioun gleewen. Dat heescht, dass ech och giff hoffen, dass och där neier Autoritéit hir Aktivitéit zu engem groussen Deel géif mathëllefen, och Codes de conduite zesummen mat deenen Professionellen auszeschaffen op deenen Domainer, wou et noutwendeg as, dass déi jo zum Deel der selwer ausschaffen. Den Tom kann sech erënneren, dass mer virun 2 Joer vill un enger eegener Charte Journalistes RTL geschafft hunn, wou mer un sech ee Pabeier färdeg hunn, dee Konsensus gemaach huet, onofhängeg vun dem allgemengen Code de Déontologie de la Presse, dee vum Conseil de Presse.

Wat d'Publizitéit ugeet, ech schwätzen zwar lo net vun de Regelen vun der Directive, wat d'Publizitéit an de Medien ugeet, mee iwwerhaupt vum Contenu an der Publizitéit get et déi Commission Luxembourgeoise pour l'Ethique en Publicité, déi sech och Méi get, dat as zwar och medieniwewgräifend, net nëmmen audiovisuell Medien, mee och geschriwwe Presse, déi sech Méi get, d'Plainten ze traitéieren, mee awer och ënnert Professioneller dofir ze suergen, dass an dem Contenu vun de Messages publicitaires net iwwert d'Sträng geschlo get. Ech mengen, do get et awer eng ganz Rei Matière, wou ee kann sou am Dialog weiderkommen.

Eng lescht Fro, déi ech jhust hätt: als Verrieder vun der Commission Consultative des Médias: Wann een lo gesäit, déi nei Autoritéit soll jo da fédéréieren déi 3 Organer..... wann d'Fonktioun bleiwt as et net sou schlëmm, ob d'Organ bleiwt,... well ech wollt jhust an 3 Wieder erënneren, dass mer engersäits, wat d'Commission Indépendante de la Radiodiffusion ugeet, do als Haus ganz frou wären à deux reprises, dass déi Kommissioun och eng gewësse Auréole behält an juristesch gutt motivéiert Avisen ofget. Do as also ee gewëssenen Intérêt, dass een déi Funktioun iergendwou an där neier Autoritéit erëmfënnt, onofhängeg vun hierer Missioun als Regulatioun vun den Réseaux-radioën. Mee och wat d'Commission Consultative des Médias ugeet, dat war eigentlech de Forum vun Diskussioun ënner Professioneller a Représentanten vu Medien a vu Presse, Kabel, vun all aneren Opérateuren, wou ech jhust an zwee Wieder wollt soen, dass dat awer ee relativ positive Bilan wär, dass mer intressant Diskussiounen haten, déi lo net direkt un engem Projet de loi hungen oder engem Projet de règlement grand-ducal, mee déi gefouert gi sinn op Basis vun Observatioun an Evolutioun vun den Technologien a wat op eis duerkënnt an de Medien, an do heiandsdo intressant Iddien jarnéiert sinn. T'wäer vläicht net schlecht, wann dat ënner gewëssener Form an där unifiéierter ARI dann och erëmfänne wär.

### **Francois Biltgen:**

Jo, ech hat mer et scho virdrun eng Kéier opgeschriwwen, dass effektiv dat Element e bësselchen vun de Professionellen, déi mer am Directoire hunn,... dat wëllt net nëmmen soen, dass dat nëmme Journaliste solle sinn, dat sollen der sinn, déi effektiv eppes vun deër Matière verstinn, dat kënne souguer Juristen, Psychologen, Soziologen oder wat sinn. Wat mer effektiv an eisem Equiliber bis elo bësse vergiess hunn, dat as de Contrepart, oder de Contrepart wëlle mat der Société Civile, wéi dat fälschlecherweis heescht, dofir soen ech léiwer Forces Vives de la Nation,..., ech mengen, dass och ee Politiker aus der Société Civile

kënnt, net aus der Société Militaire zu Lëtzebuerg. Mee mir hu keen Contreface mat de Professionnellen, dat as effektiv eppes, wou ech mer opgeschriwwen hunn, dass mer eis dat mussen iwwerleeën.

Zwou Saache wollt ech nach kuerz beliichten: dat eent as de Service public, wat e puermol gefall as. Fir t'éischt as wichtig ze wëssen, an dat hat gëschter owend de Professor, deem säin Numm ech ni verhalen, Nobre-Correia, ganz richtig gesot, well et oft verwiesselt get. Service public, dat wëllt net soen, ëffentlech-rechtlech. *Le service public, sot en, ne doit pas être assuré par le secteur public.* Service public, kann een mam Secteur universel bësse vergläichen, wéi mer et aus den Télécomsgesetzgebunge kennen, eppes, wou mer soen, all Biirger huet op ee gewëssene Service Urecht. Domadder fänke mer mol mat der Definitioun un. T'as gesot ginn, déi Propositionen, déi mer lo rausginn, dat as jo nach keen Text. Dat si Propositionen, mat deene gi mer lo an d'Chamberkommissioun, dass déi afléissen an déi Debatte, an no der Debatte maache mer dann ee Projet de loi. Also, do sinn nach net all Detailler geännert. Mir hunn och deen Text, a bei deem schrëftlechen Text, deen awer 16 Säiten huet, as awer nach keng Definitioun vum Service public. Ech soen Iech awer, wéi ech mer et virstellen.

Service public zu Lëtzebuerg as dat, wat ech mengen, wat mer net vun aneren Services publics ugebuede kréien. Mir dürfen jo net vergiessen, mir profitéieren vun deenen aneren Services publics, dat heescht grouss Informatiounsnoriichten hu mer der ganz vill..., also mir hunn eng grouss Libertéit. Wat fehlt dem Service public zu Lëtzebuerg? Dat as dat, wat mer par le biais, wéi d'Mady Delvaux et gutt rappeléiert huet eng Kéier, bei de Konzessiounsvertrag RTL drageschriwwen hunn, ouni awer do vu Service public ze schwätzen. Mee t'as awer doropper rauskomm, dat sinn Noriichten, allgemeng Noriichten, meenungsbildend Noriichten, zu Lëtzebuerg. Ech mengen, dat as mol eng Mission de Service public.

Dozou gehéiert dann och Informatiounen iwwert d'sozialt Liewen zu Lëtzebuerg, dat as Sport, dat as Veräiner, dat as alles. T'gehéiert awer och ee wichtegt Element, dat as lëtzebuenger Kultur, well wa mer net sou eng Mission de Service public hunn, lëtzebuenger Kultur, déi huet net vill Moyens iwwer international matgeholl ze ginn.

An da kënnt eppes véiertens, ganz wichtig bei eis: dofir huet jo de Lëtzebuenger Staat, - dat as jo dat eenzegt, wat en jo direkt bei den RTL lo haut bezillt, - d'Traduktiounskäschten vun der Iwwersetzung op Fransésich. Mir mussen och eppes maachen fir déi „net Lëtzebuergesch spriechend Leit“ zu Lëtzebuerg, dat as och Service public. Mir mengen ëmmer dat reng Lëtzebuergesch, dat wär och nëmme op Lëtzebuergesch, mee dat kann net nëmme sou opgoen. Dat as eigentlech, wéi ech mer lo mol eng Definitioun einfach ganz gerafft do virstellen.

Also, dat éischt, wat definéiert get beim Service public, dat as d'Definitioun. Dat zweet as: wéi allouéieren mer de Service public? An do wëlle mer an deem neie Gesetz eng Basis ginn; fir de Moment as jo d'Fro kloer bis 2010, well de Service public vun engem Privatrechtlechen assuréiert get. Net alles, wat RTL mécht, as Service public, Planet RTL zum Beispill gesinn ech net am Kader vun de Missions de Service public. Service public hu mer definéiert, t'hat och nach een et gësch, ech mengen de Jean Geisbusch hätt et gëschter gesot, da brauch ech net méi nach eng Kéier ze soen, wat am Konzessiounsvertrag steet.

Mir gesinn eis vir, dass d'Regierung dee Service public allouéiere kann. Soit engem Ëffentlech-rechtlechen, wou des Regierung sech durch eng ganz Partie Grënn, notamment och déi vun der Indépendance dogéint ausgeschwat huet, grad wéi déi viregt Regierung iwwregens. Mee mir ginn en eng legal Basis an dese Fäll, dass mer soen, mir kënnen de Service un een oder puer, - et kann een se och fractionéieren déi Missions de Service public.

An da kënnt dat drett, de Finanzement. Et muss net sou sinn, dass de Service public vun de Steierzueler finanzéiert get, wann ech de Service universel huelen am Télécomsberäich hu mer nie eppes misse maachen, am Géigesaz wéi bei der Poste, wou mer de Service universel definéiert hunn an der Poste dee ginn hunn, hu mer nie ee Service universel am Télécomsberäich engem ginn, well mer festgestallt hunn, dass genuch Leit einfach um Terrain waren, déi ee Service universel, - dat heescht nämlech, dass jiddferen op aller Plaz Télécommunicatiounen kritt zu engem gudde Präis, - assuréiert hunn, huet kee staatleche Finanzement misse kommen. De staatleche Finanzement muss dee Moment kommen, wann keng aner Moyens de ressources do sinn, fir dee Service public oder deelweis ze assuréieren.

An dat as och lo bësselchen, wat mat RTL geschitt. D'Regierung huet op eng Konzessiounscontrepartie verzicht, an dofir iwverhëllt RTL zur Zäit de Service public, an dat eenzegt, wat d'Regierung direkt bezillt, dat sinn déi Traduktiounskäschten. Mee mir ginn eis eng Base légale, dass mer och do 2010 eben eis eng Partie Optiounen oploossen fir och an Zukunft ee Service public ze assuréieren, dee mer awer am Kader vum Gesetz definéieren. Voilà, dat as iwwert den Service public.

Dann iwwert d'Pouvoirs vun deem ARI: och do hu mer lo nach näischt am Text. Ech ginn awer puer Stoussrichtungen mat. Dat wichtegst as dat, wat de Gérard Lommel och nach eng Kéier gesot huet: dat as mol diskutéieren, fir op d'Autoregulatioun ze kommen. Mir hunn en ähnlecht Organ am Kader vum „Protection des données“- Gesetz. Do hu mer och sou eng Kommissioun, déi virun allem soll mat de Secteuren Codes de déontologie, Autoregulatioun maachen, wou d'Leit mat un den Dësch kommen an soen, hei sou fuere mer an sou as et. Dat as nach wie vor dat wichteg, déi Codes de bonne conduite.

Wann dat net opgeet, da muss een op eng Coregulatioun kommen, wann, da brauch ee Sanktiounsméiglechkeeten. Wéi gesot, do steet näischt am Pabeier dran, mir hunn eis och nach net intern driwwer ausgeschwat, ech ginn och jhust puer perséinlech Iddiën. Ech mengen, dass déi Sanktiounen haaptsächlich sollen an der Réciprocité des moyens sinn. Dat heescht: wat stellen ech mer vir? Ech stelle mer vir, dass et mat dat efficacit as, - sou geschitt et och am Ausland, -... net dass op eemol gesot get, lo dierfs du vu 6 bis 7, da bleiwt däin Ecran schwaarz. Dat fannen ech net intelligent.

Dat intelligentst as nach ëmmer, dass een dann gesot kritt: Hei, mir hu fonnt, do hues Du Dech net un d'gesetzlech Bestëmmungen gehalen, an da muss Du eise Bericht public maachen, an Du muss dech ëffentlech entschëllegen oder ech weess net wat, Du hues gesënnegt um Schiirm, da muss Du och um Schiirm dat rëm riicht béien. Dat as nach wie vor, mengen ech, dat efficacit, all dat anert, wéi Geldstrofen, muss een eventuell virgesinn, mee ech gesinn dat manner efficace. Efficace och, wann een natiirlech ganz géint eppes versteisst,...et kann een sech ëmmer d'Fro stellen, wann ee ganz sënnegt, dass d'Regierung dann eng Konzessioun misst ewech huelen.

Mee nach eng Kéier mengen ech, dass et soll domadder sinn, dass een dat rem riicht stellt. Well t'as vun den Droits de réponse geschwat ginn. Mir hu vill manner Droits de réponse, wann iwverhaapt, ech ka mech eigentlech u keen erënneren, ech weess net ob ee vun Iech sech kann erënneren, deen op Radio oder Télé gemaach ginn as. Dat huet engersäits dermatt ze dinn, dass eis Radioën an Téléën souwisou dovunner liewen, vun der Kontradiktioun, sou funktionéiert dat jo. Mir si jo ëmmer frou, wann een sech opreegt, fir och nach deen kënnen ze interviewen ze goen, an dann as déi Sendung och scho färdeg, an wa mer do eng Woch nach dovunner liewen. Also, ech mengen lo net, dass ee Besoin bei de Leit as fir ze soen: ech kommen net genuch zu Wuert. Et leeft jo awer viles, leeft jo awer während.....

### **Jean-Claude Wolff:**

.....all Säiten zu Wuert kommen ze loossen, dat as een Devoir journalistique, dee vläicht aner Medien net ëmmer sou maachen.

### **François Biltgen:**

Mee ech mengen, dat funktionéiert einfach esou: Ech ka mech net nun een droit de réponse erënnere, deen hätt missen op Radio oder Télé geltend gemaach ginn. An da kënt awer och dat zweet derbäi, dass et dann heiandsdo och scho séier eriwwer as. Mir hunn eng aner Gewunnecht, audiovisuell Medien ze consomméieren wéi schrëftlecher ze consomméieren. Do bleiwt dann een Artikel nach laang do leien, an da schreiwte een dono, dann hätt een e gär op därselwechter Plaz en Droit de réponse. Bei den audiovisuellen Medien funktionéiert dat och einfach an der Praxis anescht. Sou dass ech, wéi gesot, nach eng Kéier mengen, dass déi Moyens, sou wéi ech mer se virstellen,... mee déi Diskussioun as nach guer net gefouert, déi fänkt dann réischt un och an der Kommissioun,...dass ech déi Moyens éischter sou praktesch gesinn wéi ech dat lo gesot hunn.

### **Tom Krieps:**

Dat heescht, fir nach eng Kéier drop zrëckzekommen, dat as am Fong och dat, wat de Moien an där internationaler Diskussiounsronn gesot ginn as vu Säiten vun deem Représentant vun der Landesanstalt aus Nordrheinwestfalen eben, u sech, selwer deem ze soen: Du hues lo gesënndegt, wéi Dir sot, Här Minister, dat geet eigentlech net duer. Wat wirklech soi-disant efficace as, dat as, dass eben och wéi d'Réciprocité des moyens, een, deen iwwert sein eegen Wellen da muss soen, do hu mer eng Gaffe gemaach, an doropper komme mer net méi zrëck. A wann ech da richtig verstanen hunn, déi aner Moyens, déi Geldstrofen, an dann en dernière autre subsidiarité, eben de Retrait vun der Autorisatioun, dat sinn natiirlech Saachen, déi een dernier ordre soll gesinn.

Mee do, wou ech mat Iech d'accord sinn, dat as eben effektiv de Caractère public, well all de Rescht bréngt u sech näischt, wann do iergendeen e Blâme kritt oder eng Admonestatioun, oder wéi een dat wëll nennen, dat bréngt näischt, wann dat net dee néidege Caractère vu Publizitéit huet. Well soss hu mer net d'Réciprocitéit vun de Moyens, dat heescht, deen, deen eppes seet oder sprécht, dass dono eng Sanctioun kënt, wann déi net iwwert deen nämlechte Wee un de Public erukënt, dann bréngt et an där Hinsicht näischt.

Ech mengen, Dir hutt awer eppes gesot, domatter wollt ech am Fong schléissen: déi grouss Diskussioun, déi sech stellt, wann een déi zwee Medien vis-à-vis hëllt, dat heescht déi geschriwwen an déi geschwaten Medien, respektiv de Fernseh, Dir sot, dat wat op engem Blad Pabeier steet, dat steet mol do, währenddeem dat, wat iwwert d'Welle gesot get, dat as eng Kéier sou e "Quack" an dann as et fort. Dat as zum Deel honnertprozenteg wouer, well de Radio oder Fernseh, dat leeft jo 24 Stonnen den Dag. Eng Zeitung kënt normalerweis eemol den Dag eraus. Déi läit moies um Dësch, an da kuckt een dat, an dann steet dat dodrann, an dann as dat färdeg. Fir mech as ee Medium, wat permanent un d'Leit kann erunrieden duerch de Radio oder duerch een aneren Moyen, wou eppes gesot get, wou eppes widerholl get, ëmmer rem an ëmmer rem.

Fir lo ee besonnescht krasst Beispill ze ginn, dat sinn dei Propagandassender, déi et gi sinn, an déi et nach ëmmer wahrscheinlich ginn, dat rezent Beispill lo vläicht aus Jugoslawien, wou den Staatssender effektiv ee Sprochouer war vun deem, deen lo zu Den Haag um

Gericht steet; permanent op de Medien get dovunner geschwat. Eng Zeitung get eemol am Dag gedreht, déi liesen d'Leit oder si liesen se net. A la limite ginn et souguer Länner op der Welt, wou souwisou net all Mënsch sech eng ka kafen. Währenddem de Radio an och nach de Fernseh wouméiglech as eppes, wat an där Hinsicht, wann dat ëmmer rem widderholl get, dat kann natierlech méi wéi doen wéi ee geschriwwent Wuert, wat eemol moies do läit, dat kuckt een an da leet een et op d'Säit. Mee wann déi ganzen Zäit iwwert de Radio eppes gesot get, sou e Martellement richteg, dat as natierlech eng vill mé geféierlech Saach.

### **François Biltgen:**

Ech wollt mech och erklären, dat as ee klengt Beispill, wou ech do ginn hunn, wou ech den Ënnerscheid maachen. Wann am Feierkrop eppes iwwert mech steet, ech liese kee Feierkrop, mee ech spiiren awer a mengem Haus, wann am Feierkrop eppes iwwert mech drasteet, well da geet d'Fotokopéiersmaschinn. An dat as direkt fotokopéiert. Mee wann eppes iwwert de Radio gesot get, - dat as haut nach, dofir schwächen ech dat lo of, - dat geet net onbedéngt sou séier weider oder op der Télé. Ech mengen awer, dass a 5, 10 Joer am numereschen Zäitalter, dat och vill méi einfach as. Also, dat, wat ech lo gesot hu, dass et een Ënnerscheid as, dat kann awer a 5 bis 10 Joer radikal mat den neien Mettellen änneren.

### **Tom Graas:**

Mee dat geet jo lo zum Deel doduercher, dass een verschidden Emissiounen och um Internet kann nokucken, wann een se verpasst huet. Wat ech Iech jhust nach wollt äntwerten Här Krieps: wann Der sot, dee Martellement, Dir kënnt Iech net virstellen, wéi dacks dass mir Leit uruffen, siew et déi Zäitchen, wou ech um Radio war, oder lo op der Télé: Dir hutt eppes iwwert mech gesot. Jo, tatsächlech? Dat as net richteg. Hutt Der et da selwer héieren? Neen, de Jos huet et héieren, an de Jos sot mer datleien, dat as eng Sauerei datdo. Ganz ouni laang Diskussiounen an schrëftlech Demanden soe mir, Dir kritt eng Cassette vun eis, färdeg. Dat kuckt Der Iech unn, wann dann ee Problem do as, da mellst Iech. D'Leit melden sech dann net méi.

Mee nëmmen fir ze soen: sou séier as dat.... dat, wat de Mario sot, t'sinn 2 Medien, déi, t'as séier gesot, t'as séier vergiess, séier fort, t'as séier falsch interpretéiert, falsch gelauschtert...

### **Jean-Claude Wolff:**

An de Radioën, dat weess ech lo, ech mengen bei den Téléën huelen ech unn, dass dat dat selwecht as, t'as jo och gesetzlech virgesinn, dass 24 Stonnen op 24, de Spioun wéi mer dat nennen, matleeft, an alles matgeschnidde get, an dat muss eng gewëssen Zäit gehal ginn, mir hunn et nach all déi Joren lo gehal als Archiv. T'as alles do, d'Obligatioun as mengen ech, dass een et sou laang hält wéi d'Prescriptioun leeft, oder ech weess et lo net, mee soit, mir hunn et allzäit vum éischten Dag u bis haut, an do sinn effektiv Leit, déi vun Zäit zu Zäit uruffen, Dir hutt do eppes gesot, déi kréien eng Cassette, a wéi den Tom seet, meeschtens wann d'Leit et dann eng Kéier anstänneg nolauschteren, dann....

### **Tom Graas:**

Mir téléphonéieren Leit, wann se Sträit hunn mat hirem Assureur, well se een Accident haten, well se soten, ech si bäigaang am Schnéi, an ech hätt gär, dass d'Kasko lo bezillt, da soen déi, lo deen Dag louch kee Schnéi, da soen se eis hei: kënnt Dir net eng Kopie maachen vun



Ären Noriichten vu viru 5 Joer deen an deen Dag, ech géif gären d'Meteo lauschteren, ob do Schnéi war.

### **François Biltgen:**

Ech hat awer als Affekot effektiv een, dee wollt d'Noriichten och hunn vum Accident vun engem décken Carambolage op der Autobunn fir ze soen, ma do gesi mer nach, wéi d'Autostungen.

### **Tom Krieps:**

Sou, ech gesinn, t'as lo véirel vir 5, ech mengen, mir hunn bëssen den Tour vun de Froen gemaach. Effektiv d'Positiounen sinn relativ kloer. Well mer haut eben d'Primeur kritt hunn vun de Pläng vun der Regierung, dat war wahrscheinlich relativ interessant, an wéi gesot vun der Presse, do schéngt mer d'Meenung relativ kloer ze sinn, do get effektiv un der Existenz selwer vun sou engem Regulatiounsorgan gezweifelt. Dat war och weider keng Iwwerraschung, mee t'huet eis awer d'Gelegenheet ginn, fir eng Kéier seriös driwwer ze schwätzen, an ech mengen, dat war och sou wéi ech et verstanen hunn. T'war lo net fir lo hei vehement do uneneen ze goen, mee t'war haaptsächlech mol fir déi eenzel Punkten ze klären.

Ech ka mer awer virstellen, vläicht si Froen am Sall, wann nach een eppes ze froen hätt. Soss giff ech proposéieren, dass mer iergendwann géife Schluss maachen.

### **Public:**

Den Här Wolff huet virdru gesot, dass all déi Regulatiounsorganer och kéinten durch Geriichter ersat ginn. Ech mengen, dat as e bèsse réducteur; d'Geriicht get mat engem konkrete Fall befaasst, probéiert, denn ze reparéieren, da get et eng Geld- oder Penalstrof. D'Regulatioun, déi kuckt éischer méi wäit, an déi geet vun deem enge Fall aus, a freet den Organisateur vum Programm, freet mol guer net deen eenzelnen Journalist, deen do geschwat huet, mee den Organisateur: Sot, wat hutt dir bis elo gemaach fir sou Dérapagen wéi deen, dee lo geschitt as ze verhënnere? Dat machen d'Riichter net an dat kënne se och net maachen. An dat anert intressant Element as och dat, wéi den Här Krieps richteg gesot huet, de Parquet huet och aner Saachen do leien, wéi dee leschte Witz vun den Déckkäpp. De Fait, dass do déi Regulatiounsbehörde den Dossier kuckt, an dann einfach mol eng Kéier den Organisateur vum Programm uschreiw, féiert vläicht derzou, dass ee Problem vun de Geriichter ewech gehale get. Well wann den Organisateur vum Programm seet, do as eng Dommheet geschitt, entschëllegt. Ech hoffen, dass dat an der Praxis och relativ oft sou as.

### **Jean-Claude Wolff:**

Wat ech wollt mat där Geschicht mat de Geriichter soen, dat as, dass een net soll iwver all méiglech Saachen tranchéieren, mee dass een sech am Fong an der Haaptsaach soll op déi Saachen beschränken, déi effektiv duerch ee Gesetz oder sou verbuede sinn. All Reaktioun as jo ëmmer eng kleng Ingérence an d'Liberté d'expression, an déi soll jo awer kloer definéiert sinn. An déontologesch Froen si ganz oft,..., wéi gesot, dat kann nëmmen de Beruff sech selwer ginn, well andernfalls get et eng Ingérence op Grond vun engem "Flou", an t'as dat, wat ech am Fong bèsse wollt soen, an dofir hunn ech gesot, d'Geriichter, d'Haaptsachen, dat sinn déi fir d'Geriichter, an all dat anert, dat fällt am wäiteste Sënn ënnert der Liberté d'expression. Wat ech als déontologesch gutt fannen, fënnt vläicht mäi Vis-à-vis net gutt. Déontologie as ëmmer eppes bèsse Subjektives, an dofir ginn et déi 4 oder 5 Punkten, wou de Mario gesot huet, déi wahrscheinlech duerginn, de gesonde

Mënscheverstand vun deem eenzelnen, an t'ginn der ëmmer, wou de gesonde Mënscheverstand fehlt, an do verhëllefen keng 10 Gremien da, wann de gesonde Mënscheverstand fehlt. An t'as do, wou ech dat wollt op d'Justiz limitéieren, well dat am Fong, dat sinn 98% vun de Fäll, déi ech fir der Wärt halen, dass se solle jugéiert sinn. Dat sinn déi, well t'get vill ze villes do jugéiert an tranchéiert a kontrolléiert. T'as dat, wat ech wollt soen am Fong.

### **Walter de Toffol:**

Här Wolff, et deed mir leed, mee Dir sidd nach un der Reih. Ech ka mech un déi Examensfro erënneren, die Dir mir virun enger Zeit gestallt hat iwwer d'Objektivitéit vun der Presse (an ech hunn effektiv och weider dru geduecht). Ech profitéieren vun der Geleenheet, fir nach eng Kéier ze betounen, dass fir mech, am Fall vun enger Berichterstattung, komplett a korrekt, also fair, dem Public iwwermettelt ginn, wou also och eng kloer Trennung tëscht Informatioun a Kommentar soll bestoen.

### **Jean-Claude Wolff:**

Also, den berühmten Terme vum "de Kommentar" gehéiert och zur Informatioun an och zu der journalistescher Aarbecht, a wéi gesot, alles as iergendwéi subjektiv, egal wéi ech et upaken. T'get nëmmen een objektivt Medium hei am Land, dat as de Memorial. Frot mol, weivill Leit dass dee fräiwëlleg liesen, wéi spannend a wéi intressant dass deen as. De Memorial as dat eenzegt objektivt Medium hei am Land.

Pour le reste, den Kommentar gehéiert och zur Aarbecht vum Journalist, e soll natiirlech iergendwéi bësse marquiert sinn. An ech mengen, wann een och rëm een Urteel vun der Cour des Droits de l'Homme zu Stroosbuerg hëllt, den Arrêt Yersilt: "...qu'il n'appartient ni aux autorités nationales ni à la cour de se substituer à la presse pour dire quelles techniques de compte rendu les journalistes doivent adopter." Dat heescht de Kommentar as d'Liberté d'opinion, an d'Publikatioun as d'Liberté d'expression.

An ech mengen och, de Kommentar gehéiert an d'Medien, an t'kann een lo net soen, eng Zeitung därf ee Kommentar maachen, an ee Radio oder eng Télé därf kee Kommentar maachen, well eleng schon d'Reihenfolg, - wann ech ee Reportage iwwert d'Chamber maachen, - d'Reihenfolg an där ech elo d'Orateuren do presentéieren,...ech weess, ech hunn ee Journalist kann oder mat deem ech geschafft hunn, deen huet ëmmer gesot: "Mir fänken un mat der CSV, an da kënnt d'LSAP, an da kënnt d'DP." Dat kann net de Sënn sinn. T'huet eng Kéier ee Journalist vun enger Zeitung mer gesot, deen huet meng Presserevue gelauschtert, du huet e gesot: "Ech fannen dat eng Sauerei, Du hues Deng Presserevue mat der Zeitung vum Lëtzebuenger Vollék opgemaach. Firwat hues Du net mam Lëtzebuenger Wort ugefaang, dat as awer déi gréisst?" Okay, dann as dat ee Kommentar, wann ech meng Presserevue mat der Zeitung vum Lëtzebuenger Vollék mol een Dag ufänken. A wou fänkt de Kommentar un, wou hält en op? An de Kommentar gehéiert einfach derzou, an deen därf een engem Journalist och net verbidden, well e lo grad an engem audiovisuellen Medium schafft.

### **Francois Biltgen:**

Kann ech och nach jhust eppes dozou soen, déi Fro vum Här de Toffol as nämlech jhust déi, déi reng Pressegesetz as, a wou ech soen, dass ech dofir net en extraën ARI brauch fir dat do.

### **Jean-Claude Wolff:**

Ech mengen an engem Satz: Mir sollen net versichen objektiv ze sinn, dat bréngt mer net färdeg, mir sollen einfach versichen, fair ze sinn. An dat as eng aner Terminologie. Mee loosse mer net ufänken ze sichen, objektiv ze sinn, well dat bréngt mer net färdeg, dat as net méiglech, soss maache mer jhust nach de Memorial.

### **Tom Krieps:**

Mee, ech well jhust fir ofzeschléissen nach soen, dass dat wat mer hei mussen aus dëser Ronn mathuelen as folgendes: an enger Welt, wou mer liewen, wou alles immens séier geet, si mer permanent am gang hannendrunn ze lafen, d'Journalisten souwuel wéi déi Leit, déi ee Régulateur wëlle sinn, wéi de Minister, wéi jiddfereen heibannen. Mir lafen ëmmer hannendrun.

Mee eng Saach as sécher: déi Responsabilitéit, déi mer hu vis-à-vis vun alle Leit dobaussen, déi Responsabilitéit, déi soll een net op déi liicht Schëller huelen. Dat as kloer, an t'as dowéinst, wou de gudde Wëllen vun deenen engen a vun deenen aneren net därf falsch interpretéiert ginn, fir ze soen, do as een Zensor ënnerwee, an op där aner Manéier gesot, do as een, dee geheit Kommentar an Berichterstattung an een Dëppen. Wat ech wëll festhalen as folgendes: an enger perfekter Welt wär all déi Diskussioun, déi mer hei géife féieren guer net néideg. Mee jiddfereen vun eis, deen hei um Dësch setzt, soll sech iwwerleeën, inwiefern dass dat, wat mer alles haut diskutéiert hunn, inwiefern dat iwwerhaupt der Realitéit entsprecht, an ech mengen, hei as Dichtung und Wahrheit relativ wäit auserneen.

Wéi gesot, den Här Wolff huet lo puer gutt Wieder zum Schluss gesot. Ech géng soen, deem engen seng Fräiheet, déi hält op, wou deem aneren seng ufänkt, an dat as fir d'Pressefräiheet souwuel wéi fir déi aner Mënscherechter valabel, an dat as eng Diskussioun, wou een effektiv ee Moment muss deen ee Wärt virun deen aneren setzen, dat as eng komplizéiert Aufgab. Mee dat as zwar net sou, dass schlechte Wëllen um Wierk as; t'as e bëssen de Schwanengesang vum CNP, hunn ech d'Impressioun, wann ech den Här Minister lo héieren hunn.

Dat heescht, t'as eisen leschten Akt, dee mer maachen, ech weess net, ob dat sou soll sinn, mee da wëll ech awer, dass mer an d'Posteritéit ginn net als een Organisme de censure, mee als een Organisme, wou einfach d'Gesellschaft sech d'Fro gestallt huet virun 10 Joer, an dat iwwer 10 Joer gemaach huet, wéi kënne mer kucken, dass dat, wat iwwert de Radio an iwwert de Fernseh geet, wéi mer do de Minimum vun deene Werter, un deene mer hänken, wéi déi do geschützt ginn.

Ob dat lo gelongen as oder net, dat as eng aner Fro, do mussen aner Leit jugéieren.

### **Francois Biltgen:**

Den Här Trausch schreiwte ee Buch driwwer oder den Här Scuto.

**Tom Krieps:**

Jo, ech mengen, deen as nach éischer an der Alterskategorie dee richtigen. Merci.



## Conclusions Table ronde nationale 2, Tom Krieps

### « L'organe de contrôle ou de régulation des médias »

Faut-il un organe de contrôle ou de régulation? Oui, disent les régulateurs, non, rétorquent les journalistes.

Les positions, lors du forum, étaient claires dès le début.

Vis-à-vis du pouvoir grandissant des médias, il faut installer certains garde-fous, dit le modérateur. Tout comme pour les trois autres pouvoirs dans un Etat, une supervision s'impose aussi au niveau du «quatrième».

Il existe assez de garde-fous, telle la réplique des journalistes et des représentants du monde médiatique. Le plus redoutable, selon eux serait le spectateur lui-même.

Le ministre de tutelle, lui aussi, avoue avoir certaines réserves vis-à-vis des régulateurs, plus précisément vis-à-vis du système tel qu'il existe à l'heure actuelle au Grand-Duché (extrait du verbatim de la table ronde): « *Ganz vill Organer sinn och e bësselchen ze verstoen als Rechtsnfolger vun fréierer der Regierung, déi de Contenu kontrolléiert huet. De Jean Stock huet ganz anschaulech gëschter jo erzielt, wéi de Motard mat dem journal télévisé bei den de Gaulle gefuer as, deen huet e gekuckt. Dat ware jo a Frankräich Schwergewurten, bis dass se zum aktuellen CSA komm sinn. Mee deen huet och nach ëmmer e bësselchen als Missioun fir do ze kucken, dass dee Contenu, vläicht net méi onbedingt parteipolitisch korrekt, mee iwwerhaupt nach politisch korrekt wär.*

*An do soen ech, dass do eng grouss Gefor as. Mat allem Versteessdemech, deen ech hunn, fir ze soen, mir müssen eng gutt Qualitéit hunn, méi een héije Niveau kréien, mir müssen Mënscherechter kontrolléieren, mir müssen Pluralismus kontrolléieren, dierf een net vergiessen, dass een do ëmmer op engem ganz enken Seel steet, wou ee risquéiert erfazefalen an d'Zensur an an d'Kontroll an an eppes, wat géint d'Liberté d'expression as. Ech war jo selwer vun Ufank un dass et de Conseil National des Programmes gouf, dran, bis dass ech hu missen erausgoen aus Onofhängegkeetsgrënn, wéi ech Minister gi sinn. Ech hu jo déi ganz Joeren vill matdiskutéiert, dofir mengen ech kënn ech och déi Kritik selwer mat ubréngen, well ech jo selwer an deem Boot do sutz, an och selwer do matgeschafft hunn u villen Avisen. (...) Zum Beispill mengen ech, dass dat Organ, déi Autorité de Régulation Indépendante net dierf souwäit goen, dass se herno niewent der Déontologie journalistique, déi mer souwiesou am Kader vum neie Pressegesetz hunn, wat jo net nëmmen ee Gesetz fir d'Presse écrite as, dierf do net nach eng zousätzlech Déontologie journalistique am allgemenge kommen. Dat dierf keng Missioun sinn vun der Autorité de Régulation Indépendante. Dat muss eng Missioun sinn vum Pressegesetz respektiv vum Presserot".*

Son leitmotiv dès lors, c'est la corégulation. Est-ce la réponse aux derniers avis du CNP qui n'étaient pas toujours du goût des journalistes? Ces derniers évoquent des exemples concrets où le CNP se serait trop immiscé dans leur travail rédactionnel.

Même le traitement des plaintes concernant des blagues racistes ou diffamatoires dans des émissions de divertissement incombe au CNP, telle la réplique du magistrat Georges Santer:

*„Wann ech deen entsprechenden Artikel huelen, dann as et ganz kloer den CNP, denn do Befugnis huet. Also ech misst deen Text do falsch liesen, mee do steet geschriwwen: 'le*

*Conseil National surveille le respect des dispositions légales et réglementaires.' An wat déi Dispositiounen sinn, dat as an engem Artikel virdrun, wou ënner anerem vun der Dignité de la personne humaine, an sou weider, an anere fundamentale Werter Riets geet. Also, fir mech as do, en l'état actuel, ob dat lo gut as, dass een déi Befugnisser sollt hunn, dat as eng aner Questioun, mee menger Meenung no huet een se."*

A l'avenir, il s'agira, selon le ministre, de faire la différence entre les notions «équilibre des programmes» et «déontologie du contenu». Cette dernière tombera, selon François Biltgen, sous les compétences du Conseil de Presse. Par contre, la surveillance de l'équilibre des programmes ainsi que du pluralisme dans le cadre du service public sera assurée par la nouvelle Autorité Indépendante de Régulation. Cependant, si on parle de pluralisme, on frôle nécessairement aussi le contenu. Comment arriver à une séparation des deux? Des définitions exactes devront être établies une fois pour toutes.

Avec ces propos, le ministre a-t-il annoncé le chant du cygne du CNP ou la «fin des blâmes» comme l'écrit le journaliste du «Quotidien» le 15 mars 2002? Ces réactions sont sans doute un peu hâtives. Une analyse de fond des déclarations de Mondorf est de mise.

Une première remarque concernant l'autorégulation s'impose: il faudra revoir les dispositions quant au fonctionnement et aux moyens du Conseil de Presse, premièrement. Deuxièmement, l'autorégulation par conséquent l'autocritique, peut-elle fonctionner dans un pays de la taille du Grand-Duché avec un nombre définitivement limité de journalistes (300 journalistes actifs, selon les données du président de l'ALJ)?

Le projet de loi sur la liberté d'expression dans les médias prévoit la création d'une Commission des Plaintes au sein du Conseil de Presse. Celle-ci sera avant tout, sinon trop, livrée à elle-même. Elle pourra décider par exemple de la recevabilité d'une plainte!

Malheureusement, ce projet de loi n'a pu être abordé lors du forum de Mondorf, le ministre voulant se limiter à la réforme de la loi sur les médias électroniques.

On ne peut cependant la passer sous silence, il faut, dans ce contexte, revoir aussi, appelons-le, le «sort» des journalistes. Bien que le Conseil de Presse soit dès lors compétent pour tout ce qui concerne la déontologie journalistique, il arrive, assez souvent d'ailleurs ces derniers temps, que les plaintes concernent non pas des émissions journalistiques, mais plutôt le côté divertissement de la radio et de la télé, là où travaillent bon nombre de «non journalistes», animateurs, des personnes n'exerçant cette activité qu'à titre accessoire. Qui sera compétent ou sera-t-on en présence d'un vide juridique? Jean-Claude Wolff, président de l'ALJ, en est conscient: „Als Journalisteverband wiere mer frou, wann nëmmen Journalisten gingen an d'Zeitungen schreiwen, mee do get ee gewësse sozialen Dumping gemaach..."

Qu'en est-il à présent du chant de cygne du CNP?

En effet, il faut entrer dans les détails des propositions de François Biltgen concernant la nouvelle loi sur les médias et notamment la création d'une AUTORITE INDEPENDANTE DE REGULATION. Le ministre de tutelle a esquissé les pistes lors du forum des médias.

Une fusion est annoncée, celle du CNP, de la Commission Consultative des Médias ainsi que de la Commission Indépendante de la Radiodiffusion. Mais s'agit-il vraiment d'une fusion? Une analyse encore plus détaillée: au cœur de cet ARI, un directoire sera créé, l'organe exécutif de la nouvelle autorité. Un conseil de surveillance administrera cet établissement public qu'est l'ARI. Deux conseils consultatifs flanqueront le directoire. Ces derniers auront comme mission de rendre des avis sur différentes questions, notamment celles ayant trait au pluralisme. D'autres précisions manquent!

Flou artistique aussi quant à la nomination des membres du directoire! Est-ce le gouvernement qui les désignera ou bien la Chambre des Députés? Quelle est la manière la plus efficace pour garantir une indépendance totale de ces personnes? Autant de questions auxquelles il faudra trouver une réponse.

D'autres réflexions découlent de ce qui précède:

- Ne créé-t-on pas avec le Directoire un «super-organe» où un nombre restreint de personnes auront pleins pouvoirs pour prendre leurs décisions? Par conséquent, ne réduirait-on pas les organes consultatifs, à savoir le Conseil Consultatif ainsi que la Commission Consultative, à des «structures alibi»?
- Bien que ces deux organes consultatifs fonctionnent au sein d'une autorité, il reste qu'ils prennent leurs avis séparément. Ainsi, au lieu de réunir professionnels et forces vives autour d'une table, on garderait une séparation. Les expériences récentes (en incluant bien évidemment Mondorf) n'ont-elles pas montré qu'un dialogue entre forces vives et milieu professionnel est plus que jamais nécessaire?

Certes, le ministre a précisé que ses informations ainsi que le document des orientations ne sont que des propositions qui devraient être complétées entre autres par les députés, cependant, il y a lieu de se demander si le gouvernement, à certains égards, a pris la bonne direction.

Tom Graas, rédacteur en chef de RTL Télé Lëtzebuerg, l'a formulé de la manière suivante: „*Hei zu Lëtzebuerg pake mer ganz vill Saachen un, ouni dass mer eis fir t'éischt mol déi Question préalable vun der Definitioun stellen. Déi ganz Diskussioun rondrëm den audiovisuelle Secteur hei zu Lëtzebuerg as där eng. Wou quasi d'Halschecht vun deene wichtege Ausdréck, Konzepter ni definéiert goufen, a mir schleefen se awer schon zënter 40 Joer mat rondrëm.*”

Un point crucial est la définition du service public. Celle-ci devra être inscrite dans la nouvelle loi; le ministre a essayé de calmer les esprits à Mondorf. Qu'est-ce que le service public et comment sera-t-il alloué, comment sera-t-il financé? On devra trouver des réponses à ces questions dans le nouveau texte.

Mais revenons-en au financement. François Biltgen est d'avis que le service public ne doit pas nécessairement être financé par les moyens étatiques. Il prend l'exemple du secteur télécom où les intéressés étaient toujours assez nombreux pour assurer un service universel qui, par conséquent, n'aurait pas dû être assuré par l'Etat. Selon lui, le modèle pourra être imité. Cependant, selon le modérateur, le contrôle d'un service public ne pourra se faire que là où des fonds publics ont été investis...

«Laissons cela au droit commun!» Cette dernière phrase a été répétée à plusieurs reprises lors de la table ronde. Pour des plaintes p.ex. concernant des discriminations raciales, le droit commun suffit largement, prétendent les journalistes.

Le document sur les orientations pour une nouvelle législation sur les médias électroniques les confirme dans leur raisonnement; ainsi, ce texte précise que le contrôle des règles relevant du droit commun pourrait incomber aux instances judiciaires.

Mais l'appareil judiciaire pourra-t-il s'en occuper de manière à satisfaire la demande? Non, répondent les juristes. Tout d'abord, il doit y avoir un plaignant, il faudra définir une personne juridique; ensuite, en cas de constat d'infraction, le juge pourrait frapper l'opérateur d'une amende tout au plus; cependant, il ne saura jamais retirer la concession à une chaîne. En dernier lieu, il faut se demander si une machinerie aussi lourde que la justice pourra satisfaire à des besoins d'un domaine «ultrarapide»...

## Verbatim Table ronde nationale 3, Robert Soisson

### « L'éducation aux médias »

#### **Robert Soisson:**

Ich begrüße Sie zum Rundtischgespräch über das Thema „Medienkompetenz“. Herzlich willkommen in diesem schönen Saal. Sie haben vielleicht schon die Lampen bemerkt. Da hat der Kollege Techniker mir erklärt, dass alle Leute, die an diesem Projekt gearbeitet haben, eine kleine persönliche Nachricht hinterlassen haben, die an diese Lampen befestigt sind. Das habe ich noch nie gesehen, ich finde es aber eine sehr gute Idee.

Ich werde ganz kurz die Leute, die an diesem Tisch sitzen, vorstellen, und jeden einzelnen bitten, das noch mal genauer zu tun. Ich will nur sagen, warum ich die einzelnen Leute zu diesem Rundtischgespräch eingeladen habe. Gestern am Ende der Diskussion zwischen dem Premierminister und Sabine Christiansen kamen ganz zum Schluss einige Fragen betreffend die Medienkompetenz zutage. Es war einerseits eine Frage zu der Gewalt in den Medien und die andere war zum Thema Jugendschutz. Heute morgen wurde dies auch mehrmals in der Diskussion angesprochen, aber es wurde nie im Detail darüber geredet.

Der CNP ist – die meisten haben das schon heute morgen erfahren – ein Gremium, welches sehr wenig Kompetenzen besitzt. Im Bereich der Sanktionen haben Sie erfahren, dass wir nur sehr wenige Möglichkeiten haben, aber wir haben auch keine Kompetenzen im Bereich der Prävention im Medienbereich, die u.a. dadurch erreicht werden könnte, dass bei Kindern, aber auch bei Erwachsenen, mehr Medienkompetenz erreicht werden sollte. Wir werden nachher Gelegenheit haben, über den Ausdruck Medienkompetenz zu diskutieren und über das, was die einzelnen Leute sich darunter vorstellen. Denn es gibt noch keinen Konsens, es gibt nur einige Elemente, die verschiedenen Definitionen gemeinsam sind, aber in der Regel besteht noch eine relativ große Diversität in der Beschreibung dessen, was man als Medienkompetenz bezeichnen könnte. Auch Herr Hahn-Cremer hat heute morgen betont, dass für die deutschen Landesmedienanstalten das Thema Medienkompetenz an erster Stelle steht. Wir konnten das auch sehen: wir haben die Landesrundfunkanstalt in Düsseldorf besucht und sie hatten z.B. ein Paket für die Vorschulen entwickelt, in dem Kinder den Umgang mit Werbung lernen konnten anhand von praktischen Aufgaben, die in einer Art Spielkasten enthalten waren und von den Lehrern benutzt werden konnten, um im Vorschulunterricht die Kenntnisse der Kinder über Werbung in den Medien zu erweitern.

In dieses Rundtischgespräch wollte ich aber auch Leute aus der Praxis einladen, weil ich der Meinung bin, dass man Medienkompetenz nicht einfach erklärt bekommen kann, sondern, dass man die lernen muss, dadurch dass man praktisch mit Medien umgeht.

- Deshalb freue ich mich, ihnen die Teilnehmer hier vorstellen zu können, zunächst Frau Wagener von den Grünen.
- Herr Gerard Gretsch, der in Walferdange am ISERP arbeitet und mir besonders aufgefallen ist, dadurch, dass er als Lehrer in seiner Klasse Lese- und Schreibunterricht mit Hilfe von Computern sehr erfolgreich gemacht hat.



- Herr Richard Swetenham, dem ich in Stockholm begegnet bin bei einer Konferenz über Medien und der für die europäische Kommission arbeitet; in einer Abteilung, die sich mit Software für Filterprogramme beschäftigt.
- Herr Adrien Promme vom SNJ, der auch an dieser Konferenz in Stockholm teilgenommen hat; der in Eisenborn mit Kindern aus dem Primärschulunterricht Videofilme bearbeitet.
- Fräulein Sarah Gilbertz, die sehr aktiv im Escher Uelzechtkanal mitarbeitet, und die mich letztes Jahr einmal als Moderatorin an einem Rundtischgespräch über Probleme in der Schule sehr beeindruckt hat. Da habe ich gesagt, die Sarah muss auch heute unbedingt dabei sein. Ich wollte auch, dass Jugendliche an dieser Tagung teilnehmen, denn es geht ja zunächst sie etwas an; wenn wir über sie sprechen, sollen wir auch mit ihnen sprechen. Das wird immer gesagt, man vergisst es aber öfter.
- Herr Edouard Ries vertritt Frau Brasseur, die heute nicht kommen konnte. Er ist im Unterrichtsministerium und verantwortlich für die Umgestaltung der Programme im oberen Zyklus des Sekundarunterrichts.
- Herr Ed Maroldt ist ein alter Bekannter von mir. Wir kennen uns seit unserer Schulzeit und er ist hier bekannt als der Initiator der Escher Theateraktivitäten im Jongelycée und auch als Initiator des Uelzechtkanals, eine sehr produktive Fernsehsendung, die einmal im Monat produziert und auf den Kabelkanälen gesendet wird.
- Herr Bernt von zur Mühlen wohnt hier in Mondorf und ist unabhängiger Berater im Medienbereich. Er wird nachher genauer erzählen, was er selber macht, das ist nicht so leicht zu erklären. Aber er ist ein sehr engagierter Mensch. Er war auch im öffentlich-rechtlichen Bereich tätig als Berater. Auch im Bereich der Privatindustrie, die sich im Bereich Medienkompetenz bewegt, macht er heute noch Beratung.
- Herr Fernand Mathes ist Vertreter der RTL-Gruppe. Er arbeitet seit längerer Zeit für RTL.
- Und schließlich Tom Hildgen. Tom ist Lehrer und hat sehr lange aktiv im Uelzechtkanal mitgearbeitet; er ist heute auch in Planet RTL aktiv, wo er diese Sendung mitgestaltet.

Es gibt auch Leute, die wir nicht eingeladen haben, die wir allerdings nicht vergessen haben; aber wir wollten doch die Teilnehmerzahl irgendwie beschränken, z.B. das Info-Videozenter hätten wir auch einladen können, das soziokulturelle Radio, die auch Radiosendungen mit Kindern machen. Es gibt auch im technischen Sekundarunterricht Leute, die viel mit Kindern im Bereich Radio- und Fernsehsendungen arbeiten. Aber wir mussten uns irgendwann einmal auf einen Teilnehmerkreis beschränken und deshalb noch einmal vielen Dank, dass sie gekommen sind.

Ich möchte Sie bitten, dass Sie sich alle noch mal kurz vorstellen und kurze Statements abgeben zu dem, was Sie auch an diesem Thema speziell interessiert und dann wollen wir ins Thema einsteigen. Ich hatte nur zwei Fragen vorgesehen, die jedem Teilnehmer hier gestellt werden und zu denen er sich dann äußern kann. Und dann wäre es vielleicht gut, wenn wir viel diskutieren könnten. Deshalb bitte ich Sie, sich so kurz wie möglich zu fassen, damit es zu einer Diskussion kommen kann. Wir haben fast 3 Stunden Zeit, das müsste eigentlich reichen.

### **Renée Wagener:**

Mein Name ist Renée Wagener und weil ich nicht nur Abgeordnete, sondern auch Journalistin bin, habe ich natürlich einen doppelten Blick auf das Thema. Aber ich muss

ehrlich zugeben, dass ich nicht unbedingt als Politikerin dieses Dossier betreue, wenn man davon absieht, dass ich Mitglied der Kommission „Jugend in Not“ bin.

Und ich weiß nicht, ob die Jugend in Not ist, wenn man sich die Zahlen anschaut, dass z.B. Jugendliche 2 bis 4 Stunden pro Tag fern sehen oder ob sie in Not ist, weil sie sehr wenig Zeitungen liest und wenn Zeitungen, dann Sport oder die Bild-Zeitung; das scheinen mir dann doch noch andere Probleme zu sein, als die, mit denen wir in der Kommission konfrontiert sind. Aber, es scheint mir schon klar, dass es in Luxemburg einen Mangel an Medienerziehung gibt, dass in unseren Schulen die diversen Medien den Jugendlichen eigentlich nicht genug nahe gebracht werden und dass es hier ganz klar einen Handlungsbedarf gibt.

### **Gerard Gretschi:**

Mein Name ist Gerard Gretschi, ich bin zur Zeit in der Ausbildung der LehramtskandidatInnen am ISERP beschäftigt. Ich habe 1985 mit Computern im ersten Schuljahr mit den Kindern angefangen – im Bereich des Spracherwerbs und der Sprachentwicklung. Danach haben wir auch ein Programm entwickelt, das Theo heißt und das für die mündliche Sprachentwicklung geeignet ist. Ich habe mehrere Projekte geleitet, die sich mit Kompetenzentwicklung von Lehrern in diesen Bereichen unseres Erziehungssystems abgeben. Für mich ist Lernen immer „mediiert“, jedes Lernen seit Menschengedenken war „mediiert“ und es wird „mediiert“ mit den Werkzeugen, die der Gesellschaft zur Verfügung stehen. Und das ist das Thema, was mich reizt. Und ich denke, dass heute neue Medien sehr stark verbreitet sind, sehr stark unsere Auseinandersetzung mit dem Alltag und mit dem Lernen durchdringen; und dass wir als öffentliche Schule, die nun mal da ist und morgen noch da sein wird, uns verdammt nochmal damit auseinander zu setzen haben. Und deshalb bin ich heute mittag gekommen.

### **Richard Swetenham:**

Ich heiße Richard Swetenham, bin Beamter bei der europäischen Kommission, Generaldirektion Informationsgesellschaft hier in Luxemburg. Ich bin kein Sachverständiger für Medienkompetenz, bin aber Jurist und beschäftige mich zur Zeit mit dem Aktionsplan „Sicheres Internet“ der Kommission. Und dieser Plan hat drei Aktionen: eine Aktion für Hotlines, wo die Öffentlichkeit, die auf illegale Inhalte im Internet stößt, das berichten kann und dann wird das an die richtige Stelle weitergeleitet. Die zweite Aktion beschäftigt sich mit den Inhalten und der Klassifizierung. Die dritte Aktion nennen wir Sensibilisierung und da haben wir gerade gesehen, wie wichtig dieser Teil unserer Arbeit ist. Das ist auch, wenn man will, ein Unterteil der Medienkompetenz im allgemeinen.

### **Adrien Promme:**

Mein Name ist Adrien Promme vom SNJ. Wir organisieren Videoklassen für Primärschulkinder und auch für technische Lyzeen. Wir machen auch Videoprojekte mit Jugendhäusern. Wir haben verschiedene internationale Projekte, wie z.B. bei der Expo 2000 hatten wir einen Jugendfilm, der international mit 6 Ländern produziert wurde, gezeigt. Ich bin hierher gekommen, um zu dokumentieren, dass ich immer wieder überrascht bin, wie schnell die jungen Leute lernen und wie kreativ sie sind.

### **Sarah Gilbertz:**

Mein Name ist Sarah und ich bin auf einer 2<sup>e</sup> im Escher Jongelycée und seit 3 Jahren arbeite ich beim Uelzechtkanal. In den Sommerferien habe ich mit zwei Freunden zusammen ein Fernsehprogramm gemacht für unsere Gemeinde, das war unser Ferienjob. Deshalb habe ich praktische Erfahrung mit den Medien.

### **Robert Soisson:**

Ich habe ganz vergessen, mich selbst vorzustellen. Mein Name ist Robert Soisson. Ich bin Psychologe; ich arbeite seit 25 Jahren in einer schulpsychologischen Beratungsstelle in Esch/Alzette und ich bin interessiert am Thema Kinderrechte und vertrete auch die nationale Kinderrechtskoalition in diesem CNP. Ich war auch mehrmals bei internationalen Konferenzen, wo es um Kinderschutz und Ausweitung der Kinderrechte geht. Der Stein des Anstoßes bei den Kinderrechten ist ja die Partizipation von Kindern und Jugendlichen in und an der Gesellschaft und ihr Fehlen macht sich bemerkbar im Bereich des Umgangs mit den Medien. In diesem Sinne hatte ich versucht, dieses Thema Medienkompetenz als eines der Themen von dieser Tagung hervorzuheben und ich glaube, dass das auch eine wichtige Entscheidung war, besonders wenn man hört, was heute morgen schon dazu gesagt worden ist.

### **Edouard Ries:**

Mein Name ist Edouard Ries. Ich bin von Beruf Biologielehrer, seit 26 Jahren lehre ich Biologie im Lycée de garçons auf Limpertsberg. Ich bin gleichzeitig Lehrbeauftragter für Biologie am Cunlux seit 15 Jahren und seit 2 Jahren arbeite ich halbtags im Ministerium für nationale Erziehung, wo Frau Brasseur mir die Leitung der Reform der Oberstufe im Sekundarunterricht übertragen hat. Und in diesem Sinne bin ich dann eigentlich wie von selbst auch mit dem Problem der Medienerziehung konfrontiert, versuche da die verschiedenen Anträge und Forderungen von eher klassischen Bittstellern unter einen Hut zu bringen und das ist nicht immer ganz einfach.

### **Ed Maroldt:**

Mein Name ist Ed Maroldt. Vor 10 Jahren übernahm ich die Verantwortung für ein fächerübergreifendes Medienprojekt im Sekundarschulunterricht. Vor 6 Jahren übernahm ich die Verantwortung für den Uelzechtkanal, der in diesem Moment der erste Fernsehsender neben RTL war. In meiner privaten Fachbibliothek zu Hause gibt es keine Bücher, die so schnell veraltet sind als die über den Einsatz von Medien im Unterricht. Was nicht veraltet ist, ist der eine Satz des Menschen. Und deshalb möchte ich darüber einige Sätze sagen. Vor über 30 Jahren hat Robert Soisson als Graphiker eine Zeitung illustriert, die im Sekundarschulunterricht zirkulierte, die „Roud Wullmaus“ und die hat damals für sehr viel Aufregung gesorgt. Ich denke, dass damals Lehrer das Bedürfnis hatten, Schüler zu beschneiden, etwas wegzunehmen, weil sie einfach den Eindruck hatten, dass die Schüler damals zu kühn waren, zu weit gingen. Ich muss auch sagen, dass, wenn ich Nummern lese, die damals geschrieben wurden, die gingen, was den Angriff auf die Person von Menschen angeht, doch sehr, sehr weit. Heute habe ich ein anderes Problem: heute leite ich ein Projekt, und ich muss wieder als Lehrer eingreifen, aber diesmal, weil ich den Eindruck habe, dass Schüler zu wenig machen, inhaltlich zu wenig machen. Wenn es denen nämlich nachginge, würden wir permanent im Fernsehen Sendungen über Rock und Lifestyle senden.

Damit kann man sehr gut leben; aber ich als Erzieher denke, dass es nicht allein Aufgabe eines Schulfernsehens sein sollte, nur solche Jugendsendungen zu machen. Also müssen wir eingreifen und haben dann ein schlechtes Gefühl, weil wir eigentlich die Autonomie und den Freiheitsbereich der Jugendlichen beschneiden. Das mal zu der ersten Problematik, die ich als Lehrer heute sehe.

### **Bernt von zur Mühlen:**

